



GEMENGENINFO

RAPPORTS DES CONSEILS COMMUNAUX DU
08.02.2019 ET DU 25.02.2019





SOMMAIRE

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 1^{ER} FÉVRIER 2019

Séance publique:

1. CORRESPONDANCE	08
2. CIRCULATION	08
confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue Antoine Zinnen	
3. FINANCES COMMUNALES	08
3.1. plan pluriannuel de financement des exercices 2020 à 2022 – présentation et discussion	
3.2. approbation provisoire du compte administratif de l'exercice 2017	
3.3. approbation provisoire du compte de gestion de l'exercice 2017	
3.4. approbation du devis relatif à la réalisation de nouveaux bureaux au 2 ^e étage et à la rénovation de la salle Nic Birtz à l'Hôtel de Ville	
3.5. approbation des tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel et des modifications à apporter au chapitre XIV: Gaz - du règlement-taxes général	
3.6. approbation d'un acte de cession gratuite conclu avec les époux Georges Da Silva et Maria Felisa Gomes Duran concernant une parcelle de terrain au lieu-dit « rue Dr Albert Schweitzer »	
3.7. approbation du contrat de bail avec la société GESIM S.C.I. pour un local commercial sis 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte	
3.8. approbation du contrat de bail conclu avec Monsieur Christophe Lequy relatif à la location de la buvette avec dépôt au Parc Mayrisch	
3.9. approbation du contrat de bail conclu avec Monsieur Rui Soares relatif au logement de service près de l'école Ribeschpont	
3.10. approbation du devis remanié relatif au réaménagement des alentours et du parc du Centre sportif René Hartmann et Lycée Nic Bieber	
3.11. approbation du crédit supplémentaire relatif au réaménagement des alentours et du parc du Centre sportif René Hartmann et Lycée Nic Bieber	
3.12. approbation du devis relatif au remplacement de la télésurveillance des réservoirs d'eau potable	
3.13. subsides extraordinaires à allouer	
4. NOUVELLE FIXATION DU SUPPLÉMENT DE NEUF HEURES DE CONGÉ POLITIQUE PAR SEMAINE PARMI LES DÉLÉGUÉS DANS LES SYNDICATS DE COMMUNES	32
5. OFFICE SOCIAL APPROBATION DU BUDGET INITIAL DE L'EXERCICE 2019 TEL QUE MODIFIÉ PAR LE MINISTRE DE L'INTÉRIEUR	33
6. APPROBATION DES CHANGEMENTS DANS LA COMPOSITION DES COMMISSIONS CONSULTATIVES	33
7. PERSONNEL	34
7.1. conversion d'un poste vacant de fonctionnaire communal en poste d'employé communal (service communication et relation presse)(catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif)	
7.2. allocation d'une indemnité pour charges accessoires à une employée communale (service éducation et accueil)	



8. QUESTIONS AU COLLÈGE DES BOURGMESTRE ET ÉCHEVINS

35

Séance à huis clos

9. PERSONNEL

- 9.1. engagement avec décision de classement d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité C, groupe d'indemnité C1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâche variable (éducation et accueil)
- 9.2. engagement avec décision de classement de 3 employés communaux dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à raison de 20 heures par semaine (éducation et accueil)
- 9.3. engagement avec décision de classement d'un employé communal dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à tâche complète (éducation et accueil)
- 9.4. engagement avec décision de classement d'une employée communale dans la catégorie d'indemnité B, groupe d'indemnité B1, sous-groupe éducatif et psycho-social, à raison de 20 heures par semaine (santé scolaire)
- 9.5. nomination provisoire d'un fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe technique, à tâche complète (service informatique et nouvelles technologies)
- 9.6. démission à accorder à une employée communale (éducation et accueil)
- 9.7. démission à accorder à une fonctionnaire communale (gestion et maintien du patrimoine, gaz et eau)
- 9.8. démission à accorder à une fonctionnaire communale (santé scolaire)
- 9.9. départ à la retraite d'une employée communale (éducation et accueil)
- 9.10. démission à accorder à un employé communal (maison des jeunes)

RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 25 FÉVRIER 2019

Séance publique:

1. PROJET SHARED-SPACE (AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE) – PHASE 2

40

- 1.1. présentation du projet
- 1.2. circulation – règlement temporaire de la circulation à l'occasion des travaux de réaménagement de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte
- 1.3. finances communales – approbation des modifications du chapitre XXIII: stationnement payant – du règlement-taxes général du 3 février 2017

2. CIRCULATION

57

- 2.1. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue Jean Jaurès
- 2.2. confirmation d'un règlement d'urgence à caractère temporaire de la circulation à l'occasion de travaux dans la rue du Parc



RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 8 FÉVRIER 2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina (sauf pour le point 5 de l'ordre du jour), René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol (sauf pour le point 3.12 de l'ordre du jour), échevins.

Mesdames Sylvie Andrich-Duval (sauf pour les points 2, 4 et 5 de l'ordre du jour), Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude (sauf pour le point 7.1 de l'ordre du jour); Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: néant

Début de la séance à 08.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

1. Aucune correspondance ne figure à l'ordre du jour de façon à ce qu'il est procédé de suite à la liquidation de l'ordre du jour.
2. Circulation – un règlement temporaire de la circulation est approuvé unanimement. Il s'agit de la réglementation de la circulation nécessaire pour permettre les travaux de démolition de l'immeuble 2, rue Antoine Zinnen (an der Griet).
3. Finances communales
 - 3.1 Le plan pluriannuel de financement pour les années 2020 à 2022 est présenté par le bourgmestre. Les conseillers communaux font part de leurs Remarques sans qu'il n'y ait lieu d'approuver le plan.
 - 3.2 Le compte administratif de l'exercice 2017, avisé sans observations par le Ministère de l'Intérieur, est arrêté provisoirement avec 12 voix contre 5 et 2 abstentions.
 - 3.3 Le compte de gestion de l'exercice 2017, présenté par le receveur communal et avisé sans observations par le Ministère de l'Intérieur, est unanimement arrêté provisoirement.
 - 3.4 Les plans et devis pour la réalisation de nouveaux bureaux au 2^e étage et la rénovation de la salle Nic Birtz à l'Hôtel de Ville, pour un montant estimé de 1'259'562,-€ sont approuvés à l'unanimité.

Lors de travaux de construction antérieurs, la hauteur de la salle Nic Birtz (salle des fêtes) a été réduite par l'installation d'un faux plafond suspendu. Par les travaux projetés, la salle Nic Birtz sera

mise en conformité par rapport à la législation concernant la sécurité dans la fonction publique, tout en permettant de créer au deuxième étage des espaces bureautiques supplémentaires. La salle Nic Birtz pourra ainsi accueillir 134 places assises ou 260 places debout. Avec le soutien de l'administration des sites et monuments nationaux, le plafond à caissons initial de la salle des fêtes sera réaménagé dans le cadre de l'agrandissement. Les arcs en anse de paniers sur les murs intérieurs seront restaurés et rendus visibles.

3.5 Les tarifs d'utilisation du réseau de distribution de gaz naturel sont avalisés à l'unanimité.

3.6 L'acte de cession gratuite aux termes duquel les époux Georges Da Silva et Maria Felisa Gomes Duran cèdent gratuitement à l'administration communale de la Ville de Dudelange une parcelle de terrain, sise à Dudelange, Burange, lieu-dit «rue Dr Albert Schweitzer», place voirie, contenant 0,12 are est approuvé avec les voix de tous les conseillers communaux. Les terrains sont cédés gratuitement à l'administration communale en vue de leur intégration dans la voirie publique.

3.7 Est également approuvé unanimement le contrat de bail avec la société GESIM S.C.I. par lequel, la Ville de Dudelange loue un local commercial d'une surface approximative de 180 m², sis 77, av. GD Charlotte, en vue de l'affecter à une exploitation commerciale.

3.8 Le conseil communal marque ensuite son accord au contrat de bail conclu avec Monsieur Christophe Lequy relatif à la location à durée déterminée de la buvette avec dépôt, sise au Parc Mayrisch pour y servir des boissons ainsi que de la petite restauration. Le contrat est conclu pour les saisons 2019, 2020 et 2021.

- 3.9 Avec 12 voix et 7 abstentions est approuvé le contrat de bail conclu avec Monsieur Rui Soares, concierge, pour la location d'une maison d'habitation à titre de logement de service, sis à Dudelange, 43, rue Ribeschpont.
- 3.10 et 3.11 avec 17 voix et 2 abstentions sont acceptés le devis remanié pour un montant global de 1'245'000,-€ ainsi que le crédit extraordinaire supplémentaire afférent d'un montant de 45'000,-€, relatifs aux travaux de réaménagement des alentours et parc du Centre sportif René Hartmann et du Lycée Nic Bieber Dudelange.
- 3.12 Le devis estimatif pour un montant de 110'000,- relatif au remplacement de la télé-surveillance des réservoirs d'eau potable est unanimement arrêté.
- 3.13 Finalement, le conseil communal décide d'allouer les subsides extraordinaires suivants:
- 125,-€ à l'Association Luxembourg Alzheimer en tant que soutien des activités en 2019;
 - 4'897,04-€ à l'a.s.b.l. « Les Amis des Greng Scouten a Guiden Diddeleng » en tant que participation financière aux frais d'entretien du Home Belvédère.
4. Les congés politiques supplémentaires à accorder aux membres de bureaux dans les syndicats de communes sont accordés avec 14 voix et 4 abstentions avec effet au 1er mars 2019. Ainsi 7 heures sont accordées à Madame Claudia Dall'Agnol comme membre dans le bureau des syndicats SICEC et TICE et 2 heures à Monsieur Loris Spina comme membre dans le bureau des syndicats SES et STEP.
5. Unaniment est approuvé le budget initial de l'exercice 2019 de l'office social de Dudelange, tel que modifié par le Ministère de l'Intérieur.
6. Les changements suivants sont adoptés avec les voix de tous les conseillers communaux dans les commissions et groupes de travail:
- commission du 3^e âge: Madame Michèle Petesch remplace Monsieur Jos Thill;
 - commission des sports et des loisirs: Monsieur Jos Thill remplace Madame Cris Ferreira de Mattos;
 - groupe de travail « refonte PAG »: Monsieur Yves Jadin remplace Madame Carole Thoma et Monsieur Jeannot Uri remplace Monsieur Antonio Contins;
 - commission des jeunes: Monsieur François Nicolay remplace Monsieur Vic Haas tandis que Madame Patricia Jochheim quitte la commission;
 - commission scolaire: Monsieur Guy Vitali remplace Monsieur Antonio Contins en tant qu'observateur;
- commission de surveillance de l'école régionale de musique: Monsieur Bernard Villwock remplace Monsieur Antonio Contins et Monsieur Vincent Reding remplace Madame Cécile Hemmen et tant que représentant de la commune de Weiler-la-Tour;
 - commission des bâtisses et du développement urbain: Monsieur Guy Vitali remplace Monsieur Antonio Contins et Monsieur Jos Thill remplace Madame Carole Thoma;
 - commission de la circulation et de la mobilité: Monsieur Christian Weis remplace Monsieur Guy Bouchard;
 - commission des affaires culturelles: Monsieur Jacques Krier remplace Monsieur Maurice Büchler;
 - commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires: Monsieur Vic Haas remplace Monsieur Guy Bouchard;
 - commission des sports et des loisirs: Monsieur Francis Nicolay remplace Monsieur Alain Gibéryen;
 - commission de la sécurité publique: Monsieur Jeannot Uri remplace Monsieur Eugène Zieger;
 - commission de l'égalité des chances et la non-discrimination: Monsieur Guy Vitali remplace Madame Michèle Schmit;
 - les personnes suivantes sont ajoutées au pool des remplaçants: Messieurs Guy Vitali, Bernard Villwock, Jeannot Uri, Christian Weis, Jacques Krier, Francis Nicolay et Madame Maggy Block.
7. Personnel
- Les décisions suivantes sont prises à l'unanimité:
- service communication et relation presse: conversion du poste de fonctionnaire communal, catégorie de traitement B, groupe de traitement B1, sous-groupe administratif (anciennement rédacteur) en poste d'employé communal de la même qualification;
 - allocation d'une indemnité mensuelle spéciale pour travaux rendus dans le cadre de l'organisation administrative et pratique du « Kannergemengerot » à Madame Aleksandra Vujovic.
8. Trois questions ont été posées au collège des bourgmestre et échevins:
- fraction CSV: travaux de rénovation de la rue Boitenberg, accès au garage d'un habitant, vignettes pour parking résidentiel;
 - fraction Déi Lénk: consultation citoyenne en rapport avec l'établissement du nouveau plan d'aménagement général de la Ville;
 - fraction CSV: gratuité du transport en commun.
- Audites questions, il est répondu séance tenante.
- La séance se poursuit ensuite à huis clos.

9. Décisions de personnel

- les personnes suivantes sont engagées comme employés communaux: service éducation et accueil: Mesdames Nathalie Depasse, Rina Geci, Sandy Havé-Harpes, Laure Schaeffer, Alisa Kozar; service santé scolaire: Sheila Riganelli-Schmit;
- démissions sont accordées à Mesdames Vanessa Tritz, service éducation et accueil, Nadine Grein, gestion et maintien du patrimoine, Véronique Micelli, service santé scolaire et Monsieur André Marques, maison des jeunes, tandis que Madame Suzanne Kemp, service éducation et accueil, est admise à la retraite.

Les prochaines réunions du conseil communal sont fixées comme suit:

- lundi, 25 février 2019, 17.00 heures – shared space (présentation Phase 2, circulation, taxes);
- vendredi, 22 mars 2019, 08.00 heures;
- vendredi, 26 avril 2019, 08.00 heures.

Fin de la séance vers 11.15 heures.

RAPPORT SUCCINCT DE LA RÉUNION DU CONSEIL COMMUNAL DU 25 FÉVRIER 2019

Présents: Messieurs Dan Biancalana, bourgmestre; Loris Spina, René Manderscheid; Mesdames Josiane Di Bartolomeo-Ries et Claudia Dall'Agnol, échevins.

Mesdames Sylvie Andrich-Duval, Martine Bodry-Kohn; Messieurs Bob Claude; Jean-Paul Friedrich, Jean-Paul Gangler, Robert Garcia, Henri Glesener; Madame Romaine Goergen; Messieurs Vic Haas, Yves Jadin; Madame Michèle Kayser-Wengler; Monsieur Claude Martini; Madame Emilia Oliveira et Monsieur Romain Zuang, conseillers.

Patrick Bausch, secrétaire communal.

Absent: néant

Début de la séance à 17.00 heures.

Monsieur le bourgmestre ouvre la séance en souhaitant la bienvenue à tous les membres.

La réunion a été convoquée pour délibérer uniquement au sujet des décisions à prendre dans le cadre de l'exécution de la 2^e Phase du projet d'aménagement de la zone de rencontre « shared-space » dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte.

Il est de suite procédé à la présentation de la 2^e Phase du projet. Monsieur Nico Steinmetz, architecte de l'atelier d'architecture STEINMETZDEMEYER ainsi que Madame Nathalie Muller et Monsieur Tom Steichen du bureau des ingénieurs-conseils Schroeder & Associés présentent le concept urbanistique et le détail des travaux à effectuer.

La 2^e Phase du projet concerne la partie de l'avenue Grande-Duchesse Charlotte, depuis l'embouchure de la rue Dominique Lang jusqu'au début de la zone de rencontre actuelle.

Après la présentation et les échanges d'opinion des conseillers communaux, il est procédé à la liquidation de l'ordre du jour.

Ainsi, le règlement temporaire de la circulation, nécessaire pour permettre l'exécution du chantier d'aménagement de la zone de rencontre dans l'avenue Grande-Duchesse Charlotte est approuvé avec 16 voix et 3 abstentions.

En conséquence des travaux et en vue de limiter l'impact sur les possibilités de stationnement, le conseil communal décide à l'unanimité, qu'à partir du début du chantier, le stationnement sera gratuit pour une durée de 30 minutes sur toutes les places de stationnement habituellement soumises à paiement, inclusivement le parking souterrain « Am Duerf ».

Finalement, deux règlements d'urgence à caractère temporaire de la circulation sont approuvés à l'unanimité. Il s'agit de règlements édictés par le collège des bourgmestre et échevins à l'occasion de travaux dans la rue Jean Jaurès respectivement dans la rue du Parc.

Fin de la séance vers 18.30 heures.



GEMENGEROTSSITZUNG VUM 8. FEBRUAR 2019

1. KORRESPONDENZ

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Gudde Moien, ech begréissen lech hei an eiser Gemengerotssitzung vun haut, de Gemengerot ass a senger Kompositioun bal komplett, d'Sylvie Andrich trëfft nach am Laf vum Moien an. Dëst gesot, den éischte Punkt ënnert Korrespondenz, do hu mir de Moment näischt, da gi mir iwwer op den zweete Punkt, d'Circulatioun, do läit e Règlement d'urgence vir an der Antoine Zinnen Strooss.

2. VERKÉIERSREGLEMENTER

Confirmatioun vun engem dréngende provisoiresche Verkéiersreglement während den Aarbechten an der Antoine Zinnen Strooss

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Jo, dat geet schnell, Dir wësst, dass si an der Antoine Zinnen Strooss um Eck amgaange sinn, d'Veräinshaus ofzerappen, do steet e Kran a fir dass se kënnen ukomme mat den Aarbechten, huet de Schëfferot - well jo kee Gemengerot war - den 28. Dezember eben e Règlement d'urgence missen huelen. D'Aarbechte sinn awer hannendran, bedéngt och virun allem duerch dat schlecht Wieder, well si wollten eigentlech den 1. Februar fäerdeg sinn. Mir hunn dunn den Règlement d'urgence vum 28. Dezember verlängert a mir mussen dat duerch de Gemengerot confirméiere loossen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol. Si Froen dozou? Neen, da géif ech proposéieren, dass mir zum Vote géifen iwwergoen. Wien ass mat deem Verkéiersreglement averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

Da gi mir op den drëtten Punkt iwwer.

3. GEMENGEFINANZEN

3.1. Pluriannuell Finanzplang fir d'Geschäftsjoren 2020 bis 2022 – Presentatioun an Diskussioun

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Den éischte Punkt ass de Plan pluriannuel de financement vum Joer 2020 bis 2022, wou mir hei eng Presentatioun an eng Diskussioun maache ronderëm de PPF. Deen Exercice ass fir Perspektiven ze gi fir 3 Joer, mir maachen hei jo dann ëmmer d'Presentatioun an d'Diskussioun, et genügt eis also net - esou wéi d'Gesetz et virgesäit - mat enger renger Kommunikatioun, mir ginn hei e Schratt méi wäit.

Hei kënnen d'Kollegen an d'Kolleginnen aus dem Gemengerot och herno dozou Stellung huelen an dëst Dokument ass och ënner der Verantwortung vum Schëfferot. Mir sinn dru gehalen, de PPF virum 15. Februar eranzereche beim Ministère de l'Intérieur, do leie mir largement an den Delaien. D'Opstellung vum PPF fousst jo och op d'Circulaire déi Dir virleien hutt vum 24. Dezember déi eng ganz Rei Präzisioone gëtt, zum Impôt commercial, zum Fonds de dotation globale des communes an zur Indexatioun vun de Salairen.

Et ass jo och esou, dass eis Finanzkommissioun de 6. Februar getagt huet. Et ass esou, dass mir hei eng Iwwersicht kréien iwwert d'Finanzsituatioun fir déi nächst dräi Joer, 2020, 2021 an 2022 an déi Propektioun fousst natierlech och drop, wéi de Kont vum Joer 2017 ass, Rectifié 2018 an Initial 2019, dat si Parameteren, déi hei mat erageholl ginn.

Wann een e Bléck werft op d'Recette-ordinaires, déi evoluéieren vun 2020 op 2022 vun 103 Milliounen Euro op 107 Milliounen Euro. Wann een do am Detail kuckt, de Fonds de dotation globale des communes dee geet vun 66,2 Milliounen Euro op 74 Milliounen Euro erop, also ronn 8 Milliounen Euro méi, déi mir do kréien iwwert déi 8 Joer.

Wann een den Impôt commercial kuckt, dee bleift relativ stabil, dee pendelt sech tëscht 1,7 an 1,8 Milliounen Euro an a keng nennenswäert Evolutioun, dat wësse mir classesch, dass den Impôt foncier, dee bleift bei 0,8 Milliounen Euro.



Wat een hei am PPF erëmfënnt, dat huet och mat de Projeten ze di vum Joer 2020, dass mir éischtmoleg och op eis Reserve zeréckgräifen, mir hu jo eng Reserve vun 9 Milliounen Euro a mir gräifen elo fir d'éischt Kéier drop zeréck.

Wa mir dann op d'Dépense-ordinaires eriwwer ginn, déi hunn eng Evolutioun vu 84 Milliounen Euro op 87 Milliounen Euro vun 2020 op 2022, do gesäit een hei d'Personalfrais, vu 47,6 Milliounen Euro op 50 Milliounen Euro erop, dat si virun allem d'Personalfrais, déi weiderlafen, d'Indexatiounen, d'Bienallen, also déi hei lafen. Hei sinn och keng nei Engagementer méi an deem Sënn virgesinn.

Dann, an der Recette-extraordinaires, do gesäit een d'Subsiden, virun allem staatlech Subsidien, ronderëm d'Bildungshaus Lenkeschléi, respektiv awer och de Strutzbierg C, d'Schwämm an de Gymnase, d'Crèche am Quartier Italien, wou mir jo 100% vun den Infrastrukturskäschten iwwerhuelen awer herno 100% vun de Personalkäschte gedroe ginn iwwer den Educatiounsministère.

Et ass awer och Subside vun der Maison Relais Ribeschpont dran, dee Projet dee momentan nach ze stëmmen ass, wat den Devis ugeet, do kréie mir awer och Subsidien, an dann och d'Schoul Balzeng, déi mir och wëllen ausweiden.

Dat huet mat all de Projeten ze dinn, déi an deem doten Eck wäerten ufänken an deenen nächste Joer an Dir gesitt och am Kader vun enger Recette extraordinaire en Emprunt, dee mir mol ageschriwwen hunn, vun 7 Milliounen Euro, wat natierlech och zur Konsequenz huet, dass um Niveau vun der Dépense-ordinaires d'Annuitéite liicht an d'Luucht ginn.

Wou mir eng méi virsiichteg Approche haten, ass par rapport zum Pacte Logement, sécherlech de Quartier Lenkeschléi, respektiv kleng PAPen, do wäerten natierlech Awwunner kommen, mä mir wëssen awer och, dass d'Pro-Kapp-Dotatioun am Fong regressiv ass wat de Montant ugeet an och 2021 de Pacte Logement ausleeft, respektiv en neie Pacte Logement an der Ausaarbechtung ass.

Dann, d'ausseruerdentlech Depensen, wéi gesot wann een do den Invest vun 2020 bis 2022 kuckt, iwwer déi 3 Joer hu mir viraussichtlech en Invest vun 81 Milliounen Euro.

Wann een do dee Listing kuckt, déi deck Bléck, déi grouss Projeten, déi eis hei beschäftegen, dat sinn engersäits Projeten, déi schonn amgaange sinn, Projete wou mir dëst Joer wäerten den Devis stëmmen awer och Projeten, déi wéi gesot déi nächst Jore gestëmmt ginn.

Dat ass engersäits natierlech de Complexe scolaire ronderëm de Quartier Lenkeschléi, et ass um Strutzbierg d'Piscine an de Gymnase, dat sinn eis nei Gemengenatelieren, et ass awer och de Shared Space, déi 2. an 3. Phase, an et ass awer och am Quartier Italien den Equipement public.

Dobäi ze rechne sinn och - wou mir ofhängeg si vun de staatlechen Instanzen - d'Butschebuerger Strooss, wou mir dee ganzen Déifbau maachen. Et ass awer och déi oppe Schwämm, d'Maison Relais Ribeschpont, et ass de Reamenagement hei am Gemengenhais, och mat sengen Annexen, de Pompjeesbau, respektiv dee Projet dee mir haut hei nach wäerte stëmmen an et ass awer och - wéi et an der Schäfferotserklärung steet - den Indoor-Hall fir de CAD an och Tennis-terrainen. Dat sinn déi Montanten, ëm déi et sech hei handelt ronderëm d'Dépense-extraordinaires.

Wat een nach soe kann, natierlech par rapport zu de staatleche Subsidien, dass iwwerall do wou mir och an de Stroossebau investéieren, mir jo kee Subsid kréien. Natierlech, wéi wäit a wéi héich mir d'Reserven untaaschten oder en Emprunt maachen, hänkt och vum definitive Kont 2018 of.

Dëst mol als generell Ausriichtung vum PPF, déi Projete vun 2019 déi ugeléiert ginn, déi 2020 an 2022 natierlech en Impakt hunn an awer och Projeten, déi mir an Aussicht wëlle stellen, déi mir dann 2020 ugoe kënnen an déi och en Impakt hunn op 2021-2022. Dat zu den Ausféierunge vum PPF an d'Diskussioun ass op. Merci.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, Dir Dammen an Dir Här vum Schäffen- a Gemengerot, wéi den Här Buergermeeschter och schonns betount huet, et ass nëmmen eng Communicatioun de plan pluriannuel, et ass awer en Dokument an der Verantwortung vum Schäfferot an dofir ass et och eis Aufgab als CSV, dat Dokument ze studéieren an och eis Gedanken ze maachen.



Wéi de Buergermeeschter gesot huet, d'Previsiounen wat d'Recetten ubelaangt, si ganz optimisteschesch a loosse mir dann alt hoffen, dass d'Konjunktur zu Lëtzebuerg och weider gutt rullt, well soss kréie mir e Problem.

Zanter Joren ass et och effektiv déi éischt Kéier, dass - de Buergermeeschter huet et schonns gesot - eng Reprise vu 5 Milliounen Euro eventuell virgesinn ass aus eiser Reserve an ech hat do nogefrot an der Finanzkommissioun firwat mir dat maachen an d'Erklärung war, dass mir keng Zënse kréien op eisen Depoten an dass, wa mir en Emprunt maachen, dass dat eis 20 Joer laang belaascht an d'Zënslaascht ass och méi héich, an déi Erklärung huet eis sënnavoll geschénkt an ech denken, dass dat awer vläicht eng Visioun ass, déi een absolut kann deelen.

Wat elo d'Visiounen soss ubelaangt, vermësse mir, dass keng nei Wunnensprojeten am Plan pluriannuel ausser elo NeiSchmelz virgesi sinn, keng gréisser Saache geplangt sinn, keng Visiounen virgestallt goufen.

Et ass och e bësselche schuet, dass mir heiansdo, och an dee leschte Plan-pluriannuellen, dass mir och do keng Wunnensprojete virgestallt kritt hunn, dass mir dann awer herno virun e Fait accompli gesat gi sinn.

Ech betounen elo nach eemol, dass mir net averstane ware mat der Aart a Weis wéi de Projet "A Bëlleg" zustane koom, dass mir do net am Virfeld informéiert gi sinn, dass sollt eppes geplangt ginn, dass dat einfach e private Promoteur ass, deen déi Terrainen realiséiert, dee Projet realiséiert ouni dass mir hätten hei kënnen am Gemengerot eis Visiounen oder anere Kollegen hir Visiounen villäicht mat eranhuelen an eng aner Wunnform kéinten ubidden.

Dat deet eis e bësse leet an dat fanne mir och ganz schuet.

Wat e bësse feelt sinn och Projeten zum Kulturjoer, do steet elo näischt Konkretes an deem Plan pluriannuel dran an ech wollt och konkret nofroen, et ass ëmmer gesot ginn, dass mir d'Fassad vun der Kierch an och weider d'Renovatioun virundreiwen, do steet och elo näischt dran, well dat wier e Budget, deen iwwer eng Millioun Euro géif goen, deen awer och hei misst festleien, dofir meng konkret Fro: Ass do bis 2022 näischt geplangt?

Dann och, eréischt op Nofro an der Kommissioun koumen dunn och d'Explicatiounen dorëms, wat mir och e bësse schuet fannen, wat sech da virgestallt gouf an déi 13 Milliounen Euro, déi fir 2022 virgesi ware fir Projets non votés am Budget extraordinaire an du krute mir ebe gesot, dass den Ausbau vun der Balzenger Schoul geplangt wier, dass eng Hal fir den Tennis an eng Hal fir de CAD geplangt waren an och déi éischt Investor vun Neischmelz. Do ass awer och elo net konkret gesot ginn, wou déi Hale sollen hikommen, do vermësse mir Präzisierungen, mä villäicht kann een dat och schonn haut soen, wou dann déi Hal fir den Tennis an déi Hal fir de CAD ugeduecht ass.

Eng traureg Konstanz, ech soen et all Joer, d'Explosioun vun de Personalfrais. A wat eis virun allem immens erstaunt, dat sinn déi falsch Previsiounen woubäi ech mech ëmmer erëm froen, wou déi Diskrepanz tëschent de Previsiounen vun engem Joer op dat anert Joer méiglech ass?


Ech erënneren dorunner, dass mir am PPF vun 2017 fir dëst Joer, fir 2019, Personalfraisen virgesinn hate fir 41,4 Milliounen Euro. 2018 ass dat schonn no uewe revidéiert ginn op 43,8 Milliounen Euro an elo 2019 ass da fir 2019 virgesi 46,3 Milliounen Euro. Dat ass awer eng Augmentatioun vu 5 Milliounen Euro, et ass ganz schwéier ze erklären, dass dat just ass well mir elo zum Beispill eng Crèche mat Personal an eng Maison Relais bäikréien.

Fënnef Milliounen Euro, dat klénkt awer immens héich an ech fannen et och dramatesch wa mir kucken, dass mir awer 56% vun eisen Dépense-ordinairen, dass déi ëmmer nach a Personalfraisen sinn.

Mir maachen eis natierlech d'Hoffnung, dass den Audit dee geplangt ass, wou d'CSV jo och Jore laang gefuerdert huet, dass mir do déi Personalfraisexplosioun villäicht kënnen andämmen an dass och déi ganz Evaluatioun méi previsibel ass.

Mir haten eis jo och ëmmer gewënscht, dass an de Servicer e sérieuse Screening gemaach soll ginn, eng Straffung an eventuell en Zesummeleeë vu Servicer fir eise Budget e bësse méi ze entlaaschten oder op d'mannst ze stabiliséieren.

Dofir hoffen ech, dass mir deen Audit esou schnell wéi méiglech virgestallt kréien, datt en duerchgefouert gëtt an dass mir dann awer och déi Recommandatiounen an



déi Verbesserungsvirschléi, déi dann do ugeduecht ginn, dass mir déi huelen an datt se ëmgesat ginn.

Bref, mir hoffen, an dat soen ech ëmmer erëm hei, an Zukunft dass mir viru grouse Projeten, wéi gesot, ech hat et kuerz ugeduecht, de Wunnensprojet A Bëlleg, dass mir virun esou gehollen Decisiounen och am Gemengerot déi Projeten duerchkucken, dass mir all zesummen d'Käpp zesummestiechen a kucken a wéi eng Richtung mir ginn, wéi mir eis weiderentwéckelen.

D'CSV ass gäre bereet hiren Input ze ginn, da brauche mir och net ëmmer herno ëmmer ze maulen an ze soueren, mir sinn och gäre bereet, och virdrun Diskussiounen mat opzehuelen an ech denken, et ass eis aller Verantwortung, net nëmmen dem Schafferot seng Verantwortung, vir an den nächste Joren Did-deleng ze plangen an villäicht fält den nächste Plan pluriannuel, dass een do am Virfeld scho besser mate-neen diskutéiert fir ze kucken a wéi eng Richtung e geet, dat wier op jiddefall e Wonsch vun eis a mir wiere frou wann dat op en oppent Ouer géif stoussen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Kayser, d'Wuert geet un d'Romaine Goergen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter Dir Dammen an Dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot, erlaabt mir am Numm vun de Gréngen e puer Wieder ze soen zu dem pluriannuelle Finanzéierungsplang vun 2019.

Et ass jo schéin, dass dofir extra eng Finanzkommission zesumme geruff gëtt an, dass mir eis elo dozou äusseren dierfen, dobäi ass dëst mat Sécherheet dat Dokument vun der Gemeng wat mir virgeluecht kréien, wat am meeschte vu Joer zu Joer schwankt a senge Montanten a wou een den Zuele wierklech net traue kann.

Wa mir da mat der Analyse vun den uerdentlechen Einnahmen ufänken an d'Previsiounen vum leschte Joer mat deene vun dësem vergläichen, da sinn déi e gutt Stéck méi héich wéi fir 2020 an 2021 virgesinn. Dat läit 2020 drun, dass déi 5 Milliounen Euro Reserve genotzt gi fir Investitiounen a bei deenen 2 Joren och un enger steigender staatlecher Dotatioun.

Dofir sinn da wuel och déi uerdentlech Ausgabe méi héich agesat gi wéi dat déi Jore virdrunner de Fall war oder virgesi war. Déi si jeeweils ëm 4 Milliounen Euro

méi héich wéi d'lescht Joer virgesinn.

Mir wëssen, dass dës Plang op Grond vun den Donnéeën vum enger Circulaire vum Ministère agesat ginn ass, déi virgesäit, dass de Staat dës Zommen de Gemenge ka weiderreechen.

Déi nächst Jore gesäit et net aus, wéi wann et enk kéint gi fir de Budget ordinaire an den Equiliber ze kréien, am Fong geholl bräicht een sech net vill Suer-gen ze maachen iwwer déi zukünftég Finanzéierung vu Projeten.

Wat awer bedenklech ass, sinn déi héich Schwankungen an de Previsiounen vun engem Joer zum aneren.

Am Plan de financement vum leschte Joer waren nach 2 Emprunten vun 8 an 9,5 Milliounen Euro fir déi nächst Jore virgesinn, elo gouf awer op 5 Milliounen Euro Reserven zeréckgegraff an op en Emprunt vu 7 Milliounen Euro.

Dat ass natierlech och nozevollzéien, och bei den ausseruerdentlechen Ausgabe ginn 2020 7 Milliounen Euro méi virgesinn an 2022 8 Milliounen Euro méi wéi am viregte pluriannuelle Plang.

Spéitstens elo wësse mir, dass mir bei der Opstellung vun deem Plang net mat enger präziser Wëssenschaft ze dinn hunn. Mir bewäerten dann och dës Plang als dat wat en ass, en Exercice, deen d'Gemenge vum Staat a vun der Europäescher Kommission proposéiert kréien, interessant ze liesen awer kenges-weeegs fiabel. Mir genéissen en da mat Virsicht wéi och schonn déi Jore virdrun. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen. D'Martine Bodry Kohn huet d'Wuert.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Merci, Dir Dammen an Dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot, erlaabt mir och hei e puer Wieder ze soen zum PPF. Dee Plan pluriannuel de financement 2022 baséiert gréisstendeels op Schätzungen an ass dofir nach relativ ongenee. Just d'Zuele fir 2017 si reell an definitiv.

Op der Recettesäit sinn et Schätzungen vu Steiereinnahmen duerch de Staat, op der Depensesäit sinn et besonnesch déi extraordinär Depensen déi sech op Grond vun zäitlechen Verschibungen nach däitlech kënne verännern.



Dass een hei net kann an eng Kugel kucken a wëssen, wat d'Zukunft eis bréngt, schéngt eis all relativ normal ze sinn.

Op der ordinärer Säit gëtt oft bemierkt, dass hei d'Personalkäschte géife kontinuëerlech an d'Luucht goen, wat ech vu menger Säit kengeswees als eppes Dramatesches ugesinn, esou wéi dat heiansdo hei ukléngt, mä et ass dat wat dem Personal och zousteet.

Et ass déi Entwécklung vun hire Paien, et ass dat wat hinnen zousteet an hirer Karriärentwécklung a wann d'Personal méi al gëtt a méi eng grouss Anciennetéit kritt, da schéngt mir dat normal ze sinn, dass och d'Personalkäschten an d'Luucht ginn. Et ass jo net esou, dass d'Personal an Zuele schrecklech an d'Luucht geet mä et ass déi ganz normal Entwécklung vun enger Carrière déi hei, vu dass mir vill Personal hunn, sech och am Budget nidderschléit.

Fir 2018 ass allerdéngs kaum mat negativen Iwwerraschungen ze rechnen. De Finanzminister huet d'lescht Joer beim Staatsbudget fir d'éischt zanter 10 Joer e positivt Resultat ugekennecht. 2018 sinn d'Steiereinnahmen vis-à-vis vum Virjoer ëm 10% an d'Luucht gaangen an dat wäert sech och positiv op d'Steiereinnahme insgesamt vun eiser Gemeng bemierkbar maachen. Dat definitiivt Resultat fir 2018 wäert also wahrscheinlech besser sinn ewéi dat hei am PPF steet.

Et ass awer och hei zu Diddeleng gutt a verantwortungsvoll mat eise Finanzen gehaushalt ginn. Déi Diddelenger Gemeengefinanzen si gesond an dofir kann d'Gemeng sech och e Rekordsinvestitiounsprogramm finanzéieren.

D'Investissementen gi gréisstendeels iwwer Eegemëtzel finanzéiert an nëmmen zu engem klengen Deel duerch en Emprunt vu 7 Milliounen, respektiv e Réckgrëff op Reserve vu 5 Milliounen Euro. Domadder kann en Enkpass 2020 iwwerbréckt ginn. Fir dat nächst Joer gëtt mat iwwer 35 Milliounen Euro ausseruerdentlechen Ausgabe gerechent. Dat ass et bis elo hei zu Diddeleng nach net ginn.

Dat erkläert sech doduerch, dass e puer grouss Projete vun der Gemeng 2020 gläichzäiteg finanzéiert musse ginn. D'Schoul Maison Relais op Lenkeschléi, d'Crèche an Italien, de Shared Space, Balzeng, dës Investissementen sinn awer wichteg an néideg an och eigentlech net kontestéiert, wann ee reell ass,

well Diddeleng net stoe bleift, net stoe bleiwen dierf, mä sech permanent erneiert an sech den Erausforderunge vun der Zukunft stellt fir weiderhi sengen Awunner eng héich Liewensqualitéit ze bidden.

Dofir dierf hei net op eemol en Investitiounsdefizit entstoen, mir sinn dat där nächster Generatioun och schëlleg.

2020 falen déi ausseruerdentlechen Ausgaben op 20 Milliounen Euro, nach ëmmer historesch gesinn e ganz héijen Niveau.

Trotz Rekordinvestissementen bleift d'Finanzlaascht awer niddereg. 2022 bei knapp 1,7 Milliounen Euro bei engem Total vu geschätzten 107 Milliounen Euro uerdentlechen Einnahmen, dat si manner wéi 2%.

Dës Finanzplang, weist, dass d'LSAP eng ambitiéis Finanzpolitik mécht, all hir wesentlech Projeten vum Programm sinn ze finanzéieren an virun allem d'Bezuele vun de Projete gëtt net op déi nächst Generatioun ofgewälzt. Eis Stad ass a gudden Hänn. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi dote Stellungnam. Weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Da géif ech kuerz op eng Rei Punkten agoen.

Ech wëll vläicht nach eng Kéier betounen - dat schéngt nach net richteg duerchgedrongen ze sinn - dass mir hei am Gemengerot méi wéi eng Kommunikatioun maachen, ech kenne Gemengen, do kritt de Gemengerot déi doten Zuelen einfach zougestallt an dat war et. Mir maachen hei eng Presentatioun, eng Diskussioun, en toute transparence, dat ass e Choix, dee mir hei gemaach hunn.

Dann, par rapport zu de Visiounen, dat wat mir hei an de Raum setze vu Projeten, ass net méi an net manner wéi d'Exekutioun vun der Schäfferotserklärung. Dat ass de Kontrakt, deen dës Majoritéit mat de Buergerer agaangen ass, wou se d'Oppositioun gär mat eranhëlt fir Diddeleng weiderzedreiwen, dës ass op alle Fall ganz kloer d'Visioun, déi mir fir Diddeleng hunn an déi exekutiere mir och hei am Kader vum PPF an och vun deene Projeten, déi hei Nidderschrëft fannen.

Wann ee gäre wëll matschwätzen am Kader vum Wunnebsbau, respektiv vu Projeten - an déi Diskussioun hate mir hei jo ronderëm d'Modification ponctuelle vum



PAG "A Bëlleg" - ma hei musse mir eis bewusst sinn, dat sinn Terrainen, déi engem Proprietär gehéieren an och de Proprietär definéiere kann, wou et higeet an natierlech och all Aval dem Gemengerot ka ginn, respektiv kann de Gemengerot och Recommandatiounen ausschwätzen an deem Kader.

Et ass also net esou wéi wann de Gemengerot net géif mat Projete befaasst sinn, wou en och kéint seng Iwwerleeunge mat erabréngen a mir sinn och hei eréischt am Ufank vun der Prozedur. Ech wëll net op déi Diskussioun zeréck kommen, déi mir am Kader vun der Konfusioun haten am Gemengerot säitens der CSV, wat déi Modification-ponctuellé vum PAG, respektiv herno d'PAPen ugeet, déi kommen.

Hei si mir elo - well d'Fro komm ass vun der Madame Kayser par rapport zum Kulturjoer 2022 - dat fënnt ee sécherlech hei deelweis erëm, nach muss ee jo kucke wéi eng konkret Projete mir hunn, nach si mir an Diskussioun mat den Associatiounen, respektiv mat den industriellen Acteuren, wéi dat kann ausgesinn, esou dass kee konkrete Projet do ass, mä et ass natierlech virgesinn, dat ass jo kloer, dass 2021 Preparativen an virun allem dann och d'Joer selwer, 2022, op eis wäerten duerkommen, an do sinn och aner Acteuren, déi finanziell mat dru bedeelegt sinn.

Mä vu dass am Moment d'ASBL och amgaangen ass ze kucken, en Appel à projets ze lancéieren, deemno wéi eng Projete mir hei zeréckbehale wäerten, wäert dat natierlech och en Impakt hunn hei op de Budget 2021-22.

Dann, zu de Personalfrais, effektiv, déi Bestand-sopnam wéi mir eis Gemeng besser kënnen opstellen, vu dass mir eng Rei Projeten hu fir Diddeleng weiderzëentwéckelen ass et och wichteg ze kucken, dass mir eis personaltechnesch gutt opstellen. Mir si gutt opgestallt, mir wëssen awer och, dass déi Erausforderungen un d'Gemeng Diddeleng an och un d'Personal awer och un déi politesche Responsabel, déi hei am Raum sëtzen, net wäerten of- mä éischer zouhuelen. Et ass also an deem Kontext wichteg ze soen, dass mir eis do gutt opstelle fir déi Qualitéit ze wahren, déi mir do hunn.

Wat d'Fassad vun der Kirch ugeet, dat ass sécherlech eng Diskussioun, déi mir mat der Kierchefabrik féiere wäerten, mir si jo Proprietär vun de Gebai-lechkeeten. D'Iwwerleeung war déi, wéi ech dat och

schonn am Kader vun de Budgete sot, do war eng kloer Ausso ob ee kucke kann, ob ee parallel zu der 3. Phase vum Shared Space dat maache kann, iwwer e Switch, dee mir gemaach hu ronderëm d'Sinnen-Plaz, ob et do Sënn mécht, dee viregten Deel ze maachen, dat muss nach gekläert gi mat de lokale Responsabelen, wat een do als Ordre de priorité sech soll ginn.

Et ass richtig, dass dëst Dokument par rapport zu der Madame Goergen hirer Ausso, de Staat muss e Pluriannuel maachen, respektiv sinn hei awer och Prescriptiounen vun der Europäescher Unioun, wéi d'Gouvernance économique um europäeschen an nationalen an och um lokale Plang soll sinn, an natierlech fousse déi Provisiounen, déi mir hei maachen, op der wirtschaftlecher Entwécklung, op d'Ekonomie, ob se gutt leeft.

Wann se eemol manner gutt leeft da gi d'Chifferen no ënne revidéiert an natierlech awer och op eis Realitéit um Niveau vun der Finanzlag - an do deelen ech ganz kloer och d'Aussoe vun der Madame Kohn - dass mir an enger gudder Ausgangssituatioun si fir dës Projeten ëmzesetzen, wou mir engersäits natierlech och Reserven hunn - an d'Madame Kayser ass drop agaangen - dass mir déi mol eng Kéier untaaschten, well d'Gemeng ass och kee Spuerveräin, mir hunn déi Suen op der Säit a wa Momenter sinn, da soll een op déi Suen zeréckgräifen, besonnesch wann d'Situatioun sech entwéckelt, net dass een op eemol negativ Zësen dorop bezilt, dat soll et net sinn.

Dofir soll een op déi Reserven zeréckgräifen, wann et néideg ass an hei gräife mir dann och drop zeréck well mir gréisser Projete fir d'Sad Diddeleng wëllen ëmsetzen an dann och wëllen Emprunte maachen, déi an engem méi minime Kader sinn.

Villäicht stellt sech och eraus, dass mir och keen Emprunt brauchen, also wéi gesot, dat eent si Previsiounen an dat anert d'Realitéit, wéi d'Finanzlag sech entwéckelt, nach mengen ech, dass mir hei e PPF virleien hunn, deen hei eng Marschrichtung ugëtt wat d'Entwécklung vun der Stad Diddeleng ugeet, och um Niveau vum Wunnensbau.

Iwwer dës Dokument brauch net ofgestëmmt ze ginn. Et ass an der Verantwortung vum Schäfferot, dofir hunn ech hei nach Stellungnam geholl en fonction vun deene verschiddene Punkten, déi vun de Memberen opgeruff goufen, an dat wieren d'Conclusiounen zu dem PPF.



3.2. Provisorisch Approbatioun vum Verwaltungskont vum Geschäftsjoer 2017

3.3. Provisorisch Approbatioun vum Gestionskont vum Geschäftsjoer 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech proposéieren, dass mir weiderginn op den nächste Punkt, dat ass engersäits de Compte administratif an andersäits de Compte de gestion vum Joer 2017.

De Compte administratif gëtt normalerweis vum Schäfferot erstallt, an de Compte de Gestion gëtt vum Receveur erstallt. Dir hutt déi 2 Dokumenter virun lech leien, am Fong kommen se zu der selwechter Conclusioun, just den Opbau ass eben anescht ers gemaach.

Dir gesitt och, dass säitens vum Inneministère keng Observatioun virläit fir déi 2 Konten an dofir dann hei d'Demande vum Inneministère virläit, dass proviso-resch déi 2 Konte sollen arrêtéiert gi fir dass den Inneministère duerno och kann definitiv déi Konte vun der Stad Diddeleng guttheeschen.

Wann een elo wëll hei op den Detail agoen, fir awer e puer Zuelen ze nennen, wat de Kont 2017 ugeet, wat d'Recetten ugeet am ordinäre Beräich, dat waren 81,5 Milliounen Euro an am extraordinäre Beräich sinn et 7,2 Milliounen Euro, d'uerdentlech Depense sinn 73,9 Milliounen Euro an d'ausseruerdentlech Depense sinn 13,7 Milliounen Euro, dat bréngt eis e Boni am ordinäre Budget vu 7.561.830 Euro.

Wa mir dann op der anerer Säit vum Kont 2016 dee Boni, dee mir gemaach hunn, mat bäihuelen, dat waren 11.556.197 Euro, dann hu mir e generelle Boni vun 19.118.027 Euro.

Wa mir dann dee Mali am extraordinäre Budget kucken, dat waren 6.453.450,29 Euro esou dass mir en definitive Boni am Kont 2017 hu vun 12.664.574,48 Euro, dat ass eng ganz gutt Ausgangspositioun an Dir hutt jo och gesinn, dass deen dote Montant schonn agefloss ass an de Plan pluriannuel de financement, also och hei eng finanziell gutt Ausgangspositioun fir d'Projeten 2018 well och déi heiten Zuelen een erëm-fënnt am Budget initial rectifié 2018, respektiv am Initial 2019, sou dat ass mir och déi Linearitéit hei hunn an der Finanzlag.

Dat zu de proviso-resche Konten, déi de Gemengerot soll guttheesche fir d'Joer 2017, an d'Diskussioun ass op. Madame Kayser.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech géif mol soen, elo si mir erëm an der realer Welt, wéi Dir och virdru gesot hutt bei der Diskussioun vum Plan pluriannuel, do sinn et méi d'Visiounen fir déi nächste Joren an hei gesäit een dann effektiv wat dann ënnert dem Stréch dobäi erauskënnt an et ass eben esou, dass déi Previsiounen net ëmmer previsibel sinn, dat hutt Dir och grad erkläert, dass et net ëmmer esou geet wéi een sech dat virstellt.

Dës Kéier war et jo ganz angenehm, dass et an de Recetten ëmmer vill besser gaangen ass wéi mir eis dat virgestallt hunn, dat ass jo angenehm. Trotzdeem muss ee feststellen, dass wéi all Joer d'Exekutioun vun de Projeten, wat mir dann erëm gesinn am extraordinäre Budget, dass dat net ëmmer esou geet wéi een sech dat virstellt, dat weist sech doranner, dass virgesi waren 21,5 Milliounen Euro am extraordinäre Budget ze investéieren, an dass mir awer effektiv just 13,7 Milliounen Euro Investor an deem extraordinäre Budget elo kënnen aschreiwen.

Dann, e puer Explikatiounen dozou si villäicht awer wichteg, dass mir déi kréien. Wann ech elo zum Beispill kucken, dass ebe vill Saachen ëmmer reportéiert ginn op 2018 an ech hu gekuckt gehat, am Budget 2019 sinn awer verschidde Saache guer net méi weidergefuert ginn, ech schwätzen elo zum Beispill vun der Etude en vue de l'optimisation de la fluidité du trafic, do waren 53.000 Euro virgesinn 2017, 0 Euro si réaliséiert ginn. Op 2018 ass dat reportéiert ginn, 2019 stinn erëm 0 Euro dran, do krute mir awer och nach ni e Resultat vun där Etüd oder ass déi ofgeschloss ginn oder ass déi ad acta geluecht ginn?

Et wier awer elo mol de Moment, och dozou e Wuert ze soen, wéi och zu de Frais pour l'étude Suppression des passages à niveau, do waren och 2017, 76.000 Euro virgesinn, 0 Euro si réaliséiert ginn. Et gouf reportéiert op 2018, och erhéicht ginn op 120.600 Euro, 2019 stinn do erëm 0 Euro dran, do ass och d'Fro wéi wäit mir dat dann elo réaliséiert hunn, an dass mir dat och kënnen eng Kéier gewise kréien.

Wéi gesot, et sinn e puer esou Punkte wou een sech freet, ass dat einfach ofgebrach ginn oder kréie mir och do eng Kéier eppes virgestallt genau esou wéi



Développement économique, Zone Helper, dat ass och eppes wat eis ëmmer erëm beschäftigt, do ass och Frais d'établissement PAP, do waren 74.000 Euro virgesi ginn, déi sinn net genotzt ginn, déi sinn och iwwerschriwwe ginn op 2018.

An de Previsioun fir 2019 am Budget 2019 Dokument, do stinn och elo erëm 0 Euro dran, do ass och elo meng Fro, wéi wäit si mir do, villäicht wier och do elo de Moment fir e puer Explikatiounen ze ginn.

Wat mech e bësselchen erstaunt, dat sinn esou Saache wéi den Oral History Project, dee war och ugesat mat 28.000 Euro, do weess ech net ob dee weidergefouert gouf well an der Exekutioun stinn do och 0 Euro dran.

Dann, wat och komesch ass, entweder war do e falschen Devis gefrot ginn, de Bain froid Hartmann, do ware virgesinn 21.100 Euro, et sinn awer nëmmen 2.500 Euro, dat ass jo awer eng diametral Differenz, do ass dann d'Fro: Wéi koom et zu esou engem héijen Devis?

Et sin just e puer Punkten, déi ech erausgepickt hu fir och ze kucken, lauschter, et muss een och e bësse méi riguros Kontroll maachen, och scho bei den Devisen, éier een et aschreift, et si verschidde sécher Elementer déi dozou féieren, dass Projeten net realiséiert ginn, dass se iwwerschriwwe ginn, mä heiansdo ass et flott wa mir do zousätzlech Explikatiounen kréien.

Wat erstaunlech ass, et ass den 1. Dekont zanter Joren, wou de Ministère näischt aussetzen huet. Et ass alles approuvéiert ginn. Dat ass awer erstaunlech, mä wat mech awer irritéiert huet, dat ass op der leschter Säit, dass am Tableau récapitulatif, dass do Chiffere per Hand agesat goufen, dat huet net esou professionell ausgesinn, dat war just eng Remark, déi ech wollt maachen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Madame Kayser, ech ginn herno op déi verschidde Punkten an. Nach weider Stellungnamen? Madame Goergen.

Romaine Goergen (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, ech géif dann och zu de Konte vun 2017 kommen an se kuerz analyséieren.

Am uerdentlechen Deel si bei de Recetten eppes méi wéi 4 Milliounen Euro erakomm wéi am Budget virgesinn. Dat ass gréisstendeels ze erklären duerch d'Dotatioun vum Staat, déi duerch bal 3 Milliounen Euro méi héich ausgefall war wéi virgesinn.

Dat war dat éischt Joer wou deen neie Finanzierungssystem vun de Gemengen a Kraaft getratt ass, mat engem méi gerechten Verdeelungsschlüssel vun deem mir och hei zu Diddeleng profitéiert hunn.

Bei den uerdentlechen Ausgabe si mir net grad 2 Milliounen Euro ewech vun dem urspréngleche Budget, do ass de gréisste Posten, deen dat kann erklären, wéi üblech de Restanten Etat vun 1,2 Milliounen.

Am Budget extraordinaire dierfte jo och kaum Ofännerunge kommen, vu dass do jo keng gréisser Iwwerraschung kënne virkommen, ausser bei der Dotatioun, déi an der Lescht ëmmer besser ausgefall ass wéi erwaart.

Beim Budget extraordinaire gesäit et anescht aus, zwar leien d'Recetten an d'Konten zimlech no bei deene vum Budget, nämlech bei 7,2 Milliounen Euro amplaz vu 7,6 Milliounen Euro, déi virgesi waren, allerdéngs gesäit een am Detail, dass ganz aner Subside virgesi waren ewéi déi, déi schlussendlech komm sinn.

Ausser der Durchlaftax fir de Gas ass kee Montant esou ausgefall wéi virgesinn.

Beim Pacte Logement kréie mir vill méi eran, an och bei de Subside fir d'Sportsinfrastruktur fir de Centre Hartmann. Dofir kommen awer staatlech Subsidien net oder nach net, well déi betreffend Infrastrukturen nach net esou wäit waren.

Och beim Klimapakt kréie mir nëmmen 175.000 amplaz 250.000 Euro, dat heescht jo wuel, dass mir par rapport zu de Virgaben net esou wäit ware wéi virgesinn.

Wat schliisslech déi ausseruerdentlech Ausgabe vun 2017 betrëfft, esou ass do en zolitten Ënnerschied tëscht dem Kont vun 13,7 Milliounen Euro par rapport zu den zougestane Kreditter vun 21,4 Milliounen Euro an dem Budget initial vun 7,1 Milliounen Euro.

Erstaunlecherweis fënnt sech awer an de Konte kaum ee Projet, deen net wéinstens ugefange gi wier.



Déi grouss Zomm kënnt zustanen aus ganz villen Ofwäichungen a Beräicher tëschent 300.000 Euro fir den Eclairage public, zum Beispill, an 700.000 Euro fir den Opkaf vun Terrainen an Immobilien.

Mir bedauern, dass dat Joer déi ausseruerdentlech Ausgaben esou schlecht ageschat gi sinn, mir kënnen awer keng Onreegelméissegkeete feststellen, déi géife justifiéieren, dës Konten net guttzeheeschen. Et ass just och schuet, dass elo wou mol eng Kéier déi Konte mam pluriannuelle Plang zesummegefall sinn, net och d'Finanzkommissioun mat dëse Punkte befaasst ginn ass.

Déi Gréng stëmmen also de Konten zou a mir waarden awer op déi Erklärungen, déi d'Madame Kayser gefrot huet. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci der Madame Goergen, gëtt et nach weider Stellungnahmen? Gutt, da ginn ech generell op e puer Punkten an och en fonction vun den Aussoen, déi souwuel vun der Madame Kayser wéi och vun der Madame Goergen gefrot gi sinn.

Et ass esou, dass wa mir dee Kont hunn, respektiv den Initial an de Rectifié, do si mir oft an der Situatioun par rapport zu de Recetten an den Depensen, dass mir an eise Budget jo Subsidien aschreiwen, mä, dass et och déi Realitéit ass, dass heiansdo d'Ministèren se net zu deem Zäitpunkt ausbezuele wéi mir eis dat erhoffen, dofir ass dann och emol e Report op dat Joer duerno. Dat ass d'Erklärung, zum Beispill, dofir dass een domadder Recette-extraordinairen huet wéi ee virgesinn huet.

Dann, generell och par rapport zu der Exekutioun vun de Projeten, am Budget hues de engersäits d'Nidderschrëft vu Projeten, déi schonns amgaange sinn, déi sech dann oft fir méi gréisser Projeten iwwer 2-3 Budgetsjoren nidderschreiwen, du hues awer och ëmmer an dengem Budget Zommen drastoe vu Projeten, déi dat Joer sollen ugefaange ginn, wou da jo och hei am Gemengerot den Devis gestëmmt gëtt, mä wou mir och ëmmer wëssen, dass awer – an och dat ass d'Realitéit – ronderëm d'Ausschreiwungen, d'Marché-publicuen, déi gemaach ginn, dass natierlech engersäits de Montant do ass fir de Projet ëmzesetzen, dat ass jo och d'Viraussetzung, dass de Kredit do ass, awer och herno wann d'Exekutioun vum Projet ass, dass do emol e Verzicht ka kommen, wat eben och

d'Exekutioun ugeet an och d'Facturen, déi erakomme vun den Entreprises, well et ass och dat wat de Budget hei ausmécht a wat een och hei gesäit.

Dat heescht, dat sinn dann déi Verlagerungen, déi kënnen stattfannen nientwéi de Rapporten. Et ass eben eng ganz Komplexitéit, déi och an der Realitéit ebe stattfënnt duerch déi verschidden Exekutiounen vu Projeten.

Et ass richtig, am Nachhinein deelen ech der Madame Goergen hir Approche, et hätt een déi Konten och kënnen an der Finanzkommissioun zesummen duerchhuelen, deen Exercice hätt ee kënnen maachen a mir sollten dat fir de provisoiresche Kont 2018 och maachen, fir datt een dat diskutéiert, domat hunn ech och absolut kee Problem an ech hat och gesot, dass ech dat wëll maachen, dass een deen Exercice hei zesummen an der Finanzkommissioun kann duerchhuelen.

Dann zu de Remarken, déi gemaach goufe par rapport zu der handschrëftlecher Rectificatioun, et ass de Ministère de l'Intérieur, deen dat gemaach huet. Dat heescht, si kënnen dat maachen, mir hunn et jo approuvéiert zeréckkrut vun hinnen ouni Remark, mä si hunn dat effektiv esou gemaach.

Wat deen Oral History Projet ugeet, deen ass manner héich ausgefall well deen och ofgeschloss ass, dat war dee Projet ronderëm d'Niddeschgaass, dee mir gemaach haten, deen hu mir jo och esou genannt, do hat d'Gemeng dee Projet och gestëmmt, dat war déi historiesch Opschaffung vun der Niddeschgaass, dat war deemools mat der Madame Caregari wou mir dat gemaach hunn. Dee Projet war fäerdeg an dofir och net méi esou héich ausgefall um Niveau vun den Depensen.

Par rapport zum PAP Zon Helper, do hu mir einfach mol Kreditter virgesinn, de Moment lafen Diskussiounen mat den eenzele Proprietären, säitens och vum Planerbüro fir ze kucken, wat d'Iwwerleeungen an d'Aschätzungen vun de Proprietäre sinn, wat d'Entwécklung vun deem Site ugeet.

Dann d'Etüd du Flux du trafic a Suppression des passages à niveau, ech mengen, dat ass am Fong parallel ze kucken, dat ass déi ganz Diskussioun déi mir haten an nach ëmmer hunn an och nach wäerten hunn, mat den CFL, Ponts et Chaussées, respektiv de Minister ronderëm d'Entwécklung vun der Haaptgare, mat de Barrièren, dat ass am Fong e Ganzt.



2017 waren nach eng Rei Elementer, déi mir net haten, a wou mir gesot hunn, dass mir dee Projet net esou weiderdreiwe kënnen, wéi mir eis dat virgestallt hunn, well op enger Rei Punkten Erklärungsbedarf besteet, och säitens vum Ministère. Dofir ass et och esou ausgefall, et ass net esou, dass mir déi Depense net wollten tätügen, mä dass mir gesot hunn, dat kënt mä de Moment sinn nach eng ganz Rei Parameteren ze kläre fir iwwerhaupt herno do déi Etüd ze maachen.

Voilà, ech mengen dat waren déi verschidde Punkten, déi hei opgeworf goufen, a wou ech probéiert hunn drop anzegoen. Kéinte mir elo zu der Ofstëmmung komme vum Compte administratif, dat ass deen, deen de Schafferot erstallt huet.

Wien ass mat deem Kont averstanen? Dat si Stëmme vun der LSAP an déi Gréng.

Wien ass net domadder averstanen? Dat ass d'CSV. Wien enthält sech? Déi Lénk an den onofhängege Vertrieeder Vic Haas.

Da komme mir zum Compte de Gestion, dee vum Receveur opgestallt gouf, wien ass domadder averstanen?

Dat ass **unanime**. Merci villmools.

3.4. Approbatioun vum Devis fir d'Realisatioun vun neie Büroen um 2. Stack an d'Renovatioun vum Sall Nic Birtz am Gemengenhais

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir weider op deen nächste Punkt, dat ass d'Renovatioun vum Festsall Nic Birtz. Architekten sinn nach net do, dann huele mir deen nächste Punkt vir bis se antreffen.

3.5. Approbatioun vun den Tariffer fir d'Benotze vum Äerdgas-Reseau a vun de Ännerunge vum Kapitel XIV: Gas – vum allgemengen Taxereglement

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op en Exercice, dee mir all Joer hei musse maachen, dat ass am Fong d'Duerchlafgebühr, déi mir stëmme mussen, mir si jo als Stad Diddeleng Proprietär vum Gasnetz a mir stelle jo verschidde Provideren zur Verfügung a fir datt déi dat kënnen notzen, musse mir eng Duerchlafgebühr berechnen.

Dat ass also eng Recette fir d'Gemeng an dat sinn natierlech Tariffer hei, déi den ILR fixéiert, deen huet jo de Pouvoir réglementaire, dee kann déi Tariffer fixéieren an

eis se matdeelen. Da mussen déi hei am Gemengerot enterinéiert ginn.

Dat si d'Chiffere vum 1. Januar 2019 wou da sollen a Kraaft trieden an deementspreechend soll och dat hei kënnen applizéiert ginn, respektiv fënnt een och schonn d'Nidderschrëft am Budget vum Joer 2019.

Ech ginn op déi verschidden Zuelen an. Dat sinn d'Compteure G4 bis G16, dat sinn Eefamilljenhaiser an do ass de Composant de volume, Euro pro Kubikmeter 0,1274 Euro, Composant de capacité ass do 0, Compteurs G20-G40 dat sinn d'Commercen, d'Caféen, do ass de Composant de volume 0,04 Euro a Composant de capacité, dat heescht wat de Mount berechent gëtt op de Kubikmeter an op d'Stonn, dat ass 69,04 Euro, dann hu mir de Segment 3, dat ass d'Compteure G64, dat sinn Industrien, eis Schoulen, Gemengegebaier, dat sinn 0,0357 Euro an do ass de Composant de capacité 88,8031 Euro.

Dann hu mir och op där anerer Säit d'Locatioun vum Compteur, déi mir och alleguerten doheem hunn, do ass engersäits och de selwechte Prinzip vun de Segmenter: Segment 1, 2 an 3 do ass et fir Eefamilljenhaiser 7,21 Euro, Segment G25-G40, 40,69 Euro de Mount, de G65, 44,71 Euro, de G100 55,07 an de G400 124,59 Euro, dat sinn eis Industrien hei um Territoire vun der Stad Diddeleng. Dat zu den Erklärungen wat d'Duerchlafgebühr ubelaangt vum Gasreseau.

Da kéinte mir iwwer dëst Reglement ofstëmme: Wien ass mat deenen Tariffer averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

3.4. Approbatioun vum Devis fir d'Realisatioun vun neie Büroen um 2. Stack an d'Renovatioun vum Sall Nic Birtz am Gemengenhais

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géif ech soen, dass mir op den nächste Punkt zeréckkommen, zu der Renovatioun vum Festsall vun der Stad Diddeleng an do begréissen ech hei d'Leit vum Team 31, dem Architektbüro, dee befaasst gouf mam Projet an deen och eng Rei Erklärungen wäert ginn zum Projet selwer.

Ech muss soen, dass dat heizen e ganz ganz flotte Projet ass mat e puer Erausforderungen an awer an e flotte histoiresche Kontext ze setzen ass, well mir hei engersäits de Festsall hunn, d'Salle Nic Birtz, dee



mir am Fong wëlle renovéieren, also de Festsall erneieren, méi modern, méi zäitgeméiss ëmgestalten an och eng ganz Rei Sécherheetsaspekter mat eranhuelen.

Dee Projet hei gëtt en concertation och gemaach mat Sites et Monuments, well d'Gemengenhais um Inventaire supplémentaire ass an effektiv och iwwer déi Moderniséierung, déi mir hei maachen, wéi gesot och eng Rei Verbesserungen an dee Festsall mat erabrëngen.

Et ass awer och esou, dass Geleeënheet genotzt gëtt fir iwwer dem Festsall selwer nei Bürosraim anzeriichten, och dat ass en neie Moment.

Wat awer och flott ass, wann déi Bürosraim do age-riicht ginn, och déi ursprénglech Béi a mir wäerten och e puer histoiresch Fotoe weise vum Festsall, do wäerten och déi histoiresch Béi erëm fräigesat ginn, dat ass scho ganz impressionnant an ech denken, dass dat eng Conclusioun ass am Kader vun den Diskussiounen, déi mir och mat Sites et Monuments haten an natierlech hei och eng Substanz hunn, déi virzefannen ass, déi elo verdeckt ass mä déi awer och an hirer ganzer Pruecht virzefanne war 1932, wéi de Festsall vum Gemengenhais fäerdeg gestallt gouf an och deen dote Festsall e ganz mondäne a majestéise Charakter hat, wou och vill Receptiounen a Staatsvisiten am Festsall stattfonnt hunn.

Do kann een och an histoireschen Dokumenter vun der Stad Diddeleng, notament och vum Architekt vum Gemengenhais, de Jos Ruckert, noliesen am Detail, wéi déi verschidde Raim hei ausgesinn a wéi hien sech zum Festsall geäussert huet, dass hien ganz kloer och seet, dass deemools wéi d'Aweigung war, dee Festsall 3 Tribünen hat, dat kann een sech haut guer net méi virstellen, dofir wollte mir et hei net ënnerloossen, dem Gemengerot en toute transparence – fir d'Wuert vun der CSV an de Mond ze huelen - déi 3 Tribünen ze weisen, respektiv awer och den Ursprung vum Festsall ze weisen, nodeems en an de 70^{er} Jore jo och komplett ëmgemodelt gouf. Dëst als generell Introductioun par rapport zum Projet an ech géif lech elo d'Wuert gi fir duerch de Projet ze féieren. Merci.

Carol Rodesch (Team31 s.à.r.l.): Merci, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, villäicht sollt mir dann awer fir d'éischt op déi histoiresch Fotoen iwwergoen, well dat dréit méi zu der Explikatioun bäi wéi just meng kleng Billerchen.

Jo, mir waren och ganz erstaunt, wéi mir d'Situatioun gesinn hunn, wéi et fréier war, mir hätten se gären erëm ähnlech zeréckbehalen, mä dat ass awer elo net zougelooss ginn aus finanzielle Grënn an och iwwerhaapt geet dat haut net méi.

Dir gesitt déi al Kochbögen, do wou se waren, Dir gesitt déi fréier Kassettendecken, déi haut och nach do ass, si ass ebe just um Späicher verstoppt, Dir hutt déi al Situatiounen vun den Dieren fir an den Büro eranzegoen, Dir hutt déi al Heizungsberäicher, Dir hutt d'Fënsteren, esou wéi se haut nach sinn. Eigentlech huet sech do net vill dru geännert mä al- leguerten déi doten Dieren haten en aneren Aspekt, éischter deen Aspekt, deen haut och nach am Gank virzefannen ass.

Dofir sinn ech frou, dass ech mat där dote Foto kann ufänke well mir wëllen e groussen Deel vun deem Kader do zeréckbrëngen. Wann et och abstrakt op nei Architekturwëssen ëmgeduecht ass am Raum well mir kréien dee ganze Volume net méi esou hin, mä mir probéieren e Maximum dorausser ze maache fir de Charakter vun deem dote Stil zeréckzebrëngen.

Also wéi scho gesot si mir gefrot gi vun der Gemeng fir d'Mise en conformité vun der Salle de fêtes an d'Renovatioun vun der Salle des fêtes virzegesinn a fir nei Surfacen op deem Stack uewen driwwer ze kreéieren.

Mir sinn am Gruppement et ass TR Engineering fir d'Statik, Goblet-Lavandier & Associés fir d'Haustechnik an Team 31 Architekten fir d'Koordinatioun an d'Architektur. De Bauhär ass d'Gemeng an de Programm vum Dossier ass d'Mise en conformité vun der Salle des fêtes, d'Renovatioun vun der Salle des fêtes an d'Kreatioun vun de Surface-administrativen.

Mir gi kuerz op Situatioun iwwer firwat sech dat esou erginn huet, d'Gemeng huet gefrot, dass mir d'Mise en conformité eng Kéier müssen analyséieren an et huet sech erausgestallt, dass am Kader vun enger fréierer BauPhase e falsche Plafong agezu ginn ass, eng Këscht iwwer déi al Kassettendecken am Späicher driwwergezu ginn ass, an d'Dieren nei ersat gi sinn. Alleguerten déi dräi Situatiounen entsprechen net der Konformitéit fir e Sall, dee 50 Leit oder méi kann empfänken, wat deen heiten awer ass. Doduerch si mir zum Ëmfang vun de Baumoosname komm, dass mir en neie Plafong anzéien, mir rappe



fir d'éischt deen alen eraus, zéien en neie Plafong an, dee gëtt begehbar an doduerch kreéiere mir déi zwee Volummen, déi mer da kënne profitéieren.

Do gesitt dir, dass mir am Festsall vun uewen erof vum falsche Plafong eng Akustikdecken, hunn déi eigentlech e bëssen abstrakt déi al Kasettendecke soll zeréckbréngen an d'Missioun vun enger gudder Raumakustik herno erfëllt. D'Diere ginn ersat. Dir gesitt och, datt mer d'Mustere am Gang vun den Dieren iwwerholl hunn, an Trotzdeem wäerten se déi brandschutztechnesch Ufuerderungen, déi elo gestallt ginn, och erfëllen. De Parquet gëtt just punktuell do renovéiert wou e futti ass, soss gëtt e komplett opgefrescht an einfach eng Kéier ofgewäsch an an d'Rei gemaach.

Déi al Rideauen huele mir dann och eraus, mir fannen, déi maachen de Raum e bësse schwéier a mir maachen do méi moderner an hoffen och nees méi Luucht an de Raum eranzekréien.

Um Niveau vun der Technik gëtt d'Heizungsanlag un déi bestoend Heizungsanlag drugemaach, d'Elektresch gëtt erneiert, Brandschutzsystem och, alles no den Ufuerderungen an d'Beamer- an d'Sono-Anlag gëtt verbessert.

Dozou ass ze soen, dass mir dat Ganzt amgaang sinn zesumme mam Denkmalschutz ze maachen an déi subventionéieren och en Deel an zwar deen Deel, dee mir och erëm an d'Rei setze vun deem deen do war.

Hei gesi mir de Sall, wéi en herno wäert ausgesinn, dat eenzegt wat net aktuell ass, do sinn 2 Noutausgäng well am Ufank si mir gefrot ginn, well mär hätte misse F-30 Diere maache an elo komme mir awer mat Holzdieren hin, wa mir der 3 maachen, dat heescht dee Schaaf do wäert verschwannen an do kënnt eng drëtt Dier hin. Dat ass u sech och d'Situatioun, wéi se fréier war mat den Dieren, dat ass och méi korrekt.

Da komme mir op deen neie Stack, dee mir eigentlech net kennen, deen am Moment am Fong e Loftstack ass, deen zimlech geféierlech ass fir ze begoen. Do gesitt Dir, op deenen zwou Säite sinn erëm déi Kochbögen, déi mir an d'Rei setzen, uewen driwwer ass d'Kassetdecken, dat hunn ech net am 3D - dat wier ze komplizéiert ginn - a vum Gank aus maache mir eng metallenen Trap, do komme mir 80-90 cm Träppleken erop, do maache mir eng Hebeplattform op der Sait fir dass Leit mat enger Behënnerung och eropkommen a

kommen doduerch an deen dote Raum eran, deen awer och 140 Quadratmeter huet an dee fir 8 Leit fir ze schaffe virgesinn ass.

Tëscht dem Gank an dem Raum selwer maache mir eng Glaswand fir dass een net nëmmen déi, déi am Raum schaffen, déi al Kasettendecke gesinn, mä datt dat en Erleefnes ass wann ee laanscht geet.

Hei kommen déi méi technesch Schrëtter, déi giel Stécker ass dat wat mir ofrappen, d'Dieren an de Buedem, an dat rout ass deen neie Buedem, dee mir op der selwechter Héicht anzéien. Da gesitt Dir déi Kochbögen, wéi se uewen driwwer sinn an déi Kasettdecken. Da gesitt Dir och, wéi dat agezu gëtt, an och déi Plaz vir, dat gëtt e flotte Kader wann een do uewen drop ass. Da komme mir un Zuelen, déi hu mir esou zesumme montéiert, dass mir fir d'Ofrappen an d'Baustellenorganisatioun mir 62.000 Euro virgesinn.

Fir de Gros-oeuvre ass chiffriert ginn 83.000 Euro an de Parachèvement vum Dossier ass fir 357.000 Euro, d'Installation-techniquë si mat 278.000 Euro beziffert, dorënner falen eleng 200.000 Euro fir Elektroinstallatiounen, wat vill Sue sinn, mä dat huet domadder ze dinn, dass och haut do muss vill ëmgeluet ginn, et läit alles tëscht dem falsche Plafong an et ass och wierklech dat wat sécherheetstechnesch déi gréisste Schwierigkeet ass well do ass d'Brandlaascht zimlech héich.

D'Honorairë vun den Architekten an den Ingenieure sinn op 245.000 Euro beziffert. Dann hu mir eng Reserve vu 50.000 Euro virgesinn, dat gëtt dann insgesamt ouni TVA e Montant vun 1.076.000 Euro a mat TVA vun 1.260.000 Euro ronn.

De Planning, do ass virgesinn, dass mir dës Summer-vakanz urappen an zwar de 15. Juli, fir esou wéineg wéi méiglech ze stéieren a mir probéieren, vum 15. Juli bis de 15. September alles ofzerappen, dee schwéiere Plafong eranzekréien a schonn e groussen Deel vun der Elektroinstallatioun ëmzeswitchen, fir dass Dir de 15. September erëm kënnt urappen, well wéi gewinnt ass jo tëscht dem 15. Juli an dem 15. September net esou vill lass.

Duerno ass eisen Haaptsubjekt d'Salle des fêtes, wou mir déi ufänken da mat den Dréchemauern, mam falsche Plafong, mam Parquet, d'Moosse gi geholl fir d'Schräineraarbechten an de Montage vun deene



Saachen ass am Dezember virgesinn an eigentlech sinn d'Finitiounen héchstwahrscheinlech fir Februar nächst Joer virgesinn.

Parallel dozou leeft den ieweschte Stack, dee fänkt och am September u mat de Metallaarbechten well do hu mir ëmmer e gewësse Switch tëschent deem ganzen Deel well si mussen eemol moosse kommen an duerno ass d'Produktioun eréischt an den Atelieren. Dat dauert da 6 Wochen, wou näischt geschitt an da kommen se erëm. Dat gesäit e bëssen no Wirrwarr aus, mä dat ass scho richteg gekuckt. An och mat deem wäerte mir am Januar/ Februar d'nächst Joer fäerdeg sinn, uewen op ass e bësse manner Aarbecht wéi an der Salle des fêtes, dat ass vill Aarbecht fir déi richteg ze maachen.

Souvill dann emol zu mengem Deel a wann Dir Froen hutt, probéieren ech drop anzegoen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da soen ech der Madame Rodesch Merci fir déi néideg Erklärungen an Detailer wat d'Exekutioun vum Projet ugeet, respektiv och wat den Timing ugeet an den Timing, dee gesat gouf, huet och domadder ze dinn, dass dëst Joer nach Wale sinn, Europawalen, esou dass duerno d'Aarbechten ufänke well dat ee vun eisen Hauptwalbüroen ass, de Walbüro Nr. 1 an dofir brauche mir deem.

Also, Dir hutt gesinn, dass dat e Projet ass, deem eis gutt 1,2 Milliounen Euro kaschte wäert. D'Diskussioun ass elo op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, mir sinn angenehm iwwerrascht, et ass en immens flotte Projet, e gefällt eis ganz gutt, virun allem, dass vill al Elementer erëm hiergestallt ginn.

Meng Fro ass, wann ech dee Schnëtt gesinn, wou déi ënnescht Diere vum Festsall sinn an uewendriwwer, ass dat dann esou, dass wann ee vun der grousser Trap kënnt, da gesäit een dann och schonn do déi Verglasung uewen driwwer?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Neen, dat ass den zweete Stack.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ah, dat heescht, do ass nach e Plafong dotëscht? Well dat wier jo eng Méiglechkeet gewiescht.

Nichtsdestotrotz ass et awer e flotte Projet, da musse mir d'Leit erop kucke schécke fir dass all Mënsch weess wéi d'Suen investéiert ginn.

Et war gesot ginn, Dir hat mat Sites et Monuments geschwat, dann huelen ech un, dass mir do och e Subsid kréien, do kënnt Dir villäicht nofroen a wéi enger Héicht mir eis do beweegen.

Dann ass meng Fro awer: Wann Dir do elo déi Dall ofrappt an esou weider, wéi grouss ass d'Risiko, dass mir do op Asbest falen an hutt Dir dat scho gekuckt?

Carol Rodesch (Team31 s.à r.l.): Et ass keen Asbest dran, mir haten och Angscht es ze fannen, mä par contre ass e bëssen eppes an de Faarwen dran a wann do deen Här, deen d'Renovéierung mécht, un d'Stuckaarbechte geet, dee muss do schläifen an do si mir amgaangen ze kucke fir dass mir dat alles kënne mat Zäite preparéieren.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): OK, dat waren am Fong meng Froen, Dir hat och schonns beäntwert, dass mir déi ganz Sonorisatioun moderniséieren also Beamer-technesch an dass alles funktionéiere soll am Festsall a mir sinn och frou, dass net nëmmen e schéine Sall gemaach gëtt mä och déi funktionell nei Büroen, do ass das Nützliche mit dem Angenehmen und dem Schönen verbonden a vun eiser Säit aus ass et e Projet, dee mir ënnerstëtzen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, et ass um Här Glesener.

Henri Glesener (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, ech ginn hei eng Kéier kuerz op dëse Punkt an. Hannert deem einfache Punkt Devis - Realisatioun vu Büroen um 2. Stack a Renovatioun vun der Salle des fêtes, do verstoppt sech e Koup hannendrun an et ass op e puer Plazen ugedeit ginn - wéi kéint et och anescht sinn, wann ech d'Wuert huelen - et huet e ganze Pak mat Sécherheet ze dinn.

Et ass net nëmmen d'Mise en conformité vun engem Festsall, obwuel dat hei e grousser Punkt ass. Dir wësst, mir sinn hei an engem Gebai wou mer no de Reegele vun der Fonction publique musse funktionéieren, wat e Règlement grand-ducal ass, an all Derogatioun dozou guer net esou einfach ass. Mä mir sinn awer gläichzäiteg hei an engem Festsall, dat ass eng "Salle recevant du public" an d'ITM spillt hei och mat.



Esou, dass mir wéi esou oft probéieren eng Sécherheet hinzekréien, ouni d'Ham an der Mëllech ze kachen, mä dass et vun hanne bis vir uerdentlech funktionéiert.

Schonn an den 90^{er} Joren hu mir un der Mise en conformité vun dësem Gebai geschafft an och do si mir méi wéi eemol un eis Limitte gestouss, well et net méiglech war, dës Mise en conformité fir dat ganz Gebai an enger Kéier ze realiséieren, well mir dotëscht ëmmer erëm un de Festsall gestouss sinn, mat sengem falsche Plafong a mat dem Verleeë vu Kabelen. Och schonn deemools louchen se - an dat huet sech mat de Joren duerno net verbessert - esou, dass mir d'Mise en conformité vun dësem Gebai ëmmer erëm a klengen Etappe gemaach hunn.

Dir wësst, dass dofir eng grouss Koordinatiounsarbeit néideg war. Besonnesch wéi mir de Rez-de-chaussée frësch gemaach hunn, do huet ee misse scho virdenken, wou si mir drun, wa mir am Keller viru-fueren, wat och zum Gléck gréisstendeels fäerdeg a realiséiert ass.

Elo eben den 1. an 2. Stock an net zu lescht schwätze mir dann och nach vum Späicher. Well dat ganz Gebai hei war fir ze compartimentéieren eigentlech quasi onméiglech, wa mir net gläichzäiteg d'Architektur futti gemaach hätten. Mir schwätzen hei vun engem klasséierte Gebai.

Dat war deemools awer och schonn an eise Bewosstsinn, laang éier et klasséiert ginn ass, dass et e Gebai à conserver wier. An dem Gebai dran ass wahnsinneg vill Technik mä awer och e Mengenanarchiv, deen ze protegéieren ass an esou weider. All déi Saachen zesummen erginn, dass een hei elo d'Kärstéck vun der ganzer Mise en sécurité mat an Ugrëff hält.

Wéi gesot, an dësem Gebai ass de prescriptive Brandschutz eleng net ze realiséieren, well mir vill ze vill Ufuerderungen hunn a besonnesch eben dat aalt esou gutt wéi méiglech wëllen erhalen, also d'Architektur hei net egal wéi vergewaltegen op Käscht vum der Sécherheet.

Et ass also an dësem Sënn e reegelrecht Brandschutzkonzept wat hei muss gemaach ginn. Ech schwätzen do vum qualitative Brandschutz an do geet et och erëm drëm, eppes ze maache wat Kapp a Fouss huet. Dat ass herno eben eng pragmatesch Sécherheet fir déi Leit, déi dat Gebai bedéngen, awer

och fir déi Leit, déi bei eis op Besuch kommen am Festsall an an deenen anere Büroen - fir dass dat fir si eng qualitativ héichwäerteg Sécherheet gëtt.

All déi Measure-compensatoiren, déi néideg ware fir dass mir Derogatiounen kréien op dat wat am Règlement grand-ducal steet, besonnesch an deem vun der Fonction publique, déi sinn an Zesummenaarbecht mat eise Servicer hei gemaach ginn awer och an Zesummenaarbecht mat de Brandschutzleit vum CGDIS. All déi Leit hunn eng exzellent Aarbecht gemaach.

Ech war ander leschter Woch e puermol an hire Büroen an ech hu mir weise gelooss, wat gemaach ginn ass, wéi dat gemaach ginn ass, wéi d'Herangung war, an ech mengen, an dësem Fall ass dat eng absolut Reussite.

Dofir denken ech, dass eise Merci all deene Leit néideg ass, déi dorunner geschafft hunn, virop de Bureau d'Architecte an de Bureaux d'études mat den Ingénieurs-Conseils, awer och eise Servicer, an ech mengen, nëmme stellvertriedend fir si allegueren, well et hunn der méi wéi een heidrun geschafft, dem Joël Freitas, dee fiederféierend fir eis Mengeservicer war, fir dat do ze realiséieren. An dann net zu Lescht soen ech lech schonn am Virfeld Merci fir dass dës Mesuren hei geneemegt ginn an d'Finanzéierung dofir méiglech gemaach gëtt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Här Glesener, den Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, an deem Land hei muss bei Alles un d'Chiroptère geduecht ginn. Ech hu gesinn, dass Rëmeleng keng Wandrieder ka kréie wéinst de Fliedermais. Hu mir keng um Späicher do, déi mir géife verdreiwen?

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech wousst net, dass mir hei um Späicher wieren.

Carol Rodesch (Team31 s.à.r.l.): Also, bis elo hu mir näischt vu Fliedermais matkritt do uewen, ech denken dat wier soss am Kader vun der Moosnam scho gesi ginn an dann hätt een eis dorop higewisen. Ech mengen net.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir si berouegt, dass keng Fliedermais do sinn. Nach weider Stellungnamen? Jo, Här Claude.



Bob Claude (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot. Voilà, ech wëll just dorop opmierksam maachen: Den Här Buergermeeschter huet eis erzielt vum flotten Dokument vum Architekt Ruckert. Dir wësst wou een et fënnt, op eisem Internetsite Dudelange.lu. Do muss ee kucke bei "À propos" an do geet een dann op Hôtel de ville, an dann huet een d'Dokument, et ass e ganz flott Dokument vum där Zäit. Dat war eraus-komm bei der Aweigung vum 5. Juni 1932 an ech mengen, et hunn der nach net vill et gelies, mä et ass ganz flott fir dat ze liesen. Ech soen lech Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi Zousazinformatioun an natierlech fënnt een och Passagen an deene jeeweilegen historesche Bicher iwwert d'Stad Diddeleng.

Nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall, et ware weider keng gréisser Froen, virun allem d'Zoustëmmung zu dem Projet ass ganz gutt. Par rapport zu de Subsiden, dat kläre mir mat Sites et Monuments, mir kréien hei bis zu 50% fir verschidde Positiounen, net op all mä op verschidde Positiounen, an do musse mir eis zesummesetze fir den Detail ze kläre bis wouhinner de Maximum geet.

Carol Rodesch (Team31 s.à r.l.): Jo, si wëllen herno wësse wéi vill et kascht, vun deen Offere well déi Renovatiounen vun de Stuckaarbechten ass awer e bësse méi speziell an dat gëtt am Kader vun deen Offere mat hinne gekuckt, si hunn do awer schonn eng theoretesch Zoustëmmung ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, da komme mir zum Vote, wien ass mat dem Devis vum Projet averstanen?

Dat ass **unanime**. Da soen ech lech Merci. Och der Madame Rodesch, dass se de Moie konnt hei si fir eis de Projet virzestellen.

3.6. Approbatioun vum Akt vun der gratis Sessioun mat der Koppel les Georges Da Silva a Maria Felisa Gomes Duran fir eng Parzell an der "Dr Albert Schweitzer Strooss"

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt weider, do hu mir eng Cession gratuite, dat ass tëschent dem Här Georges Da Silva an der Madame Maria Gomes Duran, dat

ass an der Rue Dr Albert Schweitzer, wou si eis en Deel cedéieren, dat ass um Niveau vun der Voirie, eng Parzell vun 0,12 Ar, dat muss duerch de Gemengerot approuvéiert ginn an déi Sessioun huet wéi dat oft de Fall ass, eng Utilité publique well si gëtt an d'Voirie Publique mat integréiert, also et ass e klengen Zipfelchen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Villmools Merci.

3.7. Approbatioun vum Bail mat der Gesellschaft GESIM S.C.I. fir e Geschäftslokal op Nummer 77, avenue Grande-Duchesse Charlotte

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deen nächste Punkt weider, dat ass e Contrat de bail tëschent der Societét GESIM S.C.I., hei vertruuden duerch den Här Tom Zambon, an dem Schäfferot an et geet hei ëm d'Lokatioun vun der Stad Diddeleng vun engem Geschäftslokal matten am Stadzentrum, op 77, Avenue Grand Duchesse Charlotte, et ass e Geschäftslokal vun 180 Meterkareeën, wou mir e Loyer bezuele vun 3.250 Euro.

Et ass e normale Contrat de bail an éier ech villäicht e bësse méi an den Detail vun deem Contrat de bail aginn, wou mir als Gemeng Locataire ginn, wou mir och Sous-locatioun kënne maachen a wou mir och de commun accord festgehalten hunn, dass sécherlech eng Exploitation commerciale soll am Kader vun der Sous-Locatioun stattfannen, ware mir eis awer och vu béide Säiten eens, souwuel de Propriétaire wéi och d'Gemeng, dass mir dat dote Lokal an der Sous-locatioun net wëlte verlounen, sief et un eng Agence immobilière, sief et un e Bureau d'architecte indépendant, awer och fir Restauratioun, also e klassesche Restaurant, well mengen ech hei eng Rei Parametere eis wichteg sinn.

Et ass eng volontaristesche Approche, kloer iwwert d'Locatioun an d'Sous-Locatioun de Choix ze steiere vu Geschäfte, och d'Notzung, déi een hei am Stadkär wëll hunn an do och emol e Riedel wëll setze par rapport zu Situatiounen, wou een effektiv oft mierkt, dass Propriétaires un iergendee verlounen mä dass dat net onbedéngt - oft ass et de Fall, oft ass et net de Fall - verlounen direkt fir de Stadkär an och d'Geschäftswelt vum Geschäft aus keng Plus-value ass, an iwwer dee Choix dee mir hei stéieren, kënne mir och decidéieren, wien dohinner kennt, a wie mir net dohinner wëllen an déi Locatioun hei maache mir och als Stad op enger Plaz wou och en interessant



Emplacement ass, och eng kruzial strategesch Plaz an dat ass bei deem heite Buttek de Fall well en op der Interaktioun ass vun der neier Entrée vum Duerf, respektiv e Busarrêt virdrun ass an och matzen am Stadkär ass an dem Deel vum Shared Space vun der 1. Phase.

Et ass am Fong eng Première hei zu Diddeleng, et ass déi éischte Kéier, wou mir e Geschäftslokal hei am Stadkär lounen, à part déi Locatiounen, déi mir gemaach hunn am Quartier, wou mir déi lescht Kéier am Gemengerot iwwer d'Epicerie geschwat hunn, wou mir och wëssen, dass et Noversuergung, e Commerce de proximité och ass, an dat heite schreift sech an an déi Strategie, déi mir als Gemeng wëllen hu fir de Commerce weider ze stäerken, domadder huet et ugefaangen iwwert de Projet Shared Space am Stadkär, awer och eng Rei Moosnamen, déi mir geholl hunn, wou mir och e bëssen de Parcours vun eise Geschäftsleit an d'Engagement vun de Geschäftsleit an der Geschäftswelt, och iwwer sozial Medien an eng Rei Contributiounen an de Virdergrond setzen, fir eben och dat Gefill ze vermëttelen, dass déi Geschäftsleit, déi hei zu Diddeleng sinn, e Parcours hunn, e Liewen hunn, eng Passioun hunn, dat ass de Commerce an, dass een och iwwer dee Wee de Commerce an der Stad Diddeleng an de Virdergrond ka setzen, well als véiertgréisst Stad ass dat net onwichtig.

Wat mir elo hei am Fong kënnen soen, ass, dass mir eis och mam Proprietär ganz schnell eens gi sinn. Et war jo virgesinn, dass e Commerce sollt dohinner kommen, deen aus verschiddene Grënn net déi néideg Autorisatiounen hat, dofir zeréckgesprongen ass a vu, dass mir als Gemeng hei scho säit enger Zäitche mat deem Commerce do a mat sengem Emplacement geliebäugelt hunn, war dat d'Occasioun fir Kontakt mam Proprietär opzehuelen an dee war och bereet, eis dat effektiv ze verlounen, well och do d'Volontéit war, dass eppes Flottes erakënnt, dat och de Stadkär beliebt.

Ech kann lech hei awer och scho soen, dass natierlech och schonn eng Rei Kontakter lafen, de Moment huet nach keen zougesot fir dohinner ze kommen, mä do lafen eng Rei Kontakter a Visitten, dat weist och, dass eng gewëssen Dynamik do ass, wann d'Gemeng soll Locataire gi vun engem gewëssene Lokal, effektiv mat soziale Projeten, wou effektiv scho Visitten waren, et sinn awer och scho jonk Leit, déi am kreative Secteur tätég sinn, déi och scho Visitë gemaach hunn, respektiv verschiddener wäerte geplangt sinn.

Also, do kritt een eng flott Dynamik eran an do wäerte mir och als Gemeng e Visuell op d'Fënster maachen, dass een déi Interaktioun huet mam ëffentleche Raum, dass ee gesäit, d'Gemeng ass do Proprietär, d'Gemeng verlount lech dat dote Lokal, wou een sech dann och kann un d'Gemeng wënnen, niewent deene Kontakter, déi elo scho lafen an och de Visitten, déi wäerte stattfannen.

D'Durée vum Kontrakt - wéi gesot, ab dem 1. Januar 2019 soll et ulafen, - ass 9 Joer, do muss een och soen, dass mir als Gemeng eng Certitude hunn, mä och de Proprietär eng Certitude huet. An och de Proprietär weess, dass e mat der Gemeng e séchere Bailleur huet well d'Gemeng net déi ass, déi sech géif erlaben, e Loyer auszesetzen.

Natierlech, no deenen 9 Joer gëtt en erneiert fir 9 Joer mä natierlech sinn och Klauselen dran, dass mir mat aus deem heite Kontrakt aus iergendwelleche Grënn och kënnen erauskommen.

Et ass kloer, dass mir alles wat Taxen niewent dem Gas, Waasser an Elektresch an och Telefon en charge huelen, respektiv dem Sous-locataire dat och kënnen weider fakturieren. Mir müssen natierlech och als Locataire déi néideg Assurancen ophuele géint Incendies an och Risques locatifs an Dir gesitt och am Contrat de bail, dass expressis verbis d'Sous-locatioun méiglech ass, soss kéinte mir dee Projet an där Form, wéi mir en hei maachen, och net ëmsetzen.

Dann ass classesch hei d'Situatioun vum Proprietär an och vum Locataire, et ass en Etat des lieux gemaach ginn a mir müssen natierlech och hei, wann de Kontrakt eng Kéier opgeléist soll ginn, den Objet am selwechten Zoustand zeréckginn.

Do muss ech och soen, dass mir deen Etat des lieux gemaach hunn, dat Lokal selwer an engem exzellenten Zoustand ass, well de Proprietär selwer nach éier se eis et verlount hunn, eng Rei Aarbechten dra gemaach hunn an awer och mir hei eng Meterkarrée-fläch an e Loyer bezuelen, matzen am Stadkär, dee ganz korrekt ass, méi wéi korrekt, mir sinn hei net an enger Präisspiral an et ass och eng volontaristesche Approche vun der Gemeng Diddeleng, hei Locataire ze ginn.

Et geet net dorëms, als Sous-locatioun hei e Benefice ze maache well och an der Sous-locatioun musse mir eis bewusst sinn, dass mir natierlech



dee classesche Wee fueren, mat Loyer commercial, 3, 6, 9 dat kann ee maachen, mir kënnen eis awer och virstellen, grad wa mer wëllen do eng gewëssen Dynamik erakréien, datt ee méi wéi nëmmen ee Sous-locataire mä e puer Sous-locataires eranhëlt an, dass een och eng Boutique éphémère doraus mécht, wou ee 6 Méint zur Verfügung stellt, wou een och natierlech e Roulement huet a wou och natierlech d'Attraktivitéit doduerch gesteigert gëtt.

Ech mengen, dass een als Pouvoir public déi Flexibilitéit an déi Méiglechkeet huet, à la rigueur e classesche private Locataire éischer do méi an engem Carcan ass duerch Grënn déi verständlech sinn, och finanzieller Natur, well als Pouvoir public hu mir awer do eng gewësse Flexibilitéit, eng gewësse Marche d'action a wéi gesot, dat sinn zwee Modeller mat deenen een hei liewe kann.

Souwisou, wa mir eng Souslocatioun maachen, komme mir hei an de Gemengerot zeréck wou mir dat stëmme loossen, dat ass op alle Fall e Wee op dee mir goe kënnen, wa mir zum Beispill och jonk Kreativer zum Beispill wëllen op Diddeleng kréien, déi kënnen sech och mat esou Modeller ufrënnen, wou se soen, mir probéieren hei e puer Méint déi Produiten, déi mir maachen ausstellen, ze verkafen, kucken, wéi d'Reaktioun ass, mat engem manner groussen Invest wéi wann ech mech engagéieren an e Contrat de bail vun 3, 6, 9 Joer, also dat gëtt eis eng Flexibilitéit an och eng Dynamik am Stadkär an ech mengen, dass dat e ganz flotten a wichtige Moment ass, wou mir e kloren Akzent setzen als Stad Diddeleng, bei enger weiderer Aktioun ronderëm d'Stäerkung vum Stadkär a sengem Commerce. Voilà, dat als méi generell Ausféierunge ronderëm dëse Contrat de bail. D'Diskussioun ass op.

Claude Martini (CSV): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, Dir hutt e groussen Deel vun de Saache gesot, déi ech och soe wollt.

Et ass ganz begrëssenswäert, dass mir verschidde Commercen uloune fir dass mir kënnen e bësse selwer decidéieren, wat mir kënnen an de Stadkär kréien. Et ass och flott, dass mir am Fong dat net als Business gesi fir eis selwer als Gemeng selwer mä dass mir an deem Fall kënnen zu engem gönschtege Präis eng Start-up eranhuelen, déi während enger gewëssen Zäit d'Lokal kann ullounen an duerno kann e konkrete Businessplang hunn, wéi vill Sue kënnen se zu Diddeleng ëmsetzen, wéi leeft dat Geschäft zu Diddeleng, an

duerno villäicht en anert Lokal ulounen, wat dann och eng Garantie gëtt fir deen nächste Proprietär wann do eng Entreprise kënnt oder e Geschäft kënnt, déi eppes wëlle verkafen. Déi gesinn, datt dat doten op där Plaz vun der Gemeng gutt funktionéiert, da kann ech dat weiderverlounen an eventuell kann ech do präislech eng Sécherheet hunn, dass dat Lokal geet an et ass méi einfach als Start-up eppes ze fannen.

De Präis ass sécherlech ganz korrekt, et läit gutt, d'Lokal ass an der Rei, renovéiert, et ass näischt wat een do drun aussetze kann.

Jee nodeem wat erakënnt, musse verschidde Modifikatioune gemaach ginn, well et Trape si fir eran, ech weess net wien déi Käschten herno wëll droen, op dat de Proprietär ass oder ob dat awer vun der Gemeng gedroe gëtt, dat wier interessant nach ze klären.

Voilà, fir de Rescht ënnerstëtze mir dee Projet, mir sti voll dohannert a si frou, dass do eng Rei Visitten scho gemaach gi sinn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Martini, den Här Jadin an dann den Här Garcia.

Yves Jadin (Déi Lénk): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, et ass alles beäntwert ginn, ech hu just eng Fro: Déi 180 Meterkareeën, wou sinn déi? Ass dat esou laang? Well esou, wéi ech mech kann erënneren, waren dat zwee Verkafszëmmeren. OK, gutt.

Robert Garcia (Déi Gréng): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, ech wier tentéiert, och e puer generell Remarken ze maachen zur Geschäftswelt an enger Klengstad vun 20.000 Awunner, mä ech mengen, wa mir Gréng déi ideal Léisung hätte fir déi Problemer, déi esou Stied hunn, da kréiche mir sécher e Mérite commercial, mä ech gleewe selwer net dorunner.

Generell gesinn, wann een elo e bëssen duerch Europa trëppelt a fiert an et geet een a Stied vun 20-30.000 Awunner, déi hu bal alleguerten déi selwecht Problemer mat hirer Geschäftswelt, ausser si hunn en Alleinstellungsmerkmal, soi sinn zum Beispill an der Pampa, 40 km ronderëm ass näischt, an da kommen d'Leit mat hirem Auto dohinner gefuer, parken hiren Auto baussen an da gi se an déi kleng Stiedchen akafen.



Bei eis ass et ëmgekéiert, éischtens hu mir ähnlech Stied ronderëm an zweetens fueren d'Leit éischer dann eraus an déi sëllec Centre-commercialen am-plaz dass se an Diddeleng eraufueren.

All déi Efforten, déi gemaach si ginn, also ech géif mer als Gemeengeverantwortelech "die Haare raufen", well et si jo awer eng ganz Rei Mesurë gemaach ginn. Ech mengen, een deen hei zu Diddeleng wëllt akafen, deen huet e Bussystem, deen all hallef Stonn funktionéiert, wou ee ka mat sengem Kierfchen akafe goen. Et huet een e Foussgängerleitsystem, dass een den Zentrum och fënnt. Et huet ee villäicht nach kee Vëlosreseau, mä bon, déi mannste Leit fuere mam Vëlo akafen, an et huet een e Parking am Zentrum, dee bal gratis ass.

A wann ech d'Leit gesinn duerch de Shared Space schären, am-plaz dass se sech do 10 Minutten oder 30 Minutte fir bal gratis an dee Parking ze setzen, da freet een sech, wat muss een nach maache fir dass d'Leit hei zu Diddeleng sollen akafen.

Dat gesot, ech denken, déi generell Problemer, déi kritt een nëmme mat laangem Otem geléist a mir hu jo ëmmer verlaangt eng Foussgängerzone am-plaz deen onsägleche Shared Space. Mä dat ass awer och keng Léisung, et brauch een nëmme op Esch ze goen, da gesäit een, dass dat och net duergeet, mä villäicht éischer eng Conditio sine qua non awer och net eng genügend Konditioun ass.

Ech hunn eise Walprogramm erëm aus enger stëb-seger Këscht geholl an do hu mir selwer gezweiwelt un deem wat mir fuerderen, well mir hu geschriwwen, Zitat: "Wahrscheinlich hat unser Stadtkern mit seinen Geschäften nur eine Chance duerch eine Flucht nach vorne, wenn die Kunden neben Allerweltsmarken originelle Geschäfte finden."

Ech denken, dass dat effektiv eng Approche ass, déi d'Gemeng mécht, mir hunn och gesot "Grundsätzlich setzen wir uns dafür ein, dass leerstehende Geschäftsräume weiterhin übergangsweise genutzt werden und Geschäfte, die dem Geschäftszentrum Mehrwert bringen, von der Gemeinde gefördert werden."

Méi wäit steet bei eis och "Gründer mit originellen Ideen können mit bezuschusster Miete ein Lokal beziehen" esou dass mir am Fong nëmme kënnen 100% mat där Approche averstane sinn. Et freet sech just ob esou ee One-shot duergeet?

Hu mir eigentlech nach e City Manager? Well dat wier jo deem seng Aufgab, deeën dann e bëssen analyséiert op d'Beispill vun deem dote kann een do e Mitnahme-effekt mathuelen, dass een do nach aner Geschäfts-lokaler kéint lues a lues ulounen an dass een dorausser eng Gesamtstrategie mécht. Well ech denken, wann een engem Geschäftszentrum kann och e gewëssenen Image vun Originalitéit bréngen, wéi dat och bei verschiddenen Uerter an der Grenzregioun ass, dann huet ee mëttelfristeg méi eng Chance fir och Leit vu baussen unzezéien. Dat gesot, kann ech eisen 100%eeegen Accord zu där doten Operatioun ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Här Garcia, d'Madame Oliveira huet d'Wuert.

Oliveira Emilia (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot a léiwe Gemeengeconseiller, et freet mech hei noze-lauschtere wéi alleguerte positiv op dat Ganzt Wäert leeën. Erlaab mir just e puer Wieder bei dësem Punkt bäizefügen.

Ech begréissen et och ausdrécklech, wéi ech och schonns an der Budgetdiskussioun gesot hat, dass dës Majoritéit net d'Hänn an de Schouss leet, wann et dorëms geet, de Geschäftszentrum vun Diddeleng ze promovéieren.

Et ass net einfach hautdesdaags fir eng mëttel-grouss Stad géigeniwwer vun der Konkurrenz vun de Grande-surfacen oder Akafszentren ze existéieren. Fir weiderhin eng grouss Offer un héichwäertege Butteker ze offréieren, musse mir all zesummen, Geschäftsleit, Geschäftsverband, Gemeng an och Verbraucher zesumme schaffen. Dofir ass et och net egal wéi eng Geschäfte hei op Diddeleng kommen, dat ass eis all bewusst.

De Schafferot huet eng flott a wäertvoll Initiativ geholl fir hei mat ze decidéieren, wéi ee Geschäft heihinner kënnt, a kann ausserdeem zu engem abord-abele Loyer en attraktive Start bidde fir deen neie Locataire. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och fir déi ofschléissend, positiv Nott hei ronderëm d'Bänken, ech mengen, dass hei all Partei et wichteg fënnt, dass mir iwwer dee Wee ginn, dat ass ganz begréissenswäert. Nach e puer allgemeng Consideratiounen, éier ech op verschidde Punkte wäert agoen.



Dass mir hei am Fong probéieren eppes ze steieren, wëssend, dass et natierlech och national Intérête ginn a mir och mierken, dass ronderëm niewent de Stied, déi sech positionéieren, och op der Grénger Wiss sech esou munches deet an och nach esou munches doe wäert an direkter Proximitéit, net wäit ewech vun Diddeleng an dat huet och ëmmer – ouni wëllen den Däiweel un d'Mauer ze molen – en direkten Impakt op d'Geschäftswelt.

Hei ass dann engersäits och eng volontaristesche Approche um nationale Plang, Geneemegungen ze ginn, do musse mir och kucken, dass mir probéieren, eis aktuell Geschäftswelt ze wahren an och en Incentif ze ginn, fir deem och entgéintzewierken andeems och d'Geschäftswelt attraktiv bleift a – wéi den Här Garcia gesot huet – dass een e Mierkmol huet als Stad, dat kann ee kréien andeems ee Geschäfte huet, déi éischter an eng Nischepolitik ginn an ech mengen an de leschte Joren huet dat eent oder anert Geschäft sech ugesidelt, wou awer e bësse méi eng gewëssen Nischepolitik ass, dofir viru knapp 3 Wochen hate mir d'Ouverture vun engem Geschäft, dat Textilie verkeeft aus de 60^{er} Joren, dat ass eng Nisch, déi eng gewësse Clientèle unzitt aus dem ganze Land, mä wou een awer och ganz flott Akzenter ka setze par rapport zu grousser Boiten, déi éischter Franchising sinn, wou effektiv gekuckt gëtt wat ass do d'Chalandise, also deen Equiliber do ze fannen ass net ëmmer ganz evident.

Och vu Moosnamen, déi geholl goufen, grad um nationale Plang, dat eent ass ronderëm d'Gréng Wiss, dat anert ass och ronderëm de Stadkär, respektiv d'Commercen an de Stadkären ze ënnerstëtzen, dat ass eben och déi Initiativ vu Letzshop.lu, am Kader vun engem leschte Gemengerot hate mir jo d'Chance driwwer ze diskutéieren, wou och eng Rei Diddelenger Commercen der Meenung sinn, dass se sech kënnen eng zousätzlech digital Vitrinn ginn, fir hir Produiten och kënnen ze verkafen, mam Avantage, dass och de Pouvoir d'achat hei zu Lëtzebuerg bleift, respektiv an der Gemeng bleift an och d'Commercen dovunner kënnen profitéieren.

Par rapport zum City Manager, et ass esou, dass an den 90^{er} Joren d'Stad Diddeleng een hat an ech kann lech soen, dass mir säit gëschter déi mëndlech Zousou kruten, dass d'Stad Diddeleng e City Manager wäert astellen, mir hunn iwwer dee Go, deen och den Diddelenger Gemengerot ginn huet, iwwer d'Me-

surë vum Chômeur longue durée hu mir eis e bësse ëmgekuckt a mir sinn op eng Persoun gefall, déi e Bagage am wirtschaftlechen an ekonomesche Secteur huet, 30 Joer Berufserfahrung, déi Chômeur de longue durée ginn ass an déi effektiv mat Commercen an Entreprises ze dinn hat, déi also e ganz flotte Profil huet, a wéi gesot, dat ass déi Persoun, déi mir wëllen dropsetze fir och wierklech déi Approche och kënnen ëmzesetzen.

Dann, par rapport zu dem Accès, wou den Här Martini gesot huet, hei hu mir natierlech och d'Situatioun vun enger classescher Geschäftsstruktur wéi se gebaut gouf mat Träpen, haut si mir jo an der Situatioun, wann nei Geschäftsfläche gebaut ginn, dann ass dat direkt de plain-pied, déi classesch historesch Geschäfte hatten ëmmer 2-4 Träpen, dat gëtt e Problem hautdesdaags wat den Accès ugeet fir Leit mat Behënnerung oder Kutschen.

Déi dote Fro musse mir souwuel mam Propriétaire respektiv als Gemeng klären, wann een do Akzenter muss setzen, wéi een sech do eens gëtt mat de Fraisen, déi Demarche hu mir nach net gemaach mä wann do eppes ass, muss een dat mat him klären, op een sech dat opdeelt. A priori sinn Interventiounen déi dee Genre do sinn, dat misst normalerweis de Propriétaire maachen, et muss ee wëssen, dass an där Entrée, déi een do huet, och eng Entrée ass fir Leit, déi uewe wunnen, deen Access ass also net nëmme fir d'Geschäftslokal.

Dann, par rapport zu der Remark vum Här Jadin, et ass am Fong engersäits déi 180 Meterkareeën, dat fänkt an der Niddeschgaass un a geet bis bal de Wee hannen an de Mayrisch Park, dee laanscht d'Kapoulenshaus geet, wou elo eng Résidence d'artistes ass. Et ass en immens laange Raum, deen een do virfanne kann, mä wat ebe flott ass bei deem Raum, grad well en eben esou laang ass, an net ze schmuel ass an och net ze breet, dass een dee ka 4-5 Kreativen zur Verfügung stellen. Ech mengen, do kann een eng flott Kombinatioun doraus maachen.

Voilà, ech hu probéiert op déi verschidde Punkten anzegoen, wéi gesot, dat heien ass déi éischt Approche, ech wëll awer och elo net hei d'Hoffnung erwecken, dass mir systematesch Geschäftslokaler lounen, well den Här Martini ugesat huet, dass et gutt wier wa mir der vill géife lounen, ech mengen, mir sollen der do lounen, wou et Sënn mécht, awer net hei an eng Situatioun verfallen, wou d'Gemeng d'office



Geschäftslokaler lount, well d'privat Hand hei och net aus der Responsabilitéit soll geholl ginn a wou herno d'Solution de facilité ass, d'Gemeng lount an d'Gemeng gëtt da sécherlech schonn eens, mä mir sollen op strategesche Plazen deen Hoff maachen an dat elo net systematiséieren. Also, punktuell do wou et Sënn ergëtt, si mir eis eens, dass mir dee Move hei sollten absolut maachen. Dëst gesot, hunn ech probéiert op déi verschidde Punkten anzegoen.

Ech géif proposéieren, dass mir zum Vote iwwer ginn. Wien ass domadder averstanen, dass mir hei Locataire gi vun deem dote Geschäftslokal? Dat ass **unanime**, da soen ech lech villmools Merci. Mir wäerten iech dann och iwwer de weidere Verlaf vun den Diskussiounen au courant halen.

3.8. Approbatioun vum Bail mat dem Här Christophe Lecuit fir d'Locatioun vun enger Buvette mat engem Depot am Park Mayrisch

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da geet et weider, och e bësse bleiwe mir bei der Geschäftswelt, et geet ëm d'Buvette am Park Emile Mayrisch. Do hu mir de Contrat de bail virleien, deen hei d'Gemeng Diddeleng mam Christophe Lecuit maache well, dat fousst dorop, dass mir vun der Madame Hammes e Courrier kruten, dass si sech do wéilt zeréckzéien, si huet säit längere Joren d'Buvette mat ganz vill Succès an Engagement bedriwwen, dat war eng flott Plaz ronderëm d'Spillplaz generell, wou sech vill Familien ophalen, wat och eng Plaz ass, déi immens akzeptéiert ass an Diddeleng während de Summerméint a wou och do eng flott Dynamik war.

Si huet eis effektiv matgedeelt, dass si sech wéllt zeréckzéien, mir hunn, vu dass mir Proprietär sinn, en Appel à candidatures lancéiert, do ass eng Candidature erakomm, dat war déi vum Här Christophe Lecuit, deen och Bedreiwler ass vun engem Restaurant hei zu Diddeleng, a mir géifen dem Gemengerot proposéieren, dass mir hei e Contrat de bail virleien hunn, deen ab dem 1. Abrëll 2019 géif ulafe fir d'Saison 2019-2020-2021, dat vum 1. Abrëll bis den 31. Oktober vu moies 10 Auer bis owes 20 Auer, Derogatioun si méiglech bis owes 22 Auer, dass mir de Loyer fixéieren op 473 Euro de Mount, an dat gëtt adaptéiert vu Joer zu Joer par rapport zum Index.

Et ass och am Kader vun der Exploitatioun vun der Buvette, dass all déi Diskussiounen ronderëm d'Pro-

pretéit, d'Hygiène an d'Sécherheet mussen erhale bleiwen a respektéiert ginn an dass de Locataire alleguerten d'Fraisen iwwerhëlt, déi och zu der Exploitatioun gehéieren, dat heescht Waasser, Poubellen an Elektresch an dass en och eng Assurance muss huele géint Risques locatifs an dass natierlech och hei d'Sous-locatioun net gedult ass ausser natierlech, mir géifen eis eens ginn tëschent Proprietär a Locataire ënnert enger gewëssener Konditioun, déi Ouverture hu mir gelooss, mä dat war bis elo ni de Fall, mä am Fong huet bis elo ëmmer hei an dem Contrat de bail ëmmer déi Konditiounen déi mir och Virdrun haten.

Dir gesitt jo och am Motivatiounsbrëf vum Här Lecuit, dass déi Plaz do och soll weider genotzt gi wéi bis elo fir déi Grouss an déi manner Grouss, déi op där Plaz sinn an, dass een do sech och kann natierlech restauréiere während de Summerméint a während dem Hierscht. Voilà, Dir hutt den Dossier an d'Autorisatiounen alleguerte virleie fir dass mir och där Exploitatioun vun der Buvette kënnen gréng Luucht ginn.

Voilà, dat zu deen Erklärungen an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, hei ass jo och nees e Beispill vun engem Commerce, deen d'Gemeng sous-louéiert an dat ass och en Erfolgsbeispill, ech denken et kann een och dem Marie-Jeanne Hammes Merci soe fir déi 10 Joer Aktivitéit am Park, hat huet do geschafft an dëser Buvette eng flott Nues ginn, eng perséinlech Nues, säi flotte Catering, seng Offeren, eng Plus-value fir eise Park, ech soen ëmmer d'Marie-Jeanne war net nëmme Gestionnaire vun der Buvette mä vum ganze Park, well hat zum Beispill och wann d'Kanner gefall sinn ëmmer éischt Hëllef gelescht, hatt hat ëmmer eng Ploschterkëscht dobäi, et huet op d'Gemeng ugeruff wann d'Toiletten emol erëm eng Kéier net funktionéiert hunn, an ech denken, mam Christophe Lecuit, dee mir kennen a senger dynamescher Art, hu mir hei e gudden Successeur fonnt, hien huet sech jo och zanter Joren hei bewisen andeems hie säi Restaurant och exemplaresch gutt féiert an och extrem flexibel ass, an ech denke wat och flott ass, dass hie mam Marie-Jeanne am Kontakt war, an och dee Fonds de commerce bereet war ze iwwerhuelen, wat och net ëmmer esou einfach ass, well mir hu vill Investor vum Virgänger dran a wat virun allem immens wichteg ass, ass, dass d'Personal och iwwerholl gëtt.



Dat ass eppes wat een och muss soen, do ass vu béide Säite vill Wäert drop geluecht ginn an dofir kënne mir där Saach nëmmen zoustëmmen an ech denken och, dass mam Christophe Lecuit als Gestionnaire dee Park weiderhin eng flott Buvette wäert behalen an e flotte Point d'attrait fir eis Leit an och fir d'Leit vu bausse bleift. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Zoustëmmung, den Här Jadin huet d'Wuert.

Yves Jadin (Déi Lénk): Merci, et ass alles elo gesot ginn ech hu just eng Fro zum Kontrakt, de Christophe Lecuit iwwerhëlt vum Abrëll bis Oktober an dee Loyer gëtt awer all Mount bezuelt iwwer déi 12 Méint? Ass dat sou? Ok, Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Nach weider Froen? Här Martini.

Claude Martini (CSV): Jo, ech wollt froen, vu dass mir dat weider verlounen un hien, maache mir als Gemeng eng Konventioun mat him, dass mir probéieren, esou wéineg wéi méiglech Knascht op där Plaz ze maachen, dass mir zum Beispill Becheren zur Verfügung stelle fir Gedrénks mat Pfand, dass mir probéieren, an d'Richtung vu zero waste ze goen an och vu Gesond Diddeleng, wéi mir ëmmer schwätzen, fir verschidde Produiten unzëbitten, wéi zum Beispill méi Uebst, also Saachen, déi net esou zockerhalteg sinn? Ginn et do iergendwellech Gespréicher? Dat ass einfach eng Fro, déi mir agefall ass.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): A priori huet den Exploitant eng gewësse fräi Hand, wat en ubitt oder net ubitt, dat ass de Prinzip, mä näischt verhënnert, dass mir eng Diskussioun mat him féieren, wat d'Decheten ugeet.

Ech mengen, dat ass eng Diskussioun, déi säit enger Zäit hei am Land gefouert gëtt, respektiv fir dass mir op enger Spillplaz sinn, och virdrun ass Uebst ugebuede gi vum Marie-Jeanne Hammes, et hätt elo näischt verhënnert, dass hien an déi selwecht Richtung geet, respektiv wësse mir, dass do eng Plaz ass wou sech net nëmme Kanner ophalen, mä och Schüler, et ass méi e gesonden Esprit generell, mä dat ass eng Diskussioun, déi ee gär mat him féiere kann. Den Här Manderscheid kritt d'Wuert.

René Manderscheid (LSAP – Schäffen): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schäffen- a Gemengerot, mir sinn amgaangen ze kucken, an der nächster Ëmweltkommissioun hu mir um Ordre du jour Mülltrennung am öffentleche Raum, wou mir schonns Ideeën hunn, wou mir kucke fir an Zukunft hei an der Gemeng Diddeleng verschidde flott Boxen opzestellen, wou ee ka kleng Fraktiounen wéi Zigarettstëmp a Pabeier separat sammeln an de Park ass eng vun de Plazen, wou mir onbedéngt envisagéiert hunn, do kommen nach méi spéit Detailer mä dëst Joer geschitt do eppes.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, wat d'Madame Kayser och virdru sot, net all Proprietär hätt missen d'Personal iwwerhuelen, ech mengen, dass dat och e Schratt ass, dee vun enger sozialer Responsabilitéit zeugt. Dëst gesot, géife mir ofstëmmen. Madame Bodry ja?

Martine Bodry Kohn (LSAP): Jo, ech wollt hei kuerz nach d'Wuert huele well ech och vun LSAP-Säit wollt e Wuert soen zum Marie-Jeanne Hammes. Et ass natierlech de Privileeg vun deem, deem als éischte schwätzt, deem dierf alles soen, mä besser hätt een et net kënne soen, d'Marie-Jeanne Hammes war déi gutt Séil do am Park an och vun der LSAP-Säit aus e ganz häerzleche Merci, wann een d'Gemeng als Patron eemol dierf soen, et kann een nëmmen dovunner dreeën, wann een esou Gestionnairen huet. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci och hei fir Zoustëmmung, da stëmme mir of: Wien ass mat dësem Contrat de bail averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

3.9. Approbatioun vum Bail mat dem Här Rui Soares fir d'Locatioun vun enger Déngschtwunneng bei der Schoul Ribeschpont

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir op deem nächste Contrat de bail, dat huet mat der Schoul Ribeschpont ze dinn, wou mir jo och eng Déngschtwunneng hu fir eis Conciergen.

Do ass et esou, Dir hutt d'Resiliatioun vum Contrat de bail virleie vum Här Jean-Pierre Vanin, deem a Pensioun gaangen ass, nodeems en do laangjärege Portier war, an effektiv huet elo en Neie sech fir dee Poste gemellt, respektiv ass zeréckbehalen ginn, dat ass den Här Rui Soares, an am Fong kann hien elo déi



Déngschtwunneng an Ussproch huelen. Dofir musse mir och elo e Contrat de bail maachen, dass mir him déi Wunneng zur Verfügung stellen.

Wéi gesot, dat ass klassesch d'Opdeelung wat an deem Haus ze fannen ass, niewent Keller, eng Kichen, e Living, respektiv e puer Schlofkummeren, e kleng Gäertchen hannen, respektiv leeft dat vum 1. Februar 2019 bis den 31. Januar 2020 an de Kontrakt gëtt da vu Joer zu Joer weidergefouert.

Mir hunn hei e Preavis vun 3 Méint an de Loyer, deem hie muss bezuelen, ass op 590 Euro festgeluecht. Natierlech hu mir hei och d'Condioun wat de Changement des lieux ugeet, dass kee Changement do dierf stattfannen ouni de Consentement vum Proprietär, respektiv ass och hei d'Flicht, eng Assurance géint Incendies ze huelen, respektiv allegueren d'Taxen a Fraise ronderëm Gas a Waasser sinn à sa charge an och hei dierf keng Sous-locatioun stattfannen. Also integral de selwechte Kontrakt, dee mir och virdrun hatten. Dat zu den Erklärungen an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci, et handelt sech net ëm eng klassesch Portierswunneng an engem Lokal, dat heissen ass en Haus wat eegestänneg niewent der Schoul ass, do ass d'Fro op et nach opportun ass, esou en Haus als Portierswunneng zur Verfügung ze stellen.

Mir huelen als Beispill, beim Staat gi guer keng Logement-de-servicé méi zur Verfügung gestallt an ech denken, mir hu jo awer och zum Beispill wat den Nettoyage ubelaangt, et ass net méi wéi fréier wou de Portier d'Dieren op-an zougessaart huet an d'Fra vum Portier huet d'Schoul gebotzt, déi Zäite sinn eriwuer.

Mir hunn Equipe-mobillen, déi den Nettoyage an de Jardinage maachen, mir hu Schliessanlagen, mir hu Surveillance électronique an de Schoulgebaier, dofir ass d'Fro, mir hunn och déi Portierswunneng um Kennedy Stadion, déi hu mir reafektéiert als Sozialwunneng, dofir ass meng Fro ob et net méi opportun wier, esou e flott Haus mat dräi schéine Kummere Leit zur Verfügung ze stellen, déi nécessaires sinn. De Loyer ass 590 Euro, dat ass wierklech e Schnäppchen, géifen déi Däitsch elo soen.

An dann ass meng Fro ob et opportun ass, engem Portier dat Haus zur Verfügung ze stellen, an en plus, wéi eng Aufgaben erginn sech, dass de als Portier

an deem Haus dierfs wunnen? Hu mir do e Kontrakt mat deenen Aufgaben, muss dee Mann 24/24 Stonne prett stoe wann eng Luucht ze wiesselen ass oder wat weess ech? Oder wann iergendee Problem an der Schoul ass, muss deen ëmmer present sinn? Ass hie just zoustänneg fir dat Gebai um Ribeschpont?

Also, mir hunn e bësse Problemer mat där Approche, mir hätten et besser gesinn, wa mir dat flott Haus enger Famill mat e puer Kanner, déi kee méi en héije Loyer wéi 590 Euro ka bezuelen, zur Verfügung géife stellen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, mir sinn hei an enger Situatioun vun enger vun de gréisste Schoulen, déi mir hunn, wou vill Schoulkanner mä wou och ganz vill Veräiner sinn, wou och de Weekend eng Rei Aktivitéiten an der Schoul sinn an dat bréngt mat sech, dass dee Concierge ëmmer muss do sinn.

Et besteet och eng Tâchëbschreiwung fir allegueren d'Conciergen, déi an enger Schoul sinn, dat heescht moies opspären an owes spéit och zouspären, dat heescht also eng grouss Disponibilitéit wann een do wunnt.

Et muss een och eng ganz Rei Sécherheetsmoossnamen approuvéieren, et ass een d'Hauptkontaktperson sur place fir d'Enseignanten, fir d'Kanner, fir d'Veräiner, et ass e grouse Rôle, deem een hei huet an ech wëll och soen, dass mir net solle vun deem Prinzip ewechkomme well mir hu ganz vill där Situatiounen, wou mir esou Wunnengen zur Verfügung stellen, wou engersäits d'Wunneng an der Schoul selwer integréiert ass, zum Beispill bei Neibauten, do misst een dann dee selwechte Prinzip applizéieren Ärer Logik no, wou awer deen Access duerch d'Schoul geet, well ee grad dee Concierge sur place huet, a wann een dee Concierge sur place huet, wann ee mat deem schwätzt, dat bréngt ganz vill Virdeeler grad ebe well e permanent sur place ass a well en do och direkt kann agéiere wann iergendee Problem ass. An hei si wierklech Situatiounen, wou och niewent dem Schoulbetrib ganz vill Aktivitéite sinn an do brauche mir déi Situatioun vun him, wéi hien och natierlech niewent der Sécherheet dofir suerge muss, dass d'Allentoure propper sinn, eng ganz Rei Attributiounen déi e Concierge huet, wann en do wunnt.



Och wéinst dem soziale Rôle deen him zoukënnt wann en do wunnt, well et ass och eng Plaz déi de Week-end genotzt gëtt vun enger ganzer Rei Leit während der Fräizäit, dat heescht dee Rôle och emol ze kucken, wat effektiv do leeft an ech denken, dass een op Plazen, wou een déi Méiglechkeet huet, do soll een eng Persoun op der Plaz hunn, déi och mol kann interagieren ausserhalb vum reguläre Schoulbetrib, dat ass en Avantage, dee mir hunn, well mir och eng Referenzpersoun hunn, bei engem méi gréissere Schoulgebai.

Et ass jo net esou, wéi wa mir bei méi kleng Schoulgebai esou Infrastrukturen hätten, mä hei ergëtt dat schonns Sënn. An et muss ee soen, dass beim Kennedy Stadion déi Situatioun eng ganz aner war an net ze vergläichen ass mat där heiten, do hues de punktuell ebe mëttes an och owes wou mol Trainings sinn, wou mir eng Ekip hu vu mobille Conciergen, déi och do sinn an oppassen, mä dat Liewen dat s de hei hues ass net vergläichbar mam Kennedy Stadion.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dann ass et awer e bësse kontradiktoresch, zum Beispill wa mir elo d'Bildungshaus Lenkeschlei plangen, do ass keng Portierswunneng virgesinn, do ass jo awer och en Turnsall dobäi, deen och genotzt gëtt an ech wëll rappelléieren, dass an alle Lycéeën, wou och Turngebai oder Sportshale genotzt ginn, och net méi e Portier sur place ass, dat gouf alles mat Equipe-mobille gemaach a mir hu jo awer och Equipe-mobillen, déi aktiv sinn, dofir war eben d'Iwwerleeung, besonnesch well dat en eenzel stoend Haus ass, do hätte mir fonnt, dass dat kann anescht affektéiert ginn, mä bon.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): D'Wuert geet un d'Madame Josiane Di Bartolomeo.

Josiane Ries Di Bartolomeo (LSAP): Merci Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Schaffen- a Gemengerot, ech wëll kuerz soen, dass um Ribeschpout d'Situatioun e bësse méi speziell ass, mir kréien do relativ vill futti gemaach, wéi dee Fallschutz virun der Dier an do ass et scho wichteg, well et eben e bësse méi isoléiert ass, dass do e Portier sur place ass.

De Summer ass dat wierklech eng Treffplaz fir Jonker, wou mir ëmmer erëm musse raume goen, dofir

ass et bei deem Gebai relativ wichteg, dass ëmmer een do ass. Zumindest ass een do, e rëfft d'Police an e mierkt et wann eppes futti gemaach gëtt. Dofir fannen ech et hei richteg wichteg, datt een do wunnt.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, en ass effektiv do, e kann d'Police ruffen, selwer interagieren oder mat deene Jonke schwätzen, dat ass dee sozialen Aspekt, deen hei ervirkënnt.

Voilà, da stëmme mir of iwwer dëse Contrat de bail: Wien ass domadder averstanen? LSAP an déi Gréng. Wien enthält sech? CSV, Déi Lénk an de onofhängege Member. Merci.

3.10. Approbatioun vum ofgeännerten Devis fir de Reamenagement vum den Alentouren a vum Park vum Centre sportif René Hartmann a vum Lycée Nic Biver

3.11. Approbatioun vum zousätzleche Kredit fir de Reamenagement vum den Alentouren a vum Park vum Centre sportif René Hartmann a vum Lycée Nic Biver

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir weiderfuere, mir géife bei de Lycée Nic Biver iwwergoen, do ass en Devis remanié an e Crédit supplémentaire, dee mir dem Gemengerot virleeë vu 45.000 Euro, also eng kleng Rallonge, déi mir froe par rapport zum initialen Devis, dee mir den 12. Januar 2016 gestëmmt hunn, wat 1,2 Milliounen Euro war, ronderëm de Reamenagement vum Lycée Nic Biver.

D'Resultat léisst sech weisen, et ass e Park, deen esouwuel vun den Diddelenger genotzt gëtt wéi awer och vun de Schüler genotzt gëtt, während der Schoul an och duerno, also wierklech eng Plaz, déi eng flott Akzeptanz fënnt no hirem Reamenagement.

Hei ass eng Rallonge, déi mir froen engersäits duerch d'Haussen, déi stattfonnt hunn am Kader vun dësem Projet, respektiv well mir awer och op engem Deel vun der aler Strooss, déi eis gehéiert bei der Entrée vum Lycée hu missen e Reamenagement maachen, et ass och do wou am Fong d'Motorsparkplazen amenagéiert goufen, niewent der Parkplaz, d'Entrée selwer vum Lycée.

Et ass e Wee, deen der Gemeng gehéiert a well alles ronderëm frëschgemaach gouf, ware mir der Meenung,



dass mir och do e frösche Belag solle maachen, dass dat eng homogen Landschaft gëtt, engersäits de Park awer och dann d'Entrée vum Lycée. Dofir hei déi Hausse vu 45.000 Euro, déi Dir hei virleien hutt. Dat zu den Erklärungen zu dësem Devis remanié, respektiv dem Devis supplémentaire an d'Diskussioun ass op.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mir stellen net a Fro, dass dat alles schéi gemaach ginn ass, dass dat alles an der Rei ass, ech hu just e Problem, wann ech elo deen neien Devis vun Dezember 2018 an dee vun 2015 kucken, do stinn d'Punkten 1-9, dat si genau déi selwecht Zifferen an da steet ënnendrenner Hausse 20.000 Euro imprévu pour arrondir 19.500 Euro, dat ass e bëssen eng Winni-Rechnung, dat gesäit e bësselchen aarmséileg aus.

Wann Dir elo sot, do hu mir do an do nach gemaach, da misst och dee Relèvement dra sinn, dee Punkt 6 misst zum Beispill och eng aner Zomm hunn, oder wat weess ech, dee Punkt 3 misst eng aner Zomm sinn, also dat ass e bëssen eng Rechnung, déi fir enger Gemeng ze presentéieren, net ganz OK ass. Ech weess net ob ech dat elo als Eenzege esou gesinn, mä dat heiten ass eng **onerkläert** Rechnung. Firwat mir musse 40.000 Euro bezuelen, dat fannen ech net ganz korrekt.

Dat ass just eng Remark wou een de Leit awer ka matginn op de Büro, well et ass jo awer een, deen eis nach e puer Rechnunge wäert schécken. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, nach weider Stellungnamen? Engersäits hu mir festgemaach, dass déi Hausse ass duerch d'Präisdeiregt. E Sammelbegrëff, respektiv deen Imprevu, déi Aarbecht hei vum Wee vum Lycée war en Imprevu, ech hunn lech hei déi Erklärungen ginn, mä mir kënnen dee Message hei ganz gär weiderginn, mä d'Iwwerleeung ass, dass mir och an der Deliberatioun déi néideg Erklärungen ginn hunn, firwat dat esou ass. Dat wollt ech lech an deem Sënn och net virenthalen.

Voilà, dat gesot, kënnen mir deen Devis remanié an dee Crédit supplémentaire zesumme stëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? D'CSV, d'LSAP, Déi Lénk an den onofhängege Member sinn averstanen an Déi Gréng enthalen sech.

3.12. Approbatioun vum Devis fir de Remplacement vum der Telesurveillance vun den Drénkwaasser-reservoirs

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op deen nächste Punkt, den Devis fir d'Ersetze vun der Telesurveillance fir eise Waasserbehälter, dat ass en Devis vun 110.000 Euro, dee mir hei virleien hunn, dat ass am Kader vun der Exekutioun vum Budget 2019.

Am Fong ass dat e System, en Instrument fir d'Aspeisungen an eise Waasserresseau ze kontrolléieren, eis véier Behälter ginn do kontrolléiert, iwwer e Web-System leeft dat, do wësse mir en permanence wéi d'Situatioun do ass, respektiv kréie mir och gesot wa Waasserfuite wieren oder wann de Bassin géif iwwer- oder eidellafen.

Dat ass och wichteg fir déi Leit, déi fir d'Gas- a Waasserwierk schaffen, och wann se Permanence hunn, kréien se während hirer Aarbechtszäit oder de Permanenzen e Message wann iergendee Problem wier.

Haut si mir an enger Situatioun duerch déi nei Technik, dass dat heite 24 Stonnen op 24 Stonnen ka suivéiert ginn. Dee System, dee mir elo hunn, ass e System vun 1995, deen ass veraalt, en ass net méi zäitgeméiss an hei moderniséiere mir eis iwwer deen heiten Invest. Dat zu den Erklärungen iwwer dës Telesurveillance an d'Diskussioun ass op.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, just eng Suggestioun, et muss een e bësse méi wäit aushuelen, de Mëttwoch hu mir dee Bëschkierfecht ageweit, dee läit och niewent engem Reservoir, an do hat ech de Servicé vun der Gemeng d'Fro gestallt, wa mir elo géife fäerten, dass do déi schéin Installatiounen vu Vandale kuerzfristeg géifen zerstéiert oder geschiedegt ginn, wier et dann net sënnvoll, déi Kamera, déi souwisou ubruecht gëtt un deem Reservoir, déi esou auszeriichten, dass se och d'Installatioun mat drophëlt? Mir hunn eis déi Fro gestallt, mä rechtlech soll dat anscheinend e Problem sinn, och wann et techesch vu Virdeel wier, zwou Mécke mat engem Schlag ze treffen. Ech wollt dat just bemierken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dat ass déi Situatioun, dass generell do eng Kamera ass fir d'Installatioun, also de Waasserbehälter vun der Gemeng ze observéieren, do brauch een natierlech eng Genehmegung vun der Commission de protection nationale des données, wou fänkt een un a wou hält een op?



Hei zu Diddeleng stoung nach ni an der Diskussioun fir Kameraen am ëffentleche Raum z'installéieren, hei wieren da plötzlech Kameraen am Bësch, fir e Bëschki-erfecht, wou mir dann zousätzlech Geneemegunge brauche well et nach méi op den ëffentleche Raum geet wéi nëmmen eng Installatioun. Wou maache mer d'Diskussioun op, wou maache mer se zou?

Ech hoffen natierlech, zu Diddeleng hu mir dat bis elo ni gebraucht, wat och ganz ganz gutt ass, well een sech an dëser Stad hei awer och sécher ka spieren.

Natierlech ass dat doten eng Plaz, déi mir mussen am A behalen, well mir wëssen, dass mir generell mat esou ëffentleche Plazen, wou ee konnt grillen oder Picknick maachen, oft Vandalen zum Opfer gefall sinn, mat der Konsequenz, dass mir et hu missen ewechhuelen.

Mir hoffen awer, dass dës Plaz, déi engem gewëssene Charakter a Besoin zougeuerdent ass, dass deen natierleche Kader an awer och dee Kader vum Bëschki-erfecht selwer, als Kierfecht grad esou respektéiert gëtt wéi dat op anere Plazen zu Diddeleng de Fall ass. Dat als generell Consideratioun zu Ärer Remark.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Merci, ech wollt hei bäifügen, dass ech och do meng Problemer hätt wann an deem Kader hei Kamerae wieren, et muss ee jo bedenken, dass domat all déi Leit op déi Kamera kommen, déi villäicht dohinner kommen an hire Leit gedenken.

Ech fannen et sensibel fir esou eppes permanent ënner Beobachtung ze halen, ech fannen et net dezent esou eppes ze maachen, et ass sécher noutwenneg, well net all Mënsch matkritt huet wat et ass, et ass héich diskret dat Ganzt, esou dass ee wierklech muss kucken, dass een, dee vu baussen dohinner kënnt, dass deen dat net ka verwiessle mat enger Grillplaz, mä dass et e Kierfecht ass, dass do d'Signalement wichteg ass, mat Panneauen oder esou oder dass een, dee laanscht geet, dat versteet. Mä ech mengen, Kameraen op esou enger héichsensibeler Plaz, dat géif ech ganz onglécklech fanne fir dat ze maachen.

Henri Glesener (LSAP): Telesurveillance, dat sinn zwou grondverschiede Saachen, do sinn déi Kameraen, déi an de Basenge sinn, eigentlech scho bal Niewesaach. Do geet et haaptsächlech ëm Fühler, Sensoren, deenen hir Daten do op Distanz weidergeleet ginn. D'Billen sinn eigentlech manner wichteg. Et ass keen do, dee bei engem Bildscherm sëtzt an de ganzen

Dag do dem Waasser an engem Baseng nokuckt, mä wann en Alarm kennt, kann ee gläichzäiteg op d'Bild zougräifen. D'Kamera ass also éischter niewesächlech an huet näischt ze di mat enger Telesurveillance, déi mir bräichte wa mer baussen d'Sitte wëilten iwwerwaachen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, et geet also net ëm Videosurveillance, mä iwwer d'Telesurveillance vun eise véier Waasserbehälter, déi mir hei zu Diddeleng hunn. Wien ass mat deem Devis averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

3.13. Verdeelung vun ausseruerdentleche Subsiden

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da géife mir weidergoen op d'Subside-extraordinairen, dat sinn zwee Stéck, ee vun 125 Euro fir d'Associatioun Lëtzebuerg Alzheimer, d'ALA, an e Subside extraordinaire vu 4.897,04 Euro fir d'Frënn vun de Grénge Scouten a Guiden, wat Renovéierungsaarbechten ugeet vum Home Belvédère. Do gesitt Dir an Ärer Dokumentatioun eng Oplëschtung vu Reparaturaarbechten, dass se och d'Zousu krute vum Staat, dass deen de Montant vun 9.794,07 Euro iwwerhëlt a mir géifen dovunner nach eemol 50% vun deem Montant iwwerhuelen, de Rescht gëtt da vum Grupp iwwerholl. Dat ass dee Prinzip, dee mir hei ëmmer uwenne bei esou Situatiounen.

Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

4. NEI FESTLEEUNG VUM SUPPLEMENT FIR NÉNG STONNE POLITESCHE CONGÉ PRO WOCH FIR DELEGÉIERTER VUN DE GEMENGESYNDIKATER

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op de Congé politique, dat sinn 9 Stonnen an dee géife mir op zwou Persounen verdeelen duerch hir Aktivitéiten a Syndikater, respektiv a Büroen, respektiv hir Partizipatioun un enger ganzer Rei Kommis-siounen, dat ass vun deenen 9 Stonnen engersäits 7 Stonne fir d'Claudia Dall'Agnol fir d'Aarbechten am



TICE a SICEC an 2 Stonnen un de Loris Spina fir den SES an de STEP.

Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat sin Stëmme vun LSAP, Déi Lénk an de Vic Haas.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech? Dat ass d'CSV.

5. OFFICE SOCIAL

Approbatioun vum initiale Budget vum Geschäftsjoer 2019 a senger vum Inneminister ofgeännerter Form

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir eriwuer op den Office social an et geet ëm d'Approbatioun vum Budget initial 2019 esou wéi och d'Modifikatiounen virgestallt goufe vum Ministère de l'Intérieur. Ech ginn dann dem Carole Wagner an dem René Manderscheid d'Wuert fir duerch de Budget ze féieren.

Carole Wagner (Office social): Mir hu verschidden Ännerunge misse maachen duerch déi 500.000 Euro, déi mir 2018 der Gemeng iwwerweisen hunn, respektiv déi 200.000 Euro, wou mir 2019 nach wëlles hunn ze iwwerweisen, déi waren u sech virgesinn am Ordinaire, doduerch war awer de Budget 2019 net am Equiliber, esou dass mir dat geännert hunn a mir hunn en an den Extraordinaire gesat. Voilà, méi ass et u sech net.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, si Remarken dozou?

Kënne mir déi Modifikatiounen dann hei guttheeschen? Dat ass **unanime**. Merci.

6. APPROBATION VUN DE CHANGEMENTER AN DER ZESUMMESETZUNG VUN DE BERO-DUNGSKOMMISSIONEN

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir op eng Rei Modifikatiounen an eise consultative Kommissiounen. Dat ass engersäits bedéngt duerch effektiv d'Demission vum Här Vic Haas als Member vum ADR a senger neier Funktioun als onofhängege Member vun dësem am Gemengerot, a wat d'Suite logique ass, dass eng Rei Kommissiounsmemberen ersat goufen, respektiv hunn och Déi Lénk eis e puer Modifikatiounen matgedeelt, respektiv hate mir lech awer och nach zoukomme gelooss, dass an der regionaler Museksschoul och nach eng Modifikatioun ass.

Mir géifen een nom aneren duerchhuelen.

An der Drëtten Alter-Kommissioun ersetzt d'Madame Michel Petesch den Här Jos Thill.

An der Commission des sports ersetzt den Här Jos Thill d'Madame Cris Ferreira de Matos also och bei Déi Lénk.

Am Groupe de travail "Refonte "PAG" ersetzt den Här Yves Jadin d'Madame Carole Thoma an den Här Jeannot Uri ersetzt den Här Antonio Contins.

An der Commission des Jeunes ersetzt den Här François Nicolay den Här Vic Haas an d'Madame Patricia Jochheim verléisst d'Jugendkommissioun. Déi war als Expert do fir d'Jugendhaus.

An der Commission scolaire ersetzt den Här Guy Vitali den Här Antonio Contins.

An der Commission de surveillance de l'école régionale de musique ersetzt den Här Bernard Villwock den Här Antonio Contins.

An der Commission des bâtisses et du développement urbain ersetzt den Här Guy Vitali den Här Antonio Contins an den Här Jos Thill ersetzt d'Madame Carole Thoma.

An der Commission de la circulation et de la mobilité ersetzt den Här Christian Wéis den Här Guy Bouchard

An der Commission des affaires culturelles ersetzt



den Här Jacques Krier den Här Maurice Büchler.
An der Commission des subsides pour études secondaires et post-secondaires ersetzt deen Här Vic Haas den Här Guy Bouchard.

An der Commission des sports et des loisirs ersetzt den Här Francis Nicolay den Här Alain Gibéryen.

An der Commission de la sécurité publique ersetzt den Här Jeannot Uri den Här Eugène Zieger.

An der Commission de l'égalité des chances et de la non-discrimination ersetzt den Här Guy Vitali d'Madame Michèle Schmit.

Folgend Leit kommen an de Pool des remplaçants:

D'Häre Guy Vitali, Bernard Villwock, Jeannot Uri, Christian Weis, Jacques Krier, Francis Nicolay an d'Madame Maggy Block.

Da komme mir zu der Museksschoul, do hat Dir eng Demissioun virleien, respektiv eng nei Nominatioun, engersäits d'Demissioun ass Vertriederin vun der Stad Weiler-la-Tour, d'Cécile Hemmen, an eng Nominatioun vum neie Buergermeeschter, den Här Vincent Reding.

Voilà, dat sinn déi verschidden Ännerungen. Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

7. PERSONALFROEN

7.1. Konversioun vun engem fräie Gemeindebeamtenposten (Service Kommunikatioun a Relatiounen mat der Press)(Salaireskategorie B, Salairesgrupp B1, administrativ Ënnergrupp)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da komme mir zum Personal an zu der Konversioun vun engem Posten.

Et ass jo esou, dass mir hei am Gemengerot d'Kreatioun mat gedroen hu vun engem Fonctionnaire communal an der Kategorie Traitement B, fir effektiv de Service de Communication et Relations publiques, do ass et dorëms gaange fir dee ganze Volet ronderëm d'Sozialmedien, nei Medien, de Suivi vun der Redaktioun an den Texter fir op den Internetsite, sozial Reseau fir op eise Blog Plan Media.

Elo ass et esou, mir proposéieren hei eng Conversion de poste, vum Fonctionnaire communal an den Employé communal well am Fong d'Situatioun déi ass,

déi meescht Leit, déi am Service sinn, sinn Employé communal a wa mir eng Chance wëllen hu fir een ze rekrutéieren, deen an deem dote Beräich schafft an deen och eng gewësse Berufserfahrung huet, deen deet sech schwéier fir als Fonctionnaire communal ze kommen, well en dann, quitte dass Modifikatiounen elo virgesi sinn, e muss awer e Stage maachen, Exame maachen, respektiv en Examen de fin de stage an dee mir hei awer rekrutéiere mat enger Berufserfahrung, dee mécht dat net.

Dofir hu mir hei d'Méiglechkeet fir deen Employée communal a mär bleiwen an där selwechter Logik wéi och déi aner Mataarbechter aus deem Service. De Prinzip vum Posten ass dee selwechten, et ass ebe just de Statut, deen en aneren ass, et ass net méi Fonctionnaire communal mä Employé communal.

Voilà, ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

7.2. Allocatioun vun enger Indemnitéit fir eng zousätzlech Charge fir eng Gemengenemployée (Service Education et Accueil)

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir iwwer bei de Kannergemengerot, do geet et ëm d'Allocatioun vun enger Indemnitéit an do ginn ech dem Loris Spina d'Wuert.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci, et geet hei dorëms fir dem Aleksandra Vujovic, wat eng Indemnité A2 huet, dat ass dee Groupe éducatif et psychosocial, also, et ënnersteet dem Service d'Education et d'Accueil, konkret schafft et als Educatrice graduée an enger Maison Relais hei bei eis a mir wollten him déi Charge accessoire, déi et hei iwwerholl huet, déi heescht Koordinatioun vum Kannergemengerot, dee ganz wichtege Projet vun eiser Gemeng, dass mir déi Kleng vu jonkem un un d'Demokratie eruféieren an an deem Kader huet hat vill Organisatiounsarbechten ze maachen an dofir kritt et wéi seng Virgänger, déi Prime zougedeele.

Ech wëll dann hei och direkt dovunner profitéiere fir dem Aleksandra Vujovic Merci ze soe fir sâi Courage fir dësen Challenge unzehuelen, hat an d'Valentina Polluce, dat kritt am Kader vun dëser Aarbecht seng normal Jetons de présence fir dee Projet weiderzeféiere well ja, mir hunn e puer Appeller un all eis Enseignanten gemaach, un all eis Leit, déi am educative



Beräich fir d'Gemeng aktiv sinn a mir hunn eis ganz ganz schwéier gedoen, Leit ze fannen, déi bereet ware fir samschdes moies heihinner ze komme fir dee Kannergemengerot ze encadréieren.

Engersäits hu mir als Gemengerot dee Projet lancéiert an ënnerstëtzt, mir sinn der Meenung, dass dat e wichtege Projet ass fir eis Gemeng, nach muss ee Leit fannen, déi sech bereet erkläre fir dee Projet am Moment ze iwwerhuelen. Dat war net esou einfach. Mir hunn der elo zwee, an deem Sënn hinne villmools Merci fir hiren Asaz a Courage, alleguerten déi aner Enseignanten, déi hei zu Diddeleng sinn, hunn do Raute gewénkt. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci dem Loris Spina fir déi doten Erklärungen, gëtt et Stellungnamen dozou oder Froen?

Romain Zuang (LSAP): Merci. Ech wéilt mech kuerz dem Loris Spina senge Wieder uschléissen. Et war wierklech ee Moment e Lach an déi ganz Saach komm. Mir hate virun 2 Joer nach 4 Encadrante fir de Kannergemengerot, an op eemol hate mir kee méi.

Merci dem Aleksandra Vujovic, dass hat sech där Saach ugeholl huet, och der Madame Polluce, dass dës Aktivitéit weiderliewe kann.

Et ass wierklech e wichtege Moment fir eis Kanner un d'Demokratie ze gewinnen. Mir hu gesinn, dass vill Kandidaten de leschte Samschdeg hei waren, déi wierklech bereet si fir deen Challenge do unzegoen, fir hei matzewierken a Saachen ze änneren an de Schoulen a ronderëm d'Schoulen. Villmools Merci a bonne chance.

Claude Martini (CSV): Merci, mir haten all déi Chance fir eventuell heihinner ze komme fir deen éischte Kannergemengerot matzegesinn, et ass ganz flott organiséiert.

Mir freeën eis op dat wat erauskënnt dobäi, deenen zwee Mataarbechter vun eiser Säit aus och villmools Merci.

Déi eenzeg Fro déi ech hunn: Firwat kréien déi zwee net dat selwecht? Ech verstinn dat net.

Loris Spina (LSAP - Schäffen): Merci, déi zwee, déi do an de Asaz ginn, dat sinn zwou verschidden Tâchen, dat heescht d'Aleksandra Vujovic iwwerhëlt hei

d'Koordinatioun vun deem Ganzen, hatt huet och deen administrative Volet do ze iwwerhuelen an d'Valentina Polluce ass elo mol éischter bei de Sitzungen dobäi fir him do ze hëllefen an eng Hand mat unzepake well et awer e grouse Groupe ass, fir him do ze hëllefen.

Awer wat tëscht de Sitzunge geschitt, do ass d'Aleksandra Vujovic méi am Asaz wéi elo déi aner Persoun. Dofir hunn si sech dat esou opgedeelt an dofir hunn si esou déi Propos gemaach.

Et ass jo och esou, dass ëmmer eng Persoun ass déi dee ganzen Volet iwwerhuele muss, an déi hat och nach ëmmer déi Charge accessoire well déi tëscht de Sitzungen nach méi ze dinn hat. Déi Dynamik, déi ee gespuert huet wéi mir hei waren, wou deen neie Kannergemengerot sech virgestallt huet, d'Kanner sinn extrem motivéiert an awer och geéiert, dass se dierfen an deem Sall setzen an dee Kannergemengerot esou duerchzéien, si spruddele vun Energie a gudden Ideeën, mir sinn dovunner iwwerzeegt, dass do her-no flott Saachen erauskomme wäerte wa mir dat déi lescht Sitzung presentéiert kréien.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci nach fir déi doten Erklärungen, da stëmme mir of: Wien ass domadder averstanen? Dat ass **unanime**. Merci.

8. FROEN UN DE BUERGERMEESCHTER AN DE SCHÄFFEROT

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Da gi mir eriwier op d'Froen un de Schäffen- a Gemengerot esou wéi se och datumsméisseg hei agetraff sinn. Eng vum Här Martini, eng vum Här Jadin an eng vum der Madame Kayser. Déi vum Här Martini, do ginn ech dem Claudia Dall'Agnol d'Wuert.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Merci, dem Här Martini seng war als éischt dobannen, ech probéieren déi kuerz zesummenzefaassen.

Den Här Martini schreift, datt an de 70^{er} Joren d'Rue Boitenberg frësch gemaach gi wier an, dass deemools den Niveau vun der Strooss esou eropgesat gi war, dass eng Famill mat hirem Auto do net méi an hir Garage kéim, dass d'Gemeng dee Problem reegelméisseg matgedeelt kritt huet awer näischt ënnerholl gi wier,



dass d'Famill laut Reglement vum Parking résidentiel nëmmen 2 Vignetten zegutt huet an 3 Autoen huet an dass d'Gemeng de 7. November 2017 op e Bréif vun der Famill geäntwert huet, et wier e Planungsfeeler vun der Gemeng gewiescht an de 70^{er} Joren, déi dëse Problem verursaacht hätt.

Do freet en dann ob mir där Famill net kënnen eng drëtt Vignette ginn, ob mir vun ähnleche Problemer wéissten, ob mir vun där doter Problematik wéissten, déi jo laut der Fro duerch eis Feelplanung entstanden ass, wéi eng Léisungsvirschléi mir hätten an a wéi engen Delaien een dee Problem kéint léisen, ob et nach där Fäll géife ginn, wou Leit net méi op den ee-genen Terrain, respektiv an hirer Garage parke kënnen wéinst engem Planungsfeeler vun der Gemeng.

Dëst sinn all d'Froen vum Här Martini, dozou gëtt et relativ vill ze soen.

Zu der éischter Fro ass ze soen, dass mir der Famill keng drëtt Vignette kënnen ginn, well eist Reglement dat och einfach net zouléisst oder virgesäit. A wa mir dat géife maachen, géife mir e Präzedenzfall schafen, an dat ass deene Leit méi wéi eemol erkläert ginn.

Ob mir vun ähnlech gelagerte Problemer wéissten, do ass d'Äntwert Neen an ob et zu Diddeleng nach Fäll ginn, wou Leit net an hir Garage kommen, do ass d'Äntwert Jo, mä dat hänkt domadder zesummen, dass d'Leit den Auto gewiesselt hunn, mat deem se am Ufank an d'Garage gefuer sinn, respektiv, dass hir Pente ze géi ass, dofir steet zanter enger Zäit och schonn an eise Bautereglement, dass d'Pente fir an d'Garage eranzefueren net méi wéi 15% Gefäll dierf hunn.

Wa mir als Gemeng eng Strooss frësch maachen, da gëtt och gekuckt, dass déi Leit och nach an hir Garagen erakommen, déi och virdrun erakomm sinn, et wier dem Service Technique och nach keen Fall bekannt wou dat duerno net gaangen ass.

Dir hutt gemierkt, dass ech déi Froen 3 a 4 ausgeklamert hunn. Firwat? Majo, et gëllt mol ze soen, dass et vun der Gemeng kee Bréif vum 7. November 2017 gëtt, mä e Bréif vun deene Leit vum 7. November un eis, an et gëtt och kee Bréif, wou mir schreiwen, et wier e Planungsfeeler vun der Gemeng. Mir hu geschriwwen: "D'Boitenbergerstrooss gouf an de spéide 70^{er} Jore frëschgemaach, bis dato huet keen aneren Awun-

ner aus där Strooss sech iwwer e Wäertverloscht vu sengem Uwiese beschwéiert".

Firwat Wäertverloscht? Majo, well d'Famill oder d'Madame am Bréif geschriwwen huet, dass hiert Haus e Wäertverloscht erlidden hätt well se net méi an hir Garage erakënnt.

An der Fro gëtt och gesot, d'Leit hätten sech reegelméisseg matgedeelt. Wann d'Strooss an de 70^{er} Jore frëschgemaach gouf, da sinn eng Partie Leit vun eis, déi waren do knapps oder guer net op der Welt an deen éischte Bréif, dee mir dozou hunn, de 7. November 2017, also iwwer 45 Joer méi spët kënnt, ech weess net op een do vu regelméisseg ka schwätzen.

Et gëtt en zweete Bréif vun där Famill, do steet keen Datum drop, mä mir hunn en Aganksstempel vum 16. Oktober 2018 drop. Méi hu mir net fonnt vun der Famill an eisen Archiven, eisen Ingenieur ass zanter 1993 op der Gemeng an den Techniker zanter 1996 an et ka kee vun deenen zwee sech erënneren, dass d'Famill u si erugetrueden ass, oder dass iergendeen anere wéinst deem Problem mat hinne Kontakt opgeholl hätt.

Dat heescht, hinnen ass aus deem Eck kee bekannt, dee bei hinnen intervenéiert hätt, a wat och e bësse komesch ass, d'Famill schwätzt ëmmer dovunner, dass an de 70^{er} Joren déi Strooss do frëschgemaach gouf, d'Strooss ass 1990 nach eemol frësch gemaach ginn, och vun deemools hunn se bei eis keng Tracen fonnt, dass déi Famill sech beklot hätt oder reklaméiert hätt, si hunn och d'Rapports de réunion vun 1990 nach eemol duerchgekuckt, an sie hunn och do näischt fonnt.

Am Bréif vum 7. November 2017, deen d'Famill un eis geschéckt huet, net mir u si, do weist d'Madame drop hin, dass hire Papp gestuerwe wier, e Joer virdrun an dass se dorops hin déi Haiser schätze gelooss hunn an dass se e Wäertverloscht festgestallt hu well se net an hir Garage kommen.

Mir ginn dovunner aus, dass se dat net eréischt festgestallt hunn, wou de Papp gestuerwen ass, dass se net do erakommen, a wann se mengen, et wier e Wäertverloscht, dann hätten se dat jo wuel éischter gemierkt, spëtstens 1990 wou déi Strooss nach eemol frëschgemaach gouf, dat sinn och ëmmerhin 30 Joer hir. Do hätt Famill jo kënnen reklaméieren, och do fanne mir keng Trace, an dee Papp, op deen se



sech beruffen, soll jo 2016 gestuerwe sinn, dat heescht vun 1990 bis 2016 fanne mir keng Trace, dass deen sech beschwéiert hätt an da steet och do, dass déi zwee betreffen Haiser vun der Mamm a vum Papp an de 60^{er} Jore gebaut gi wieren.

Laut eisen Archiver ass dat awer net ganz richtig, well dat eent gouf 1973 gebaut - dat ass dat wou d'Famill dra wunnt - an dat anert Haus gouf 1963 gebaut.

Eigentlech geet et awer och net dorëms well et huet sech ëmmer ëm déi ominéis drëtt Vignette gedréint. D'Madame krut en AT a wéi si sech hei gemellt huet mat hirer Doleance, do hu mir deen AT annulléiert fir dass mir Zäit hu fir eis Leit op d'Plaz ze schécke fir ze kucken ob mir iwwerhaupt eppes kënne maachen, well eis de Problem och net bekannt war.

D'Madame huet deemools am Bréif och nach aner Doleancen gehat, zum Beispill, dass an der Strooss géif gerannt ginn, oder dass se e Poller wëll, - mir hunn déi Doléancen, dass gerannt gëtt, wéi mir dat ëmmer maache wann een sech beschwéiert un d'Police weiderginn an hir dat och schrëftlech erkläert, mir hunn hir och erkläert, dass d'staatlech Verkéierskommissioun guer net matspillt bei esou engem versenkbare Poller an dass sie eis eng Faveur gemaach hun, dass d'Boitenbiergerstrooss iwwerhaupt kann esou bleiwe wéi se ass. Dir kënnt lech all un déi Diskussiounen erënneren, déi mir hei haten, a mir si frou, dass d'staatlech Verkéierskommissioun ageleckt huet. Mir hunn hir dunn deen AT annulléiert fir hir entgéintzekommen, andeems mir kucke wat kéint gemaach gi fir hir ze hëllefen obwuel si ëmmer vun engem Planungsfeeler schwätzt.

Eis Leit sinn dunn zweemol op d'Plaz gaangen, ouni Rendezvous fir sech déi Saach unzekucken an eemol haten se dunn e Rendezvous mat der Famill. Ugetraff hunn se dunn en Här a säi Bouf, dat ass de Mann an de Bouf vun der Fra, déi dee Bréif geschriwwen huet, si hunn dunn awer och festgestallt, dass d'Pente fir an hir Garage esou géi ass, dass keen Auto erakënnt ouni opzesetzen, si hunn och Fotoe gemaach, festgestallt gouf och, dass sech d'Leit beschwéiert hu well de Bouf en AT krut, well dräi Autoen dobausse stoungen an hir Demande wier eben déi fir eng drëtt Vignette ze kréien.

Eis Leit kruten dunn och déi Familljgeschichte erzielt, wéini d'Haiser gebaut goufen, d'Strooss wier frëschgemaach ginn an de 70^{er} Joren, och bei deem Rendezvous kruten eis Leit näischt gesot, dass dat eent Haus eréischt 1973 gebaut gouf, oder dass d'Strooss 1993 nach eemol frësch gemaach gouf.

Si hunn dunn eise Leit gesot, deen Entrepreneur hätt an de 70^{er} Joren ze vill Material an d'Strooss gehäit, d'Pente wier déi falsch Richtung gemaach ginn, sou dass d'Strooss elo 10 bis 15 cm ze héich ass. An den Papp vun der Madame hätt sech deemools och bei der Gemeng beschwéiert mä et wier näischt geschitt.

Wéi gesot, mir fannen dovunner näischt erëm, mä bon, et ass och eng laang Zäit. Si kruten dunn erëm erkläert, dass dat mat der drëtter Vignette net géif goen, de Bouf hätt awer op deem Rendezvous ëmmer rëm nogehaakt fir déi drëtt Vignette an den Här hätt awer du gesot, sie hätten och kënnten eng Parkplaz maachen, si hätten e kleng Gäertche virum Haus virdrun an op een do kéint eng Parkplaz maachen.

Dunn ass en natierlech un eise BauteBüro verweise ginn, well déi eben d'Baugenehmegunge ginn, wann se dat dote géife maachen, da missten se dat ufroen. Si kruten duerno awer och de Virschlag gemaach, dass si hir Pente kéinte verklengeren andeems se hir Garagendier no hanne setzen, do ass d'Famill awer net drop agaangen.

Eis Leit waren 45 Minutte sur place mat deenen 2 Hären an et huet sech ëmmer ëm déi drëtt Vignette gedréint. E bësse méi spët hunn eis Leit dunn awer probéiert, och der Fra ze telefonéiere well déi net um Rendezvous war, si kruten dunn awer dee Bouf nach eemol well dat dem Bouf seng Nummer war déi se ugin haat, si hunn dunn dem Bouf och nach eemol erkläert wat se och um Rendezvous erkläert hunn. Dat ass, mengen ech, alles zur Informatioun wat gelaf ass, wat am Virfeld gelaf ass, de Léisungsvirschlag vum Service wier deen, dass d'Famill hir Garagepart 1-2 Meter géif no hanne réckelen, well onofhängeg vum Niveau vun der Strooss kënns de esou oder esou net an d'Garage. Déi aner Léisung huet d'Famill selwer an d'Spill bruecht, nämlech, dass se eng Parkplaz virun der Dier niewendru maachen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol. Här Martini, ass Är Fro beäntwert?



Claude Martini (CSV): D'Madame Dall'Agnol ass op Villes agaangen, ech hu mech op dee Bréif baséiert, deen hei läit, d'Famill huet oft mat mir driwwer geschwat, ech selwer hu laang vis-à-vis gewunnt a well an deem Bréif drasteet, dass mir als Gemeng kucke fir deen Accès zu dem Garage nees hierstellen, ass dat fir mech kloer, dass mir als Gemeng e Feeler do gemaach hunn an dass mir missten deen Accès erëm esou hierstellen, dass déi Leit an d'Garage kommen.

Well bis elo war jo kee Problem, jidderee konnt säin Auto stellen, wou e wollt mä elo mat der Vignette, elo huet een der just zwou zegutt, mä si kënnen deen Auto guer net erastellen, do wieren dräi Autoe fort vun der Strooss wann een deen Accès kéint garantéieren. Do hätte mir dann och e kleng Problem geléist.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech hunn dat verstanen, dofir hunn ech och esou wäit ausgeholl well wann een de Problem net kennt, dann ass et e bësse schwéier och bei der ganzer Saach nozekommen.

Onofhängeg vum Niveau vun der Strooss kéimen déi Leit ni eran, dat heescht, dat éischt wat se musse maachen, ass d'Pente ze änneren a mengen Informatiounen no kéimen se dann och esou an hir Garage eran, mä wann si mengen, mir hätten e Feeler gemaach, mir kënnen kee Feeler zouginn, vun deem mir näischt wëssen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir maachen do elo keen Debat op, mir kréien déi Situatioun haut net geléist, Dir hutt Är Erklärung mat erabruecht, d'Claudia Dall'Agnol huet seng mat erabruecht, voilà.

Da fuere mir weider, elo kënnt d'Fro vum Här Jadin, et ass eng Fro am Kader vum PAG wou e seet, dass mir e Biergerforum organiséiert hunn, dass do iwwert 150 Ureegungen an Ideeën komm sinn an dass de Buergermeeschter am August 2017 versprach hat, dass dës Lëscht géif public gemaach ginn. Ass dat geschitt? Wou fënnt een déi Lëscht a wann net da firwat? An Dir géift et begréissen, dass am Kader vun der Biergerbedeelegung dat géif gewise ginn, respektiv zougänglech gemaach ginn.

Dat ass d'Fro déi Dir gestallt hutt. Et ass richtig, dass 150 Ureegungen komm sinn, et waren net 150 verschidden Ureegungen, déi sinn oft an déi selwecht Richtung gaangen, mir hunn se regroupéiert an op-

geschafft an och en Text doraus gemaach an och kontextualiséiert, notamment och fir déi Bierger déi net bei de Biergerforen dobäi waren, dass déi och noliese kënnen, mir hunn et op deen Internetsite gesat, beim Volet PAG, dat ass Projets communaux, wann een dat uklickt kennt een automatesch op dee Blog, dee mir als Stad Diddeleng hunn, do fënnt een op gutt 10 Säiten dee Volet Mobilitéit, Urbanismus, Stadentwécklung, Environnement a Paysage an do gëtt all Kéier Referenz gemaach op déi verschidden Ideeën déi kontextualiséiert goufen.

Et ass also zougänglech, et ass net esou wéi wann näischt do wier, wéi Dir mir d'Fro gestallt hutt, hunn ech selwer nach eemol en Exercice gemaach, si selwer kucke gaangen a mengen, dass een deen Volet méi visibel maache kann, et kennt een drop mä et muss ee siche fir dohinner kommen.

Ech hunn dat och schonn mat eisem Service public gekuckt fir et méi visibel ze maachen an déi 10 Säiten déi een huet etofféieren an ech mengen, dass een dat ka mat eranhuelen. Ech wëll awer soen, vu dass mir am Kader vun der Biergerbedeelegung déi Rapporten och op deen Internet setzen, ganz vill Bierger déi do waren an och déi déi net do waren, eng positiv Réckmeldung ginn a gesot hunn, mir hunn eis dat erausgedréckt an och duerchgelies, also wéi gesot deen Objektiv dee mir haten dat visibel ze maachen, dem si mir nokomm well d'Leit dat fonnt hu mä wéi gesot, et ass sécherlech verbesserungswierdeg. Der Saach huele mir eis och gären un.

Da geet eng Fro un d'Claudia Dall'Agnol vun der Madame Kayser.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): D'Madame Kayser huet eng Fro gestallt an zwar seet se, vu dass den ëffentlechen Transport soll gratis ginn, ab dem 1. Mäerz 2020, a mir als Diddelenger Gemeng Member am Syndikat TICE sinn an d'Käschten dovunner an d'Luucht gaange sinn, well se wësse wéi et mat de statleche Subventionéierung vum Citybus weidergeet, Late Night Bus, Flexibus an Nightrider och gratis wäerte ginn an ob déi Servicer weider ugebuede ginn, wat Kompensatiounsmoosname wiere fir deen Ausbau vun de Busticketen, op mir gedenken de Flexibus opzemaache fir Leit ënner 60, respektiv ob deen iwwer d'Diddelenger Gemeengegrenzen eraus fiert, wéi héich den Ausfall vum TICE wäert sinn, wa keng Tickete méi verkaf ginn a wat u Méikäschten op Diddeleng doduerch



duerkommen an zu gudder Lescht, wéi eng Méiglechkeeten ergraff ginn, fir dass d'Käschte vum TICE net weider an d'Luucht ginn.

Dës Majoritéit hat jo schonn ugekënnegt, dass se an dëser Legislatur de Citybus well gratis maachen, esou, dass dat wäert de Fall sinn ab dem 1. Mäerz d'nächst Joer, mir wäerten dofir virun dem Stéchdatum also den 1. Mäerz 2020 eist Taxereglement am Gemengerot mussen ofschafen.

Zum Flexibus, do bleift alles beim Alen am Moment, natierlech mécht de Schäfferot sech och ëmmer Gedanken, wéi een deen dote Service wéi all déi aner och nach ka verbesseren, an dësem konkrete Fall awer ouni dass mir eise Citybusse wëlle Konkurrenz maachen.

Alles dat wat ech schonn e puermol am Kader vun deen Diskussiounen vum Flexibus sot, gëllt weider wa mir awer ab dem 1.3.2020 oder iergend en aneren Datum eppes um Präis wëilten änneren, da wäerte mir mam Taxereglement hei an de Gemengerot kommen.

De Nightlifebus ass a bleift gratis. Zum Late Night Bus do hunn ech nach keng Infos, dass och do nach Zäit. Allerspéitstens musse mir et wësse wa mir de Budget 2020 opsetzen, ech ginn awer dovunner aus, dass de PROSUD eis dat wäert matdeelen. Wat mir duerch de Citybus Ticket-Verkauf verléieren, do sinn am Budget 2019 ronn 6.000 Euro virgesinn. Deen Ausfall wäerte mir packen, wann een och bedenkt, dass mir reegelméisseg hu missen Ticketen drécke loossen an dass dat elo net méi de Fall wäert sinn.

Zu gudder Lescht nach Informatiounen zu de Käschte vum TICE. Den TICE wäert 0 Euro Ausfall hunn duerch de gratis Transport well déi Recettë vum Ticketsverkauf zanter jee her 1 zu 1 un de Staat weidergeleet gi sinn, dofir falen och keng Méikäschten un.

Den TICE-Direkter sot mir och, dass déi staatlech Subventiounen, déi mir fir de Citybus kréien, bis elo nach net a Fro gestallt goufen. Den TICE ass e personalintensive Betrib, nach fueren d'Bussen net vum selwen an ouni Chauffeur, dofir musse 65% vum Budget ordinaire dann och fir Personal verwennt ginn, et versteet sech da vum selwen, eleng wann eng Indexbranche fällt, dass dat an dem Budget e groussen Impakt huet an do huet weder de Comité nach de Büro vill Afloss drop a

mir wëlle jo wahrscheinlech alleguerten am Sënn vum Client, dass dee lafende Betrib an déi lafend Linne weidergefouert ginn.

Den TICE hat déi lescht Period dovunner profitéiert, en Investitiounsretard opzehuele bei den Infrastrukturen, mä haaptsächlech awer och bei de Bussen, déi dun e Duerchschnëttsalter vun 10 Joer hunn, Enn 2015 louch en nach op 4,5 Joer, do ass en erofgaangen an dat bedeit, dass vill manner Entretien muss gemaach ginn.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir d'Fro, respektiv och d'Äntwert. Domat si mer zum Schluss vun de Froen ukomm an awer och um Schluss vun der öffentlecher Sitzung.

Ufank vum Huis clos.



GEMENGEROTSSITZUNG VUM 25. FEBRUAR 2019

1. PROJET SHARED SPACE (AVENUE GRANDE-DUCHESSE CHARLOTTE)

1.1. Phase 2 1. Presentatioun vum Projet

1.2. Circulatioun – temporaire Verkéiersreglement während de Reamenagementsaarbechten an der Avenue Grande-Duchesse Charlotte

1.3 Gemegefinanzen – Approbatioun vun de Ännerunge vum Kapitel XXIII: gebühreflichtegt Parken – vum allgemengen Taxereglement vum 3. Februar 2017

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech begréissen lech hei an eiser Gemengerotssitzung, de Gemengerot ass bal komplett, et wäerten nach Kolleginnen am Laf vun der Sitzung antreffen, d'Madame Oliveira an d'Madame Kayser.

Et geet haut ëm d'Presentatioun vun der 2. Phase vum Shared Space, wou mir dem Gemengerot wollten eng Geleeënheet ginn, de Projet ze presentéieren, wat déi nei 2. Phase ugeet, respektiv awer och wat dozou gehéiert, déi néideg Verkéiersreglementer déi musse geholl ginn.

Dat ass engersäits den urbanisteschen Deel vum Projet an dann eben awer och de verkéierstechnesche Volet ronderëm d'Chantiersaarbechten, wann se elo am Fréijoer lass ginn. Mat an eiser Mëtt, och am Kader vun dëser Gemengerotssitzung, begréissen ech dann och vum Architektbüro Nico Steinmetz den Här Steinmetz selwer mam Här Frédéric Le Gros, dann awer och vun der Associatioun Schroeder Associés, d'Nathalie Muller an den Tom Steichen, si wäerten och am Laf vun der Gemengerotssitzung op eng Rei Elementer agoen an d'Presentatiounen maachen an dann och säitens vun eise Gemege-servicer d'Cathy Mambourg, den Tom Schroeder, den Nic Krumlovsky an de Pit Demuth, fir d'Wichtigkeet vun deem Projet virzestellen.

Dëst gesot, kuerz als generell Introductioun, et ass jo dat heiten de Projet vum Shared Space matzen am Stadkär, do ass jo d'Aweigung vun der 1. Phase am Mee 2017 gemaach ginn an initial sollt jo déi 2. Phase ronderëm d'Franz Kinnen Plaz virun der Kirch sinn, respektiv déi 3. Phase jo d'Grande-Duchesse Charlotte, den ënneschten Deel wat elo déi aktuell 2. Phase gëtt.

Dat heiten ass e wichtege Projet fir d'Stad Diddeleng, well mir de Projet Shared Space weider ëmsetzen, well mir och de Stadkär weider wëlle moderniséieren, et ass also e resolute Projet, deen sech aschreift an d'Weiderentwécklung an den Image vun der Stad Diddeleng, dat heescht deen ugekënnegte Facelifting geet weider, déi 1. Etappe hu mir hannert eis, déi 2. Etapp geet weider an déi 3. kënnt no a mir gi jo och an d'Diskussioun mat de Bierger, déi natierlech och ee kloer drop uschwätzt wéini dass et lass geet.

Dat heiten ass jo och e Projet, dee mir ëmsetzen iwwer 3 Phasen, wou et jo keng staatlech Subside ginn, wat leider schuet ass, mä wou mir iwwer europäesch Fërdergelder déi néideg Subventiounen kritt hunn.

Pour rappel, Dir hutt et alleguerter matkritt, mir hu missen e Switch maachen, dass déi Phase 2, déi ugeduecht war, elo d'Phase 3 gëtt, déi ugekënnegt war, an déi Phase 3 gëtt elo d'Phase 2, dat ebe well an deem Deel ronderëm d'Zoufftergerstrooss an d'Rue du Commerce, déi bidirektional sollt kommen, wou Ponts et Chaussées jo de Lead hat. Do hate mir och schonn de Projet am Gemengerot gestëmmt, mee vu dass Ponts et Chaussées scho Retard haten an hirem Deel a mir hänke jo mam Shared Space dru mam 2. Deel, do ware mir da flexibel genuch als Gemeng, de Switch ze maachen um Niveau vun den Etappen, fir dann och eng aner Zäitschinn kënnen ze hunn, well Ponts et Chaussées hat eis matgedeelt, wa mir den initialen Zeenario gehalen hätten. Eréischt Enn 2019 wier hiren Deel fäerdeg gewiescht fir unzefänken, wat eisen 2. Deel dann och largement zeréckgehäit hätt, dofir wier et gutt fir déi 2 Phasen dann hei och ëmgedréint ze hunn.

Wat ass déi aktuell Situatioun? Virun enger ganzer Rei Woche gouf wat déi 2. Phase ugeet - well de Gemengerot de Projet hei jo scho gestëmmt hat - gouf d'Soumissioun publique gemaach, do goufen eng Rei



Offeren, déi erakomm sinn, och iwwerpréift a mir hunn enger Entreprise den Zouschlag gemaach, mir sinn awer nach an de Prozeduren.

Dat heescht, déi aner Entreprises déi net zeréck-behale goufen, wëll ech einfach hei soen, déi kënnen nach ëmmer Recours maachen, dat heescht haut kënnen mir lech nach net soen, wien déi Entreprise ass, déi den Zouschlag kritt, well mir nach an der Prozedur drasin.

Mä viraussichtlech wäerte mir d'nächst Woch do eng Gewëssheet hu par rapport zum eventuelle Recours, dee stattfannen oder net wäert stattfannen. Do si mir Mëtt nächster Woch fixéiert an et ass esou an Aussicht gestallt, wann alles gutt geet a wa kee Recours ass, dass mir dann Enn Abrëll 2019 mat den Aarbechten hei kënnen ufänken.

Wat eis an der 2. Phase och wichteg war par rapport zu der initialer Phase, déi Diskussiounen hate mir jo och hei am Gemengerot, mat den Erfahrungswärter, déi mir gemaach hu bei der 1. Phase, dass mir och do nobesseren an dass mir och do eng ganz Rei Iwwerleeungen, déi mir hei am Gemengerot getätegt hunn, déi mir awer och vu Geschäftsleit mat kritt hunn, dass mir déi an d'Soumissioun mat afléisse gelooss hunn, wat d'Exekutioun vum Chantier ugeet an do hate mir och schonn d'Geleeënheet, hei am Gemengerot driwwer ze schwätzen, do hate mir eng Aarbechtssetzung als Schäfferot mat de Geschäftsleit wou eng ganz Rei Punkte mat ugeschwat goufen, déi hei an déi néideg Soumissioun mat eragelaf sinn a viraussichtlech wäert och de 5. Mäerz owes um 7 Auer hei am Gemengenhaas eng Informatiounsversammlung si fir déi concernéiert Geschäftsleit a Bierger, déi an der Niddeschgaass wunnen an déi also direkt vum Chantier betraff sinn an natierlech ass déi Informatiounsversammlung och op fir all Persoun, déi interesséiert ass.

Déi Erfahrungen, déi mir mat integréiert hu vun der 1. Phase an déi 2. Phase mat eran, engersäits hu mir en externe Büro mat bäigezunn, deen de Chantier an d'Koordinatioun vum Chantier kontrolléiert, deen och d'Interface ass tëschent de Geschäftsleit an der Entreprise, déi d'Aarbechte mécht, do wësse mir, dass dat verbesserungsfäeg war an et ass d'Sociétéit Schroeder et Associés, déi dat maache wäert, an dass mir am Kader vun der Exekutioun vum Chantier déi ganz Signalisatioun fir d'Fouss-

gänger an och fir d'Geschäfte maachen – do wäerte mer an der Presentatioun nach drop agoen - dass mir och deem Rechnung gedroen hunn, fir dass och de Foussgänger ouni grouss Hindernisser bei déi Geschäfte kënnt wou en hi wëll kommen, dass och iwwer deen dote Wee d'Accessibilitéit zu de Commercen gewaart bleift. Dat waren Erfahrungen, déi mir gemaach hunn an awer och Doleancen, déi nach eemol an der Aarbechtssetzung zu Geltung komm sinn an déi mir och hei mat erageholl hunn.

Mir hunn awer och mat festgehalten, dass um Niveau vun den Aarbechtssäiten och d'Méiglechkeet entsteet - och dat ass Partie intégrante vun der Soumissioun - dass bis 7 Auer owes ka geschafft gi vu méindes bis freides, also vu moies bis owes an dass en fonction vun de Besoinen am Intérêt vun der Evolutioun vum Chantier och samschdes ka geschafft ginn, dat steet expressis verbis an der Soumissioun mat dran an dass och méi Ekippe mat um Chantier sinn, fir déi Aarbechten dann do kënnen ëmzesetzen.

Dat heescht, all déi Doleancen, déi gemaach goufe vun de Geschäftsleit awer och Réckmeldunge vu Bierger an Diskussiounen, déi mir hei am Gemengerot haten, hu mir mat afléisse gelooss a vu dass mir wëssen, dass eng Rei Chantiersaarbechte sinn an dass och d'Commercen dovunner solle kënnen profitieren, och wann et e bësse méi schwierig Konditiounen sinn, well esou en Agrëff ass ëmmer ganz penibel fir e Stadkär a Commerce an do wäert her- no och nach d'Claudia Dall'Agnol méi am Detail drop agoen, wäerte mir och 30 Minutte gratis Parking hei an Diddeleng maachen, do wou Parking payant ass. Dat ass eng Moossnam, déi mir am Kader vun den Diskussiounen, déi mer haten, och mat erageholl hunn.

Mir hunn awer een Avantage niewent de positiven a manner positive Phasen, et ass e groussen Avantage, deen hate mer an der 1. Phase net, mir hu matzen am Stadkär mam Parking Am Duerf 180 Parkplazen, déi disponibel sinn, dat hate mir bei der 1. Phase net, sou dass och wa während der Chantiersphase Parkplazen ewechfalen, mir hei awer largement néideg Parkplazen hunn ënnerierdesch fir déi néideg Autoe kënnen ze parken.

Wat och nach ze soen ass, am Kader vun där doter 2. Phase, ass dass mir och eng Entrevue hate mat dem Ëmweltminister wéinst där ganzer Diskussioun



ronderëm déi Beem, déi an der Niddeschgaass sinn, do hate mir mat hinne Reuniounen awer och sur place eng Concertatioun, wou mir och vum Ëmweltministère déi néideg Autorisatioun kritt hunn, fir dass déi siwe Beem, déi do sinn, kënnen ewechgeholl ginn, dëst awer och mat der Oplag, dass am Kader vun deem ganze Chantier, déi generell an awer och déi Dispositioun vum Ëmweltministère, dass op der Plaz selwer 22 nei Beem wäerte geplazt ginn.

Dat ass déi Moosnam, déi geholl gouf am Kader vun deem dote Chantier an och eng Diskussioun, déi hei och ëmmer war, dass mir och an dëser Soumissioun wéi an der viregter, Penalitéite virgesinn hu par rapport zu der Exekutioun vum Chantier, vis-à-vis vum Entrepreneur, dofir ass hei och d'Wichtigkeet vun der Interaktioun tëschent dem Büro, deen de Contrôle mécht an och deem Dokument vum Chantier, deementspriedend mam Architektbüro wat deen heite Projet ugeet.

Dat ugangs e puer méi generell Remarken, wat d'Ausrichtung vum Projet ugeet, déi Erfahrungen déi mir während der 1. Phase gemaach hunn, sinn hei mat eragefloss an eng 2. Phase, déi sécherlech hir Wichtigkeet huet, déi och erëm matzen am Stadkär stattfënnt, wou och schonn lwwerleeunge sécherlech lafen a weider musse verdéift gi fir déi Chantiersphasen ze notze fir eng Rei Manifestatiounen ze maachen, fir de Stadkär während der Chantiersphase attraktiv ze halen. Do hate mir e puer Usätz an enger éischter Phase, déi mir hei wäerten afléisse loossen, dat sinn awer och Initiativen, déi mir zesumme mam Geschäftsverband wëlle maachen, de concert, d'un commun accord, zesummen, well si do eng Rei lwwerleeungen hunn.

Voilà, dëst gesot géng ech hei mat der genereller Introductioun ophalen a géif d'Wuert weiderginn un den Nico Steinmetz an un de Frédéric Legros an duerno un d'Nathalie Müller an den Tom Steichen.

Nico Steinmetz (Steinmetzdemeyer Architectes urbanistes sàrl): Merci, Bonjour alleguerten, de Projet wéi scho gesot ass jo d'Verlängerung vun der 1. Phase, dës Kéier a Richtung Gare, mir si mam gesamte Konzept an där selwechter Richtung bliwwen, wéi dat wat mir schonn am Concours virgeschloen haten, a wat mir an der 1. Phase scho realiséiert hunn.

Dat heescht et ass op deem selwechten Tracé vu Beem, déi sech alternéieren, eng Kéier riets, eng Kéier lénks an dann och nach Parkingsméiglechkeete sinn, fir de court terme, déi aner Säit wou d'Autoe kënnen fueren, alles esou ausgeriicht ass, dass den Auto esou mann wéi méiglech Perspektiven huet, déi linear sinn a senger Richtung.

Dofir hu mir och de Pavage bäibehale mat den Diagonalen, wat e bëssen eng Metapher war vun de Leit, déi Lèche-vitrine maache vun där enger Säit op déi aner, mä wat tatsächlech de Stroosseraum net a senger Längt zeechent mä a senger Beweegungen no riets an no lénks, sou wéi de Foussgänger et am Fong wëll maachen an him souvill wéi méiglech Fräiheet ginn.

Wat och an der 1. Phase scho war, ass erëm eng Kéier de Rhythmus vun de Luminaires, déi engersäits moies d'Méiglechkeet gi fir d'Livraisonen, wou méi Plaz ass fir d'Camionen an d'Camionnetten ze stellen, mä wou ab 10 Auer oder 11 Auer, wa keng Livraison méi sinn, wou d'Foussgänger am Fong da vill méi Plaz hunn an sech de Stroosseraum kënnen uneegnen, a wéi gesot d'Beem hu mir erëm eng Kier op déi selwecht Distanz gesat vu 7 oder 8 Meter, wou ee just een Auto dotëscht kritt mä wou vill Plaz ass, fir dass e Foussgänger net muss tëschent zwee Parechoken sech fauliléieren, mä wou e ka laanscht de Bam goen a wou ëmmer nees genuch Plaz ass, fir dem Foussgänger esouvill wéi méiglech Fräiheet ze ginn am öffentleche Raum, fir ze spadséieren.

Dann, an der Entrée hei, do hu mir am Fong geholl de Stroosseraum zougemaach fir d'Autoen, haaptsächlech duerch d'Beem engersäits, déi do sinn, an anerersäits duerch d'Beem, déi mir nach dobäi bréngen an hei ass am Fong den Enkpass wéi e gefrot ass am Code de la Route, do musse mir jo och konform sinn, wou mir 3 Meter 50 cm hu fir ganz kloer ze signaliséieren, hei gi mir vum classesche Stroosseraum an de Shared Space mat 20 Km/h eriwuer an do ass da vun do un d'Signaletik déi wéi se am Code de la Route virgesinn ass, dass mir iwwer deen Tronçon keng nei Signaletik méi musse ginn, well mir wëlle jo och déi visuell Pollutioun vu Panneauen hei an do erofsetzen, fir dass de Stroosseraum esouvill wéi méiglech fir Gebaier, Vitritten, d'Leit déi am Fong doduerch ginn.



Och erëm eng Kéier gesi mir herno am Detail méi, hu mir bei all 2. Luminaire och nees eng Sëtzbank, déi mir kombinéiere mam Luminaire a mat der Poubelle fir och um Niveau vum Mobilier urbain net eng Profusioun ze hu mat e lauter Saachen, déi do erëmstinn, mä fir alles esouvill wéi méiglech ze gruppéieren, dass de Stroosseraum roueg gëtt an dass am Fong geholl d'Vitrinnen doduerch méi ervirstiechen an ëmmer nees Benotzerfrëndlechkeet esou héich wéi méiglech ze gestalten.

Dann och déi säitlech Strooss an hei dee kleng Passage gi mat traitéiert, hei schaffe mir och erëm mam ähnelche Graphismus, do ass och de Belag, dee mir do bis mat eranzéien.

D'Niveaue, do ginn ech elo net an den Detail, mä déi hu mir esou gestalt fir esou vill wéi méiglech d'Ënnerscheeder ofzedecken, well verschidde Commercen e groussen Ënnerscheid haten, hu mir gekuckt fir eng Ligne médiane ze zéien, wou mir ni an e Commerce erofginn, mä mir konnten awer verschidde Situatiounen, wou e kleng Bauch war an der Niddeschgaass, konnte mir riicht zéien an och den Niveausënnerscheid vu verschiddene Commercen, besonnesch am ënneschten Deel, e bësse reduzéieren.

Et ass awer onméiglech fir all d'Commercë fir PMR zougänglech ze maachen, well eng Strooss kann nëmmen e gewëssene Pourcentage Gefäll hunn an d'Rez-de-chausséeën sinn ebe wou se sinn an ech mengen, dat ass d'quadrature du cercle a verschidde Saache kënnen mir dann awer net léisen an de Patrimoine, de geschichtlechen Deel vun der Niddeschgaass ass do awer méi wichteg wéi dat anert.

Mir sinn och mat Adapt duerch déi ganz Strooss gaangen a mir hunn och do nees eng Evaluatioun gemaach par rapport zu der 1. Phase, well mir och hei mat ähnelchen Elementer schaffen ewéi och an der Niddeschgaass, also an der 1. Phase, déi relativ diskret sinn, mä wou awer déi Leit déi malvoyant sinn, sech gutt kënnen domadder orientéieren, ouni dass dat elo esou e markant Element ass, wat stéierend ass, am Graphismus vum ëffentlechen Raum, schaffe mir am Fong haaptsächlech laanscht d'Bordür vun de Fassaden an dann hu mir verschidden lwwerquerungen, Méiglechkeeten, wou de Malvoyant soll gesinn, hei do geet et elo eriwier an eng Querstrooss, déi hu mir markéiert, et sinn déi

kleng punktuell Elementer, déi mir do am Graphismus vun der Strooss konnte mat integréieren a wou kee Konflikt mat der Zeechnung vum Revêtement komm ass.

Dann, wéi gesot, mir si ganz zefridde och mat der Belichtung, mat de Masten a mat der Kombinatioun vun de Bänken an de Poubellen. Wat fir eis wichteg war, ass dass d'Stroossebelichtung déi richteg ass, si entsprécht den Normen, mä dass mir och mat méi hellen a méi donkelen Zone schaffen, datt dat net einfach eng Autobunnsbelichtung ass, déi iwwer déi ganz Zäit déi selwecht LUXe sinn, Neen, mir sinn an engem Stroosseraum wéi an engem Salon doheem, do hu mir och keng Neone wéi an engem Büro, mä verschidde Luminaires, eng um Plafong, verschidde Lüsteren, oder wéi mir dat eben amenagéieren, mä mir hunn Zonen an eise Wunnraum, déi méi hell oder donkel sinn. Dat wollt mir och am Stroosseraum maachen, fir datt et net e equivalente Raum an der Nuecht ass, et ass och eng Belichtung, déi net an de Blotéin ass, mä et ass eng, déi a waarme Faarwen ass, punkto Kelvin schaffe mir mat deene selwechten, wéi mir se schonn haten, och bei de Bänke fuere mir mat deem weider wat sech schonns als gutt erweisen huet an der 1. Phase.

Wéi gesot, d'Etüd vun der Belichtung, do gesäit een déi Zonen, déi elo erëm spezifesch gemaach ginn ass fir déi 2. Phase, bei de Luminaires ass dat wat rout ass, am hellsten an dat gielt ass méi eng duuss Belichtung, do gesäit een dann och ëmmer wou den Emplacement ass vum Luminaire, ëmmer am Géigendeel vun de Beem, well fir Luminaires niewent de Bam ze setzen, do kritt ee vill Schiet op de Buedem, déi ganz Logik hu mir do weidergefouert.

An dann hu mir och e bësse gewisen, wat kéint d'Chrëschtagsbelichtung sinn, un de Beem villäicht duerch déi ganz Niddeschgaass dee Moment, dat wat am Summer am Fong de Charme mécht vun de Beem, déi ganz Perspektiv, kéint da gebraucht ginn op der ganzer Längt fir eng Chrëschtagsbelichtung. Dat ass eng Suggestioun, dat ass elo net am Cahier des charges.

Voilà, do hu mir dann och e puer Simulatiounen gemaach, hei hu mir d'Entrée zu der Niddeschgaass, wéi mir gesot hunn, do setze mir dann nach Beem dobäi, erëm eemol mat Bänken, Luminaires, erëm eemol en Aménagement, wou net elo Borne sinn,



déi net nëmme si fir den Auto opzehalen, mä mir setzen d'Elementer, déi mir brauche fir d'Notzung, d'Begrëngung, d'Schietgestaltung, esou, dass den Automobilist do seng Plaz net fënnt.

An dann ass awer ganz kloer hei markéiert, mat Content Panneauen, wou mir dann déi Code de la Route Beschëlderung drop hunn a vun do u brauche mir keng weider Beschëldung ze maachen. Dann ass déi ganz Niddeschgaass bis un hire Schluss reglementéiert a ganz kloer laut Code de la route.

Hei hu mir dann eng Vue an där anerer Richtung, wou mir elo e bëssen e Fotomontage gemaach hu mat den Terrassen, wéi se elo do sinn, a wou een da gesäit d'Luminairë mat de Bänken an déi aner Säit d'Beemgestaltung mat der Méiglechkeet, eng kuerz Zäit ze parken. Dat war et fir mäin Deel, da ginn ech d'Wuert weider un de Büro Schroeder Associés.

Tom Steichen (Schroeder & Associés S.A.): Gudde Moien dann och vu mir, mir géingen dann elo kuerz op d'Infrastrukturen agoen, déi frëschgemaach ginn, dat heescht alles dat wat ënner dem Buedem ass, mir wäerten dann och wéi an der 1. Phase scho musse vum Kanal deen haut do ass, vun deem groussse Profil, missten déi Dall dra setzen. Dir gesitt dat Gréngt sinn d'Konture vun der Strooss, wéi mir se haut hunn, an eise Kanal läit voll an der Strooss, dee musse mir frësch maachen.

Natierlech gëtt dat kontinuéierlech gemaach, mir fänken do un, wou mir bei der 1. Phase opgehale hunn, dat ass bei der BGL, a mir ginn dann an deem Takt no hanner weider Richtung Rue Dominique Lang.

Dat Ganzt wäert a Route-barréeën a verschidden Etappe stattfannen, sou dass um Maximum wou méiglech ass, nach ëmmer wäert d'Livraison an d'Riverainen erakommen, dat gesi mir och spéider nach eemol.

De ganze Gabarit tëscht deenen zwou Fassaden huet 12 Meter, do gesitt Dir hei nach eemol wéi d'Aarbechte stattfannen, lénks hu mir d'Situatioun wéi se haut ass, mat der Bëtongsdall, mir musse déi erneieren, natierlech, dee Profil ass extrem breet, bannen dran ass en 2 Meter breet, an de Gruef gëtt em déi 6 Meter breet, dat heescht den Trafic während deems wou do geschafft gëtt, ass do net machbar, do kann net nach lénks a riets ee laan-

scht de Gruef fuere während geschafft gëtt. Zemoos wa mir och nach Foussgänger laanscht goe musse loosse.

Dann dat selwecht fir d'Reseauen, déi ginn och laanscht 2 Fassade frësch gemaach, dat heescht, Gas Waasser, an divers aner Reseau wéi den Eclairage public an och d'Antenn.

Hei gesitt Dir dat Ganzt an engem Beispillschema.

Ganz wichteg ass et och ze erklären, dass mir am Trëttoir net genuch Plaz hu fir deemno wéi einfach kënnen niewent déi bestehend Reseauen neier ze leeën, dofir gi mir dann - wéi zum Beispill do wou Beem sinn - do gi mir dann dee Wee, dass mir fir d'éischt eng provisoersch Gas- a Waasserleitung musse leeën, do hu mir elo haut déi bestoend Gas- a Waasserleitung, mir schléissen eis dann am Fong mat de bestoenden Hauszuschlëss un déi provisoersch un, an dann an enger nächster Phase kënnen mir dann déi bestoend, déi haut do sinn, ausser Betrib huelen an dohinner déi definitiv nei Waasser- a Gasleitung leeën an da gëtt déi un d'Haiser ugeschloss an déi provisoersch gëtt erëm erausgeholl an dee Gabarit kann een dann notze fir anerer dranzeleeën.

Dat ass haaptsächlech do wou mer Beem hunn an den Trëttoir net breet genuch ass fir méi kënnen dranzeleeën.

Dann, hei gesitt Dir e Phaseplang, dee mir och an der Soumissioun scho matginn haten, do gëtt emol virgi wéi den Entrepreneur soll virgoen. Wéi am Ufank scho gesot, mir wäerten de Kanaldeckel frësch maachen an dat wäert am Ufank vun der Phase sinn, déi ganz Strooss gëtt opgerappt just fir de Kanal frëschzemaachen, et gëtt kontinuéierlech a klengen Ënnerphase gemaach, an ëmmer hannendrun, wann den Deckel frësch ass, gëtt nees zougemaach an och provisoersch e Macadam dropgemaach.

Dann duerno wäerte mir hei vir bei der BGL zu enger Säit ufänke mat den diverse Kanalschlëss, mat Gas a Waasserleitungen, a mat de Reseauen, sou dass am Fong spéider den Trafic awer nach kann op engem Tronçon lafen. Wa mir dann op dëser Säit fäerdeg sinn, switche mir eriwier op déi aner Säit, dat wier dann d'Phase 2 B, wou mir dann och déi nämmlecht Aarbechte maachen.



Dann, vun do aus eriwwer an déi kleng Jean Wolter Strooss, a wa mir do fäerdeg sinn, dann eréischt eriwwer an d'Phase 4 an an d'Phase 5 an dann e klengen Agrëff an der Rue Dominique Lang wou mir eis un déi bestoend Reseau mussen uschléissen an dann zum Schluss eréischt d'Finitioune, wou mir ronderëm d'Fassaden déi Detailer maachen, déi een herno optesch gesäit.

Ganz wichteg ze soen ass och nach, datt d'Installation de chantier um kleng Parking an der Rue Jean Wolter stattfënnt. Dee Parking, deen do ass, dee gëtt protegéiert, do kënn e provisoeresche Macadam driwwer, fir dass en och geschützt ass an duerno erëm an deem Zoustand ass wéi en och haut do ze fannen ass.

Dann nach eng Kéier kuerz zum Guidage vun de Foussgänger. Während där ganzer Chantiersphase wäerte 4 Panneauen op verschiddene Plazen opgestallt ginn, eemol uewe bei der Rue Dominique Lang an der klenger Rue Jean Wolter Gasselchen, eng Kéier bei der BGL an dee 4., do musse mir kucke wou mir dee genau hisetzen.

Op deem Schëld – Dir gesitt, dat si grouss Dimensionen – do wäert de Foussgänger ze gesi kréien, wou kann ech elo oder wou muss ech elo goe fir bei dat an dat Geschäft ze kommen. Dat heescht, den Entrepreneur muss wierklech all Dag kucken, dass déi 4 Panneauen à jour sinn, esoubal iergendwéi en Accès bei en Haus blockéiert ass, muss hien dee Panneau do upassen.

Dofir hu mir d'Missioun fir op der Plaz ze kucken, dass den Entrepreneur dat och da wierklech esou ëmsetzt. Mir ginn dann och eemol den Dag kucken, dass dat och wierklech klappt, dass d'Leit net e Wee uginn, wou se herno an enger Sakgaass erauskommen an de ganze Wee erëm mussen zeréckgoen. Natierlech mussen dann och Pläng placéiert ginn, fir ze soen dass een hei vun där enger op déi aner Säit ka goen ouni dass dann e grouss Panneau do ass.

Hei sinn dann nach zwee aner Modeller, wéi et kéint ausgesinn.

Hei och nach wéi virdru schonn eng Kéier gesot, de Projet ass blannegerecht, dat heescht, do gëtt et e Guidage op deenen 2 Säite vun der Strooss, wou d'Leit laanscht d'Fassad guidéiert ginn. Mir hunn

dann och zwou Zonen, wou Parkplaze sinn, à courte durée, souwéi d'Gemeng et am Fong dann och selwer astellt, wéi an der 1. Phase mat 30 Minutten, an dann och d'Zone de livraison, wéi se scho virdru beschriwwen ass.

Dann, wat d'Trafficsféierung vun där ganzer Chantiersphase ugeet, do hu mir den normalen Trafic ronderëm, dee wäert esou funktionéiere wéi bis elo och, dat heescht duerch d'Rue de l'Etang. Deviation selwer, gëtt och duerch d'Rue de l'Etang gewisen, dat heescht, all déi Leit, déi duerch d'Niddeschgaass fuere just fir derduerch ze fuere, déi ginn deviéiert, déi fuere uewe laanscht duerch d'Rue de l'Etang, an da bleift fir de Bus de Verkéier, dee gëtt do och laanscht geschéckt duerch d'Rue de l'Etang an dann uewen deen anere Bus, deen op de grouss Maart fiert, dee kritt eng aner Streck, eng Umgehung bausse ronderëm.

Dann hu mir d'Phasen, mir hunn eng Kéier de Szenario wou mir ufänke vir tëschent deem kleng Stéck, wou mir eis un déi 1. Phase uschléissen, wou mir hig bis an déi kleng Rue Jean Wolter Strooss, dee Moment ass den ieweschten Deel vun der Niddeschgaass nach fräi an och zougänglech fir d'Awunner an d'Livraison, nëmme déi dierfen dohinner fuere, all deen aneren Trafic dierf während der ganzer Chantiersphase net duerch d'Niddeschgaass fuere.

Dat heescht, dee Moment géifen se sou guidéiert ginn, dass se duerch d'Niddeschgaass kënnen eroffuere an dann duerch déi kleng Gasselchen eraus fir uewen an der Rue de l'Etang erauszekommen. Ënnen d'Phase 1 wäert dee Moment gespaart sinn.

Zone-de-livraisonen, där hu mir der eng Rei bestoender, déi grouss bestoend op der Plaz Am Duerf, mir hunn déi bestoend an der Rue Jean Jaurès, vu dass dann do d'Phase 1 zou ass, gëtt déi kleng Strooss och zur Verfügung gestallt fir Livraison, fir dass déi Geschäfte, déi am éischten Deel vun der Niddeschgaass net kënnen direkt beliwwert ginn, well dat dann eng Sakgaass ass, do kënnen hir Livreuren sech dann dohinner garéiere fir dann am Fong vun do aus auszeliwweren.

Mir hunn haut schonn eng Livraisonsplaz an der Rue Jean Wolter a während der Chantiersphase gëtt och nach eng gemaach an der Niddeschgaass op der



Héicht vun der Rue Jean Wolter. Dat misst da fir déi Spärgung, déi mir do hunn, mat deenen diverse Livraisounsplazen duergoe fir d'Livraisoun kënnen ze garantéieren.

Dann hu mir en zweeten Zeenario, mir schaffe vun der klenger Rue Jean Wolter bis erop a Richtung Rue Dominique Lang, dee Moment loosse mir den Trafic duerch d'Rue de l'Etang, duerch d'Rue Jean Wolter an dann duerch d'Phase 1 erëm eraus. Dee Moment hu mir dann an der Rue Jean Wolter, op der Héicht vun der Police, eng kuerz Streck, wou en Double sens ass, dofir ginn och do punktuell déi Parkplaze gespaart.

Dann och zu der Livraisoun an der Rue Jean Wolter, déi wäert och bleiwen.

Dann hu mir an der 1. Phase déi heutig Livraisounsplazen, déi och da weider zur Verfügung stinn an dann och d'Plaz Am Duerf an d'Rue Jean Jaurès.

Wéi virdrun ugeschwat, wäerten d'Aarbechten Enn Abrëll stattfannen, ugesat sinn 250 Aarbechtsdeeg, déi ganz Deviatoun wäert stattfanne während der ganzer Chantiersphase, sou dass an d'Niddeschgaass nëmmen dierfe Riverainen a Livraisoune eraufueren, déi aner fuere baussen iwwe d'Deviatoun.

Dann hate mer och nach geschwat, dass mir och beoptraagt si fir de Foussgänger-Guidage ze surveilléieren, an och natierlech ze kucken, dass dat all Dag kontrolléiert gëtt, dass mir mat de Panneau richteg leien, dass d'Leit do net an eng Sakgaass guidéiert ginn.

Dës weidere gouf dann och proposéiert, dass déi 1. Phase, während déi gespaart ass, heiansdo zur Verfügung gestallt geet fir kleng Manifestatiounen, vu que dass da keen Autosverkëier derduerch fiert. Fir eisen Deel wier dat dann alles.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, villmoools Merci fir déi zwou Presentatiounen, déi hei gemaach goufen, déi kënnen mir dem Gemengerot och zoukomme loosse, dann hutt Dir dat Dokument. Dofir Merci fir Är Presentatiounen an Erklärungen, elo ass d'Diskussioun op, wa Froe sinn, si mer hei fir déi ze beäntweren. Här Gangler.

Jean-Paul Gangler (CSV): Merci, fir mech ass déi Saach ganz gutt duerchduecht, ech hu just eng Fro: Elo zum Schluss hutt Dir déi Livraisounsplaz bei der Kierch gewisen: Wéi kommen déi Camionen dohinner?

Fueren déi dann déi Strooss, déi laanscht de Safe geet, erof, an dann dréinen se bei der Apdikt, oder wéi kommen si dohinner?

Oder fueren se uewen an déi Livraisounsplaz virum Parvis vun der Kierch eran?

Schroeder & Associés SA: Also, fir d'Camione wäert dat wahrscheinlech net klappen, mä fir Camionnettë wäert dat schonns klappe fir do ëm d'Kéier ze fueren. An der éischter Phase hate mir jo och schonn do e puer Livraisounsméiglechkeete ginn.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ok, an dann erëm uewen eraus.

Sylvie Andrich-Duval (CSV): Merci Här Buergermeeschter an och Merci fir d'Presentatioun, ech wollt wëssen, Dir hutt jo elo gesot, Dir hätt déi Aspekter vun der 1. Phase evaluéiert, ass och evaluéiert ginn, wéi de Flux vum Trafic de Moment fonctionnéiert, well et sinn awer nach ganz vill Autoen, déi do derduerch fueren, wahrscheinlech well et nach net ganz fäerdeg ass, mä ech mengen, déi Previsiounen, ginn déi an déi Richtung, dass mir d'Leit mat vir där zouener Öffnung, déi do signaliséiert gëtt, dass mir do se dann discouragéiert kréien?

Da wollt ech och nach wësse wéi während der Zäit vun dem Chantier och da villäicht Parkingsplazen, déi elo schonn do sinn, vläicht kënnen nach méi visibel annoncéiert ginn, fir dass d'Leit net ze vill ofgeschreckt gi fir an den Zentrum ze kommen, well de Parking Souterrain selwer gëtt net esou intensiv genotzt wéi et villäicht kéint sinn.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Merci Här Buergermeeschter, ech erlabe mir, eng méi allgemeng Prise de position ze huele vun der CSV aus. De Shared Space, den 11. Januar 2016, virun 3 Joer sote mir vun der CSV schonn, dass mir fir de Shared Space sinn, anerer hei am Sall hunn eng aner Vue, déi wäerte mir och hei wahrscheinlech nach ze héiere kréien. Och haut steet d'CSV och weiderhin hantert deem städtebaulech interessante Projet, eng Iddi, déi d'CSV och schonn ëmmer, nach zur Zäit vum Conny Theobald, promovéiert huet.



De Buergermeeschter huet et gesot, de Shared Space an der Niddeschgaass dierf een och net isoléiert kucken, et ass jo e Gesamtkonzept, wat mir och immens flott fannen, wat de Stadkär och soll opwäerten. 2006 war den Nico Steinmetz schonn hei, do huet en eis dat schonn erkläert, déi ganz Visioun déi s du och has, d'Gestaltung vum Mayrisch Park mam Areal ronderëm d'Kierch, deen och gutt gaangen ass, ausser dass e puer Beem ewechgehäit goufen, wat e bëssen zu Protester gefouert huet, mä soss war et awer ganz flott.

An dann de Projet Plaz Am Duerf, e Projet vun engem private Promoteur, dee jo och den eigentlechen Ausléiser war, dass mir dunn op eng Kéier drop opgespronge sinn an de Shared Space, déi 1. Phase, direkt ëmgesat hunn.

D'Realisatioun sollt dann an deenen 3 Phasen duerchgefouert ginn, den Här Buergermeeschter ass kuerz drop agaange firwat mir do hu missen de Switch maachen, dass Ponts et Chaussées am Fong net esou wéi se et versprach haten eis mat der Phase 2 begleet géifen, well do war et jo esou, dass Ponts et Chaussées een Deel sollte maachen a mir deen aneren Deel.

Et ass och einleuchtend dass fir dass mir net déi FEDER-Subside verléieren a fir d'Leit net ze laang op d'Folter ze spanen, wéi et dann elo soll weider goen, dass mir effektiv elo de Projet switchen. E kleng Bemol war, mir haten eng Fro un de Schäfferot gestallt, dass mir do net schrecklech frou waren iwwer e Mangel un Transparenz, dass mir dat aus der Zeitung gewuer gi sinn, dass do dee Switch war, mä bon, passons, mir kucken elo no vir a mir hoffen, dass de Projet dann och elo esou séier wéi méiglech op d'Bee gesat gëtt.

Voilà, wat och nach eng grouss Fro ass, wéi ass et elo mat der Finanzéierung? Wat kascht eis elo genau deen doten Deel? Ech hunn e bëssen am Budget 2019 gekuckt wat mir elo virgesinn haten. Wann ech kucken, d'Antenne collective, Renouvellement canalisation, Réaménagement Zone de rencontre, da kommen ech op 850.000 Euro, déi ech elo am Budget fonnt hunn.

Da kënnt nach dobäi Renouvellement eau potable - éclairage, do kommen ech op nach eemol op 335.000 Euro, da wiere mir op 1 Komma iergend

eppes Milliounen Euro, da wier et villäicht interessant ze wëssen, wéi d'Fraisen sech elo genau zesummestellen.

Dee wichtegste Volet ass awer elo d'Ëmsetzung vun der Phase 2 an do si mir och elo iwwer de Rescht vun der Niddeschgaass a wichteg ass, dass een transparent bleift an e kloren Dialog huet an déi Aarbechten och esou ugeet.

Aus den Aarbechte vun der Phase 1 muss een déi richteg Conclusiounen zéien, dat ass och scho gemaach ginn, wat ass gutt gelaf, dat maache mer da weider esou, awer virum allem, wat ass net gutt gelaf, an dat musse mir verbessern an déi wichtegst Partner, dat dierfe mir net vergiessen, niewent den Ingenieuren, den Architekten an de Gemeindevorsteher an de Bauunternehmen, déi wichtegst Partner sinn niewent den Awiner an der Niddeschgaass selbstverständlech eis Geschäftsleit.

Hei muss ech feststellen, dass mir als CSV et net ganz sënnavoll fonnt hunn, an och e bësse beleidegt waren, dass mir zum Beispill net an déi Reunioun d'information mat de Geschäftsleit den 2. Oktober invitéiert goufen, mä dass de Schäfferot déi Reunioun eleng mat de Geschäftsleit aus der Strooss gemaach huet. D'Geschäftsleit hunn eis informéiert, dass déi Reunioun war an d'Geschäftsleit hunn eis och gefrot ob mir och kéinte komme fir hir Doleancen ze héieren an de Geschäftsleit war et wichteg dass all Parteien hei banné wëssen, wéi eng Ängshten a Suergen se hunn, wann esou e grouss Chantier virun hirer Dier geplangt ass.

Dofir wëll ech nach eemol drop hiweisen, dass do den Dialog tëschent dem Schäfferot an dem Gemeindevorsteher gehappert huet an et war op Wonsch vun de Geschäftsleit, dass ech an déi Reunioun du gaange sinn an et war och ganz interessant, ze héieren, wat deene Leit um Häerz läit well e Shared Space ouni Geschäfte, dat ass en doudege Shared Space, da musse mir eis hei keng Méi maache fir dat flott ze maache wa mir d'Doleancë vun de Geschäftsleit net seriö huelen.

Ech weess och, dass et net evident ass fir eng Stad lieweg ze halen, et ass e groussen Challenge fir eis Geschäftsleit fir weider ze bestoen, momentan si fënnel eidel Geschäfte an der Niddeschgaass, eent vun deenen huet d'Gemeng gelount, wat eng Hëllef ass awer keng Léisung.



D'Stierwe vun de Geschäfte an de Geschäftszentren huet vill Ursaachen. Den Internet-Akaf ass eng vun deene Saachen, déi d'Geschäfte bedroen, awer och d'Accessibilitéit an d'Dauer vun esou Chantiere kënnen zum Dout vu verschidde Geschäfte bäidroen.

De Gemengerot huet jo och e Rôle, mir sinn net nëmmen hei fir alles duerchzewénken, mä mir hunn och e Rôle fir en toute connaissance de cause zu engem Vote ze kommen an och e Projet ze duerchlichten an ze hannerfroen an doriwwer ofzestëmmen an en och herno ze begleeden, dofir elo hei mäin Appell, et wier flott wa mir déi nächste Kéier mat invitéiert géinge ginn, de Buergermeeschter hat ugedeit, dass en dat wëll maachen an der nächster Reunioun, wat mir dann och immens gutt fannen.

Voilà, ech denken och, dass et e Punkt och war firwat eis Präsenz an där Reunioun mat de Geschäftsleit wichteg gewiescht wier, och fir hinnen ze weisen, dass all Conseiller interesséiert ass un deem wat si ze soen hunn an dass mir och alleguerten hannert deem Projet stinn an ech denken, dat wier e flotte Message gewiescht, dofir wéi gesot, da si mir och frou wa mir déi nächste Kéier eng Invitatioun kréien.

Elo kommen ech zu deene konkrete Froen, dat ergëtt sech aus deene Saachen, wou déi Leit an der Versammlung och gesot hunn, virun allem de Planning mat der Zäitschinn. Dir hutt elo hei gesot, 250 Aarbechtsdeeg, dozou gehéiere jo keng Samschdeger a Sonndeger, da kommen nach eemol 2 mol 52 Deeg dozou, da si mir bei 360 Deeg.

Dann ass meng Fro: Wéi gesäit et aus, de Buergermeeschter sot, wat jo luewenswäert ass, dass am Bordereau steet, dass d'Leit bis 19 Auer an och samschdes schaffen?

Wat och eng Fro ass a wat eng Méiglechkeet ass, dass ee ka froen, dass een zum Beispill och duerch de Congé collectif schafft.

Ech soen dat net einfach esou, well wéi et geheescht huet, dat dauert plus-minus 18 Méint, do sinn d'Geschäftsleit wibbeleg ginn an ein Raunen ging durch den Saal an si hu gesot, 8-12 Méint, dat packe mer, méi laang awer net.

Dofir wéi gesot, d'Propos déi gëtt et och, et kann een nach nuets schaffen, et kann een am Congé

collectif eng Dispense kréien, dat ass awer vläicht eppes wat weiderhi muss an Erwänung gezu ginn an eventuell och muss duerchgezu ginn.

Dann déi zweet Fro ass, an dat war jo och an der Reunioun diskutéiert ginn: Firwat mécht een et net esou, dass een déi 1. Etappe BGL-Wolterstrooss komplett oprappt a fäerdeg mécht, an ënnen awer opléisst, ech hunn elo net richteg verstane firwat mir am Ufank eemol alles mussen oprappen an erëm zou maachen an dann nees zeréckginn an der BGL-Wolterstrooss, an dann deen ënneschten Deel, dat musst Dir eis an de Leit dobaussen och nach eemol erklären an och de Leit dobaussen, firwat dat esou ass. Dat ass eppes wat d'Leit veronséichert huet. Dann ass opgerappt ginn, dann ass zougemaach ginn, dann hunn d'Leit geduecht, et wier fäerdeg an dann ass et nach eng Kéier vu viru lass gaangen.

Dann, e ganz wichtege Punkt, an den Här Buergermeeschter hat och gutt nogelauschtert, wat d'Leit an der Versammlung gesot hunn, dat ass de Racordement vun de Reseae un déi eenzelen Haiser, dat muss déi lescht Kéier zimlech katastrophal gewiescht sinn, do war anscheinend eng Equipe mat 2 Leit, déi per Handaarbecht alles ugeschloss hunn an dat huet net laang gedauert an dass do méi wéi eng Ekip soll schaffen, dat ass sécher och luewenswäert.

Wat och gutt ass, dat ass d'Propositoun fir de Parking 30 Minutte laang gratis ze offrëiere well ech denken, dat ass net nëmmen e Message un d'Geschäftsleit, mä och un d'Clienten an d'Diddelenger Leit a Leit, déi wëlle potentiell op Diddeleng akafe kommen, dass dat och soll esou gemaach ginn.

Zu der Livraisoun war nach an där leschter Reunioun mat de Geschäftsleit nach d'Propos komm, dass een am Duerf nach kann opmaachen a villäicht awer e Passage maache fir eriwwe ze goen an deen 1. Deel, dass een do och ka liwweren, also deen Deel, dee scho fäerdeg ass laanscht de Why Not.

Villäicht, wann do kee Bus fiert, kann een d'Haischen ewechhuelen, ech weess et net, wéi eng Méiglechkeeten hätt een do, dass ee vun dohir och kéint en Accès maachen an dann dat klengt Stéck wou nach bleift, wou déi Kräizercher sinn, fir d'Livraisoun notzen. Dir erkläert mer firwat dat da wahrscheinlech net méiglech ass.



Voilà, dann zu der Surveillance, dat fannen ech och ganz gutt, dass do en externe Büro engagéiert gëtt, dat war jo och eppes wat scho proposéiert gouf do an där Reunioun fir virun allem den Dialog mat de Geschäftsleit ze halen, dat war och eppes wat d'Leit ëmmer erëm gesot hunn: "Et ass emol keen, dee kucke kënnt wéi et eis geet".

An dat ass eppes wat wichteg ass, d'Geschäftsleit sinn d'Häerzstéck vum Shared Space an et geet einfach dorëms, hinnen ze weisen, dass Interêt do ass, dass mir hir Doleancen eescht huelen an ech fannen dat eng gutt Saach wa mir do e Büro huelen, deen dat mécht a mir wësse jo och, wéi schief dat jo gelaf ass an der 1. Phase mat der Signalisatioun, wéi kommen ech bei wéi ee Buttek, wéini muss ech d'Strooss wiesselen, an esou weider.

Dat fanne mir ganz gutt, dass dat elo soll e bës-selchen anescht gereegelt ginn.

Wou mir eis awer och nach eemol müssen zesummesetzen, dat ass och vläicht eppes wat een elo scho ka mat erwänen, dat ass iwwer d'Terrassereglement. Do hate mir eng grouss Diskussioun gehat, de Shared Space ass eng Begegnungszon, wéi wäit dierf een eng Terrass erauszéien a wéi net, a mir müssen dës Kéier oppassen, dass et net geet wéi bei engem Cafetier, dee par malheur just do, wou seng Terrass ass, och nach eng Parkplaz higeeknetzelt kritt huet.

Am ënneschten Deel, ech hunn elo ausgerechent, also just Pi mal Daumen, déi eng Säit sinn 3 Cafetieren a Restaurateuren, déi och emol eng Terrass ubidden an déi aner Säit sinn der 4, do muss ee kucken, dass mir de Leit net och nach d'deeglecht Brout huelen andeems mir hinnen déi Plazen, wou kéint eng Terrass sinn, dass mir déi hypothekéieren andeems mir do eng Parkplaz dohinner maachen.

Voilà, dat waren e puer Saachen déi ech wollt froen, och nach wéi ass et an der Wolter Strooss, do ass jo och dee Blumebuttek deen do ass, deen utiliséiert och déi ëffentlech Plaz fir seng Offer, fir seng Wuer ze presentéieren, ech huele jo mol un, dass dat da komplett ewechfällt a wéi laang ass do den Ausfall, dat wier och nach interessant ze wëssen.

Voilà, da kommen ech zur Conclusioun, d'CSV steet nach ëmmer hannert dem Projet vum Shared Space mä, wéi gesot, weist lech bei de Geschäftsleit, bleift

am Dialog mat hinnen awer och mat eis, mam Gemengerot, well mir ginn och oft ugeschwat a wat leeft a wéi steet et a wa mir näischt wëssen, da kënne mer de Leit keng Info ginn an dat fällt dann och erëm negativ op lech zeréck.

A wat och wichteg ass, de Schafferot ass de Bauhär, muss kontrolléieren, superviséieren, mä Dir musst och de Maximum eraushuelen. Bei engem private Patron, deen esou e Chantier mécht, do gëtt Damp dohannert gemaach fir dass et och an den Delaien ass. Dir hutt gesot gehat, et ginn Delaie fixéiert a Strofe gemaach wann se net agehale ginn, mir hu Léiere gezunn aus dem 1. Deel an hoffen och, dass mir dës Kéier méi eng kohärent an eng kontinuéierlech gutt Aarbecht maachen a virun allem, kuckt awer, dass dat ënnert engem Kalennerjoer fäerdeg ass well ech weess net ob et soss nach derwäert ass, e Shared Space opzemaachen, wa mir duerno keng Geschäfte méi hunn, déi et gepackt hunn iwwer dee laangen Delai, an denkt nach eemol iwwer de Congé collectif no, ob een do net ka bauen, dat war just nach e puer Iwwerleeunge vun eiser Säit. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech géif elo d'Geleeënheet notze fir op eng Rei Froen ze äntweren, technescher a politescher Natur, éier mir dann de Krees erëm opmaache fir weider Stellungnamen. Ech ginn d'Wuert elo weider fir op déi eenzel Froen anzegoen an da ginn ech och nach op e puer Froen an.

Nico Steinmetz (Steinmetzdemeyer Architectes urbanistes sàrl): OK, ech kann zu verschidde Punkte Stellung huelen, net zu allen, dat musse mir eis opdeelen.

Dat éischt, d'Evolutioun vum Trafic, de Suivi, wat ganz wichteg ass och ze verstoe beim Shared Space, ass dass am Konzept virgesinn ass, dass den Auto nach ëmmer en Deel ass vun eisem gesellschaftleche Liewen, datt am Fong net d'Zil ass, dass keen Auto méi soll do duerchfueren. D'Zil ass, dass de Foussgänger Prioritéit huet, dass de Foussgänger sech am ëffentleche Raum gutt spiert, dass dee fir d'éischt fir de Foussgänger ass, fir sech kënnen am urbane Raum ze deplacéieren, de Cycliste, alles wat Mobilité douce ass, dass déi emol d'Prioritéit hunn.



Dann, ganz kloer, an deem 1. Stéck wat mir bis elo gemaach hunn, dat ass relativ kleng, do kommen d'Autoe vun enger classescher Strooss mat Trètoiren, an da sinn se op eemol an deem klenge beigen Deel an da sinn se erëm ganz séier an engem classesche Stroosseraum, dat heescht, den Effet visuel, wou esou an enger Zone d'inconfort ass, ass nach net grouss.

Wann elo déi 2. Phase fäerdeg gëtt, do kréie mir deen Effekt schonn op vill méi enger laanger Distanz, do kritt den Automobilist e ganz anert Gefill wann en do duerchfiert, an dann ass net ze vergiessen, dat wat déi 2. Phase war, dass hei dee klengen Enkpass ass, wou mir och virgesinn hunn, eng Borne eventuell ze maachen, datt d'Autoe net méi kënnen do riicht fueren, mä dass wann se hei erafueren, da fueren se och do nees eraus an datt just déi Borne do erofgeet wann de Bus kënnt.

Dat ass wéi gesot déi 3. Phase dann elo. Ech mengen, dat ass dann nach e Punkt, deen an der 3. Phase nach méi decourageant gëtt fir den Transitverkéier.

Et ass ganz kloer, d'Philosophie vun der Zone de rencontre ass eben, déi Rencontre vun allem wat an eiser Gesellschaft als Mobilitéit ass, gëtt toleréiert mä et ass einfach net méi den Auto, deen d'Prioritéit huet, deen eng Gefor ass, dass do eng ganz aner Hierarchie vun den Utilisateuren entsteet an déi ass am Sënn vun de Foussgänger a vun de Commerçanten, well e Foussgänger, deen sech gutt am ëffentleche Raum spiert, dee mécht och, datt der méi kommen an datt d'Commercen à long terme nom Chantier nach kënnen dovunner profitéieren.

E Punkt vun de Livraisoune fir den Arrêt de bus ze deplacéieren, dat ass eng ganz ganz schwiereg Fro, well deen Arrêt de bus mat deem Porte-à-faux steet ganz fest am Buedem, dee kritt een net einfach mat e puer Schrauwe lassgemaach an nees erausgeholl, dat ass schonn en Ouvrage, deen do fest verankert ass an dem Wand an den Elementer widdersteet. Dat ass relativ schwiereg ze realiséieren.

Schroeder & Associés S.A.: Ech kann dann op de Planning agoen: Bei deenen 250 Schaffdeeg ass geplangt, vun 7 bis 19.00 Auer ze schaffen an dass dann sur demande et selon les besoins och samschdes geschafft gëtt, fir dass mer eben nach méi schnell weider kënnen kommen.

Mam Congé collectif ass et schwiereg well d'ITM et eigentlech just erlaabt wann een a Schoule schafft wéinst de Vakanzen oder wann een a Fabricke schafft, wou et eben zou ass, wou de Congé collectif ass an des weideren ass et den Entrepreneur, deen déi Demande ka stellen, et ass net d'Gemeng, déi déi Demande ka stellen, mä den Entrepreneur, fir kënne während dem Congé collectif ze schaffen.

Dat ass also eppes wat wahrscheinlech net grouss ass, dass et geet, mä wou awer eng Demande kéint gemaach ginn, am Fall wou dat nach ëmmer gewënnscht ass.

Soss, zum Phaseage, do war jo d'Fro opkomm firwat mir am Ufank déi ganz Dall vum Kollektor frësch maachen? Et ass esou, dass dat am Fong prefabrizéiert Betonselementer sinn a mir kënnen der do net eng 10 bestellen, 6 Méint näischt maachen an dann nach eemol ufänken, dat géif herno d'Zäit verlängeren.

Des weideren hate mir gesot, dass mir da just an der Strooss schaffen an net direkt bei de Fassade vun de Geschäfte, dat heescht, sou dass mir do Barrikade maache fir dass am Fong d'Leit trotzdeem nach kënnen laanscht d'Fassade goen ouni déi Aarbechten un der Dalle ze behënneren. Duerno géife mir, wéi de Planning et scho gewisen huet, wierklech versichen, vun der BGL bis bei d'Wolterstrooss déi 2 Säiten esou wäit wéi méiglech komplett fäerdeg ze maachen.

Dat si mir amgaange mam Entrepreneur auszeschaffen, wéi gesot, de Planning, do kann ech lech nach näischt Genaues soen, mä vu dass deen nach net 100% festgemaach ass, kënnen mir déi Gespréicher eréischt ab nächster Woch detailléiert féieren.

Trotz allem war jo och an der Coupe gewise ginn, dass et vill Reseau sinn, déi neizemaache sinn, och a verschiddene Phasen, dat heescht d'Lach muss dës Ëfteren opgemaach ginn, dat ass ebe leider aneschtens net méiglech. Mir versichen awer wierklech, dat Tronçon no Tronçon ze maachen, esou gutt wéi et geet. Dat war am Fong dat wat mir aus der 1. Phase versicht hunn ze verbesseren.

An der Rue Wolter, wéinst dem Florist, do ass et esou, dass déi Plaz, déi hien haut zur Verfügung huet, natierlech duerno reduzéiert gëtt, mir



versichen, esoulaang wéi den Trafic duerch déi Wolter-Gässelche geet, trotzdeem nach e bës-selche Plaz zur Verfügung ze ginn, mä spéitstens wann an der Wolterstrooss geschafft gëtt, da kann hien do näischt méi opstellen, dat geet da leider net.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech mengen, dat eent, do ass den Här Steinmetz drop agaangen, dat ass e Shared Space, et ass keng Zone piétonne wou zou ass fir Autoen.

Dir hutt lech och d'Äntwert selwer ginn, de Projet ass net fäerdeg. Wann de Projet bis fäerdeg ass, dann ass dat net méi esou aluedend fir duerchze-fueren an da wäerten och sécherlech manner Leit duerchfueren. Villäicht am Ufank net well vill Leit dat jo musse kucke goen, dat ass de Virwëlz vun de Leit, mä duerno berouegt dat sech. Et ass net ver-bueden, doduerch ze fueren.

An dat anert war - mir haten dat beim Budget kuerz ugeschnidden - dass mir amgaange si fir e Parkleit-system ze maachen, fir dee zwee Parkingen, de Fohr-mann an de Parking souterrain, dat ass awer elo kee Parkleitsystem wéi Dir en aus der Stad kennt, wou ugewise gëtt, et sinn nach 3 oder 10 Plaze fräi, dat hu mir jo zum Deel scho bei der Gare fir de Parking Souterrain, mä mir wëllen de Verkéier esou leeden, dass en net nëmme während dem Chantier, wou ee souwisou net duerch d'Niddeschgaass kënnt, mä dass een och nom Chantier déi zwee Parkinger di-rekt fënnt ouni mussen duerch de Shared Space ze fueren an ouni dass och Besucher direkt déi Parkin-gen fannen an dass se vun allen Agäng vun Diddeleng richtig geleet ginn, an esoumat éischtens de Park-ing besser kennzeechnen an zweetens de Leit Zäit spueren, dass se net méi musse ronderëm fueren an drëttens och eppes maache fir d'Verkéisssitua-tioun ze verbesseren, nämlech dass se och manner ronderëmfueren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech géif och nach op e puer Punkten agoen, Här Gangler, an da géife mer d'Ronn erëm opmaachen.

Ech géif do anhaken, wou d'Claudia Dall'Agnol opgehalen huet par rapport zu der Fro vun der Madame Andrich. Dir gesitt jo och an de Sliden, dass eng vun den Deviationen duerch d'Rue de l'Etang geet, do fält den Automobilist jo dann auto-matesch op de Parking Am Duerf, respektiv wann

d'Deviationen duerch d'Gaffelt geet, da fält en auto-matesch op d'Fohrmann Plaz, dat heescht iwwer dee Wee niewent deene Fléchagen, déi gemaach goufen an Diddeleng wat de Parking Am Duerf ugeet, kënne do och déi Deviationen automatesch d'Leit guidéieren.

Dann, par rapport zu de Froen a Stellungname vun der Madame Kayser: Et ass esou, dass mir méi wéi eemol an dem Gemengerot d'Méiglechkeet haten eng Evaluation ze maachen iwwert déi 1. Phase an et ass jo och esou, dass mer déi lwwerleeunge vun deene manner positiven Erfahrungen, déi mir gemaach hu ronderëm de Chantier, am Fong och mat geholl hunn, wéi hei verschidde Parteien un de Schäfferot erugedroe sinn an déi sinn am Fong och an d'Soumissioun mat agefloss.

Dofir deelen ech net déi Approche, dass mir net transparent waren, respektiv net agebonne waren. Mir hunn eis déi doten lwwerleeungen zu Häerz geholl, déi mir och selwer als Schäfferot konstatéiert hunn an och mat de Bierger gekuckt hunn an eis ass et virun allem drëm gaangen, an där Aarbechtssëtzung an Organisatioun och am Kader vun där Soumissioun nach eemol mat deene Leit eng Ronn ze dréinen, déi direkt vum Chantier concernéiert sinn an dat sinn eben nun emol och Geschäftsleit, fir och hir Evalua-tioun mat eranzehuelen, sou wéi mir och déi mat erageholl hunn hei vun de Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot.

Ech mengen, Dir hat och nach virdrun iwwer d'FEDER-Subside geschwat, ech hat ugangs vergiess ze soen, dass mir och deemnächst eng Reunioun hu mam Wirtschaftsministère, well dee jo och fir d'FEDER-Gelder verantwortlech ass, fir deem och nach eemol deen heite Projet, respektiv dee Ver-zug dee mir hunn, duerzeleeën. Si hu kee Problem domat, nach musse mir awer do noliwweren an och erkläre firwat dee Verzug hei ass, a firwat och dee Switch ass tëschent de Phasen, mir hunn se au Courant gesat mä si wëllen och méi am Detail Be-scheed wëssen, well esou wéi se och de Subsid dee Moment zougesprach hunn, huet dat op ee Phase-age baséiert, quitte dass deen elo hei ännert, dofir musse mir och do déi néideg Erklärungen ginn.

Par rapport zum Reglement vun den Terrassen, do wäerte mir dat selwecht applizéieren, wéi mir och bei der 1. Phase gemaach hunn: All deene Caféen,



déi concernéiert si während der Chantiersphase, verrechne mir natierlech keng Tax. Do applizéiere mir dee selwechte Prinzip, dee mir och haten. Dat zu Äre Froen a Remarken.

Jean-Paul Gangler (CSV): Ech hätt just eng Confirmatioun ze froen, déi mir den Här Steinmetz vläicht ka ginn. Et ass nach ëmmer Shared Space, och wann Dir elo sot, dat gehéiert net heihin.

Et hu Leit sech beschwéiert bei där Bushaltestell, déi d'Madame Kayser elo wollt deplacéieren, dass wann een do sëtzt, et onheemlech zitt. Ech mengen elo verstane gehat ze hunn, dass dat extra esou geduecht ass fir kee Widerstand géint Wand ze maachen.

D'Leit hu gefrot ob een dat net ka mat Plexiglas zoumaache fir dass et net esou zitt? Gesinn ech dat richteg, dass dat net méiglech ass well déi Bushaltestell soss en ze grouss Widerstand géint de Wand géif maachen a géif riskéieren, verbéit oder ewechgerappt ze ginn?

Nico Steinmetz (Steinmetzdemeyer Architectes urbanistes sàrl): Also, wann do eppes géif kommen, wier et besser kee Plexiglas. Glas kéint een deelweis maachen, et misst een uewen an ënnen oploossen. Dovunner ofgesi muss ee kucken ob dat wierklech stéiert. E Bushaischen ass haaptsächlech do fir viru Reen ze schützen, de Wand kënnt dee wierklech just vun de Laten, oder kënnt e vun der Längt aus der Niddeschgaass, a wann en do... mä wann de Wand wierklech aus där Richtung kënnt, ass dat eng Iwwerleeung, déi ka gemaach ginn. Et muss een eng kleng Verifikatioun vun der Stabilitéit maachen, well et ass jo awer en Effort, deen opkënnt, wéi wäit do nach Reservé sinn.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Ech hat nach ganz vergiess fir ze froen, éischtens mol de Präis, wat dës Phase kascht an ob mir do kee Vote maachen?

An dann, zweetens war och rieds vun engem Raccordement an der Dominique Lang Strooss, wësse mir do elo scho méi well do war ëmmer nach d'Fro dass een nach net weess, wéi eng Raccordement een do muss maachen. Wa mir elo mat där Dall a mat deene ganze Raccordementen kommen, wéi wäit geet dat dann nach eriwwe Richtung Mayrisch Park?

Do war jo dann och nach d'Fro, wéini maache mir dat? An eng aner Fro ass: Bleift dee kleng Parking, deen hannert deem éischte Wunnengsblock do ass, wou ee vun hanne bei de Zeemann an d'Apdikt kënnt, bleift deen accessibel oder ass dat an dëser Phase elo momentan keen Thema méi?

Dat war eppes, wat an där Sitzung gesot gi war, datt een dat nach misst kucken.

Dann nach eng Fro un den Här Buergermeeschter: Wéi wäit si mir dann elo mat Ponts et Chaussées, zäitlech gesinn, wéini fänke mir dann elo endlech déi Phase 3 do un?

Dat wier och interessant fir de Leit ze soen, grad an der Iddi, dass et eréischt e richteg Shared Space ass, wa mir déi dräi Phasen duerchgezunn hunn, dorëms geet et jo. Do wier et net oninteressant ze wëssen, wéini mir do weidermaachen.

Just eng kleng Remark: Bartreng war jo deen éischte Shared Space hei am Land an déi bauen elo hire Shared Space aus, hunn ech mer mol soe gelooss. Dat ass jo awer e gutt Zeechen, och vis-à-vis vun de Ministèren, dass do awer eng Akzeptanz awer och do ass. Merci.

Nico Steinmetz (Steinmetzdemeyer Architectes urbanistes sàrl): Just nach zu Bartreng ass no eiser gezeechent ginn, mir haten déi éischt gezeechent. Am Joer 2007.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Si haten och eng Rei Projeten am Stadkär déi mir effektiv éischter haten an déi si net haten. Dofir jo och dee Verzug, dee mer hunn, et huet alles eng Erklärungen. Här Martini.

Claude Martini (CSV): Wat ech ganz flott fannen, ass, dass d'Entrée net méi sou attraktiv ass fir d'Autoen.

Wat ech awer elo net gesinn hunn, ech wëll do just eng Erklärung dozou kréien, déi Entrée kënnt mir zimlech no bei der Strooss vir, an de Bus, ass déi Entrée accessibel fir all Bus oder just déi méi kleng Citybussen, respektiv, kommen do déi grouss Pompejesautoen och anstänneg eran an op där anerer Säit eraus, wa Stau ass, oder müssen se awer dréine fir eranzekommen? Dat war am Fong eng Fro, déi mir an de Kapp komm ass, wéi ech dat dote gesinn hunn.



Nico Steinmetz (Steinmetzdemeyer Architectes urbanistes sàrl): Den Accès entsprécht 100% de Virschräfte vum Code de la route. Also, deen Accès hei entsprécht de Virschräfte vu Ponts et Chaussées. Dat ass esou wéi si et gären hätten, wéi si et froen an de Rayon de braquage an alles ass etudiéiert gi fir Camionen, Pompjeeën an och de Bus an ech mengen, et ass deen normale Bus, deen hei kann doduerch fueren, dat muss elo kee kleng Bus, dat gouf esou etudiéiert.

Natierlech fiert elo kee mat 60 Km/h eran, dat wëlle mir vermeiden. E muss scho bremsen a kucke wou en hi fiert an oppassen, dat ass jo och d'Zil.

Wann elo e Stau an der Strooss ass an d'Pompjeeën wëllen eran, dann ass et wéi iwwerall, da mussen d'Autoe Plaz maache fir dass d'Pompjeeën duerch kommen, mä dat ass an deem heite Fall awer elo méi einfach well méi Méiglechkeete sinn, säitlech auszewäiche fir dass e Pompjeescamion kann duerchfueren, wat haut schwéier ass well iwwerall Autoe stinn a kee kann auswäichen. Voilà.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci, ech géif nach op zwee Punkten agoen an da géif ech dem Martine Bodry-Kohn d'Wuert ginn.

Also, par rapport zum Vote, dee brauche mir net ze maache well mir deemools hei am Gemengerot e Gesamtbudget gestëmmt haten, fir déi 3 Phasen, dat war am Januar 2016, do hate mir e Gemengerot, wou mir just iwwer de Shared Space geschwat hunn, respektiv ass deen heiten am Kader vun der Soumission – dat ass jo ëffentlech – estiméiert ginn op 3,5 Milliounen Euro, dës 2. Phase, respektiv, wat déi 3. Phase ugeet mat Ponts et Chaussées, do hu mir deemnächst eng Reunioun mat Ponts et Chaussées, well mir grad wëlle mat hinne kucken - quitte dass si Retard haten a mir de Switch gemaach hunn a flexibel waren - dass awer, wa mir mat der 2. Phase fäerdeg sinn, dass mir déi 3. Phase subsequent kënnen an Ugrëff huelen. Dat ass eben och déi Suerg déi mir hunn, quitte dass se Retard haten awer elo déi néideg Zäit hunn, fir hiren Dossier fäerdegzemaachen, ze ficeléieren, fir dass dee kann an d'Ausschreiwung goen, fir dass mir och d'Delaien agehale kréien, dat ass déi Suerg, déi mir als Gemeng hunn.

Dat war et nach zu de Remarken an dann ass et um Martine Bodry-Kohn.

Martine Bodry Kohn (LSAP): Merci Här Buergermeeschter fir d'Wuert, ech wëll nach just e puer Bemierkunge vun der LSAP hei lass ginn, an zwar dass mir natierlech ganz zefridde si mat dësem Projet an och dem Schännerot felicitéieren, dass hei keng Zäit verluer gaangen ass.

Wéi de Buergermeeschter elo grad erkläert huet, gëtt och weider Drock gemaach bei Ponts et Chaussées, fir dass weiderhin dee ganze Projet weidergedriwwen gëtt.

Mir goufen deemools viru vollendet Tatsaache gestallt, e bësse mat deem Versuch, Gott säi Dank ware mir hei zu Diddeleng, also de Schännerot, ganz flexibel an huet direkt dorobber reagiert.

Ech gesinn hei am Géigesaz zu der CSV keng Net-Transparenz, also et ass ganz vill gemaach gi fir eben am Dialog mat de Bierger ze bleiwen an och mat de Geschäftsleit, och do gëtt dauernd dorunner geschafft, d'Diere stinn och ëmmer op beim Schännerot wéi och bei allen aneren aus dem Gemengerot fir an engem dauernden Dialog ze bleiwen.

Weiderhi kann een och an där selwechter Richtung och verstoen, dass d'Initiativ geholl ginn ass, fir deemnächst hei e City Manager anzustellen.

Ech mengen dat weist och schonn, dass déi Doleancen an déi Suergen, déi de Geschäftszentrum huet, d'Geschäftsleit awer och d'Leit, déi hei zu Diddeleng kafen, déi hei zu Diddeleng liewen, dass déi eescht geholl ginn an dass dat Ganzt soll lieweg bleiwen, an dass dat e Full-time job ass, dat ass dëser Majoritéit bewosst an dofir ass och dat nach eemol hei ervirzesträichen, dat ass net esou, dass sech hei ausgerout gëtt, mä am Géigendeel, hei gi Léisunge fir all déi Problemer gesicht.

Wéi dann och schlussendlech d'Madame Kayser gesot huet, datt kontinuéierlech gutt Aarbecht hei gemaach gëtt, dat kann ech nëmme widerhuelen. Mir begréissen, dass de Projet Shared Space ouni Verzug elo weider geet, dass op alleguerten d'Suerge agaange gëtt, datt de Projet gutt duerch duecht ass, datt e finanziell ofgeséichert ass, dofir kënnen mir deem Ganzen nëmmen zoustëmmen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir déi doten Zoustëmmung. Jo, Madame Kayser.



Michèle Kayser-Wengler (CSV): Et deet mir leed, mä ech muss hei awer nach eemol nohaken. Ech hunn dat elo nach eng Kéier nogekuckt vum Budget, vun der Budgetisatioun, den 11. Januar 2016 hu mir 3,5 Milliounen Euro gestëmmt, an do huet et geheescht, dat wou mir haut doriwwer befannen, dat ass en Devis vun 3,5 Milliounen Euro, dat ass fir dee ganze Volet Reamenagement, Kanalisatioun, Sonorisatioun an am ganzen Total si mir op engem Budget vu 6 Milliounen Euro. Déi hu mir awer ni ofgestëmmt hei.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Dach.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Neen, ech mengen net, an der Entête ass d'Genehmegung vun engem Devis estimatif vun iwwer 3,5 Milliounen fraise fir Reamenagementsaarbechten an der Avenue Grande Duchesse Charlotte. 6 Milliounen Euro hu mir ni gestëmmt. Ech hat dat schonn nokuckt gehat déi leschte Kéier wou ech gefrot hat, wéi mir sollten iwwer de Croisement an der Libérationstrooss ...

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Jo dat war eppes Extraes.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Mä menger Meenung no hu mir déi 6 Milliounen Euro am Total ni ofgestëmmt. Mir haten am Januar 3,5 Milliounen Euro gestëmmt. Oder?

Romaine Goergen (Déi Gréng): Mengen och.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Dofir wier et hei net schlecht awer e kleng Budget ze stëmmen heivir.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Mir kucken dat um Niveau vun den Devisen no, ech sinn awer der Iwwerzeegung, dass mir déi 3 Phasen zesumme gestëmmt hunn, ech iwwerpräiwen dat, wann et sech erausstellt, dass et effektiv net de Fall ass, da komme mir dat an de Gemengerot maachen, well an der ganzer Planung si mir vun deem Montant ausgegangen.

Michèle Kayser-Wengler (CSV): Et steet och am franséischen Text "le Devis estimatif de 3,5 millions d'euros pour les travaux de réaménagement de Shared Space...", Neen, 2015 ass et net matgewielt ginn, dat waren ëmmer nëmmen déi 3,5 Milliounen Euro. Dat war de Budget fir d'Joer drop an dunn hu mir se erausgeholl fir explizit eng Kéier

doriwwer ze schwätzen an se nozevotéieren an dat waren 3,5 Milliounen Euro.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ech kucken eemol no wat mir och 2016 an de Budget gesat hunn a wat mir als Devis haten, mir ginn do dem Gemengerot Aufschluss. Keen Thema.

Robert Garcia (Déi Gréng): Merci fir d'Wuert, Här Buergermeeschter, ech wäert keng Froen hunn, et seet ee jo ëmmer, déi Gréng hätte keng Froen, déi hätten ëmmer nëmmen Äntwerten. Dofir ginn ech där Karikatur da gerecht.

Ech wëll dee kayserleche Wee novollzéien an och einfach e puer Saachen allgemenger Natur zum Shared Space soen.

Ech hu just fënnef Remarken dozou.

Déi 1. Remark ass Shared Space versus Foussgängerzon.

Déi Gréng waren déi eenzeg am Gemengerot, déi de Budget fir de Shared Space - ob en elo 3,5 oder 6 Milliounen Euro war - net matgedroen hunn. An hirer Interventioun vum Januar 2016 hat meng Kolleegin Romy Goergen nach liicht Zweifel opkomme gelooss, ob an engem optimisteschen Szenario de Shared Space sech dann awer net kéint esou schlecht wéi ugeholl entwéckelen. Mir hunn et schonn e puermol hei gesot an hunn dat selwer och in situ beobachtet, et koud schlëmmer wéi erwaart. De Shared Space ass e monumentale Flop.

Zweet Remark: Firwat e Shared Space a keng Foussgängerzon?

Eng Foussgängerzon beinhalt eng Zon, déi de Foussgänger virbehalen ass, fir dass se sécher, entspaant an ouni schiedlech Ofgase vun Autoe mussen anzeotmen, sech kënnen an engem Stadkär ophalen. A mengem Skript hunn ech dat iwwer Ofgasen net stoen, mä et ass mir elo einfach an de Kapp komm.

Wann een Zeitung e liest, déi net vun de Reklamme vun der Autosindustrie ofhängeg sinn - dat sinn der net méi vill -, da liest ee ganz oft vill Artiklen iwwer Grenzwäerter vun NOx an CO an CO₂ an do ass et kloer, well am Moment a kenger Strooss hei zu Lëtzebuerg Hydrogenautoen oder Elektroautoe



fueren, dass d'Pollutioun an esou enger Strooss extrem héich ass, a wann een sech laang an esou enger Strooss ophält, besonnesch mat kleng Kanner, déi op enger Héicht sinn, wou d'Auspuffen nach méi no sinn, da muss een domadder rechnen, dass schiedlech Emissiounen an d'Longen an an aner Kierperdeeler vun de Bierger a Biergerinnen afléisen. Dat gött ëmmer ofgedrängt an och net thematiséiert well, wéi gesot, déi meescht Zeitunge vun der Reklamm vun der Autosindustrie liewen. Dat wëlle ech elo mol eng Kéier hei gesot hunn.

E Shared Space huet also a priori weder eppes mat Reduzéierung vun Autosverkéier ze dinn, nach mat Facilitéite fir ze shoppen, well an engem Stadkär muss jo net onbedéngt nëmme geshoppt ginn. Et huet eppes mat Liewensqualitéit a mat Sécherheet ze dinn, dozou kann nëmme en autofräien Espace bäidroen, och wann dat nach net duergeet.

E Shared Space dréit weder zu der Liewensqualitéit ouni Ofgasen nach zur Entspannung vum Openthalt an enger City bäi.

Drëtt Remark: E Shared Space an Holland an e Shared Space zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuurger Stadtplaner, déi wuel een zevill an Holland gedämpft haten - dat ass net perséinlech gemengt, dat ass dohanne jo och legal an et gött jo och spéider legal hei - hunn op eemol erausfonnt, dass et do vill Shared Spacë ginn.

Ech si ganz vill an Holland, allerdéngs ginn et tëschent Holland a Lëtzebuerg zwee wesentlech Ënnerscheeder.

An Holland si Shared Spacen an der Regel ronderëm eng Foussgängerzon ugeluecht an dengen dozou, dass d'Bewunner awer och Zouliwwerer net mussen an eng Foussgängerzon erabrätschen, mä si deelen do den ëffentleche Raum mat Benotzer vun der Foussgängerzon, déi dann och wëssen, dass déi ab elo eriwuer ass an datt et elo erëm normalerweis heescht "freie Fahrt für Diesel und andere Dreckschleudern".

Hei zu Lëtzebuerg hunn d'Shared Spacen d'Tendenz carrément d'Foussgängerzon ze ersetzen an net ze ergänzen.

Den zweeten Ënnerscheid: An engem Shared Space an Holland fuere pro x Minutten 100 Vëlofuerer, trëppele 50 Foussgänger an tuckere 5-10 Autoen.

An engem Shared Space zu Diddeleng fuere 100 Autoen, ginn 10 Foussgänger op all Säit vun den 100 Autoen a woen sech zwee liewensmidd Vëlofuerer an d'Gewulls vun den nervösen SUV-Fuerer.

Allgemeng ass e Shared Space an engem Duerchgangsduerf wéi Bartreng net mat enger Stad wéi Diddeleng ze vergläichen, wou et ëmmer Alternative géif ginn, och fir an engem bëllege Parking ze parken, wann et da muss sinn.

Véiert Remark: En intermédiaire Bilan vum Shared Space zu Diddeleng.

Ech maachen dat elo e bësse wéi bei de Weight Watchers: vorher-nachher.

Vorher: Fréier gouf d'Niddeschgaass vu motoriséierte Gefierer, ofgesi vun den inevitabele Liwwerween, virun allem fir Duerchgangsverkéier genotzt an an enger zweeter Prioritéit fir op de Parkplaze virun de Geschäfte ze halen, occasionellement och um Trëttoir an do Akeef ze tätengen.

D'Gefierer sinn duerch d'Mëtt vun der Niddeschgaass gefuer, d'Foussgänger an d'Poussette waren um Trëttoir. Wann e Foussgänger wollt op déi aner Stroossesäit wiesselen, ass entweder bis bei deen nächste Zebrastreife gaangen, oder en huet gewaart bis grad kee Gefier komm ass an da schëtzege op déi aner Stroossesäit gaangen.

Nachher: Haut gött d'Niddeschgaass vu motoriséierte Gefierer, ofgesi vun den inevitabele Liwwerween, virun allem fir Duerchgangsverkéier genotzt an an enger zweeter Prioritéit fir virun de Geschäfte ze halen, net méi um Trëttoir well deen ass net méi do, mä dann eben do, wou fréier en Trëttoir mat Of-saz war, fir do Akeef ze tätengen.

D'Gefierer fuere duerch d'Mëtt vun der Niddeschgaass, Foussgänger a Poussette fuere lénks, wou fréier en Trëttoir war. Wann e Foussgänger wëll op déi aner Stroossesäit wiesselen, waart e bis grad kee Gefier kënnt a geet da schëtzege op déi aner Säit vun der Strooss.



Dee klengen Ënnerscheid tëschent fréier an haut besteet also am Wesentlechen an der Héicht vun 20 cm, déi fréier den Trëttoir vun der Chaussée ofgehewen huet, an déi elo net méi do ass, e Virdeel fir d'Poussetten, déi net méi mussen op den Trëttoir gehewe ginn, wann een net um Zebrastreifen eriwuer geet, e Virdeel fir d'Pneue vun den Autoen, déi net méi mussen den Héichtenënnerscheid zum Trëttoir iwwerwannen, mä elo zack kënnen dohinner parken, wou fréier den Trëttoir war.

Dir gesitt, den Ënnerscheid ass wesentlech. Dat Ganzt fir 3,6 oder 6 Milliounen Euro, dont acte.

Ech weess net, ob e Bilan vun der 1. Phase vum Shared Space gemaach gouf, Zielungen iwwer de Flux vun Autoen, Vëloen, Foussgänger? Wuel net well soss géifen se jo wuel hei presentéiert gi virum Ausbau vun de Phasen 2 an 3.

Zum Schluss zu de Verkéiersreglementer, déi kommen zwar eréischt herno mä ech kann dat elo direkt scho soen. Wann een elo ultra zynesch wier, géif ee jo fir déi Verkéiersreglementer stëmmen, well déi beinhalt jo, dass emol erëm fir eng gewësse Period vun 18 Méint - fir et op Däitsch auszudrécken - "die normative Kraft des Faktischen einer Fussgängerzone" op d'Niddeschgaass nidderkënnt. Allerdéngs net onbedéngt attraktiv als Shared Space fir Foussgänger, mä a Form vun engem Schantjen. Mä deen hätt et jo och am Zeenario vun enger Foussgängerzone ginn.

Eis Haltung zum Verkéiersreglement ass also ganz einfach: Vu dass mir géint de Shared Space sinn, si mir och géint déi Verkéiersregelen, déi dozou gehéieren, mä vu dass et déi Reglementer och an der Variant Foussgänger gi wieren, kënnen mir et bei enger Enthaltung beloossen. Merci.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci fir d'Stellungnam, gëtt et nach weider Stellungnamen? Dat ass net de Fall. Dat wëll ech weider net kommentéieren, ech wëll just soen, dass de Constat vum monumentale Flopp net gedeelt gëtt, mir zéien hei konsequent déi zweet Phase, respektiv déi drëtt Phase duerch, well et e Ganzt ass, et muss ee keng Scheiklappen hunn, wann een einfach emol kucke geet, wéi an deenen zwou gréisste Lëtzebuerger Stied d'Foussgängerzone funktionéieren, an hiren Impakt, an do gesäit een, wat d'Resultat ass a méi brauch ech net ze soen.

Voilà, dat zu der Presentatioun. Zu der Dominique Lang Strooss nach.

Schroeder & Associés S.A.: Jo, an der Dominique Lang Strooss, do schlësse mir deen neie Kanal mat der Dall un, a mir maachen do an deenen éischten Haiser d'Haususchlëss frësch fir dass dee Kräizungsberäich, déi Afaart erëm nei ass. Wéi wäit mir do ginn, musse mir en cours de route feststellen, mä de Parking do beim Zeeman bleift a priori awer accessibel.

Wéi gesot dat hänkt elo vun den Aarbechten of, déi mer do nach maachen. Dat musse mer dee Moment nach eng Kéier zesumme kucken.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Voilà, Merci de Kollegen a Kolleginnen am Gemengerot fir déi verschidde Remarken a Stellungnamen, et war jo eng Presentatioun, et konnt jidderee fräi seng Meenung dozou äusseren. Iwwer dat heite braucht elo net ofgestëmmt ze ginn.

Wat effektiv ofgestëmmt muss ginn, dat sinn natierlech d'Verkéiersreglementer, déi jo schonn deelweis presentéiert goufen an, wéi gesot, och d'Taxereglement, dat presentéiert d'Claudia Dall'Agnol nach.

Vu dass dat mech awer gefoxt huet mat deene knapp 6 Milliounen Euro, ass hei nach eemol nogekuckt ginn, an et waren all Kéier separat Voten.

Mir haten effektiv den 11. Januar 2016 déi 3,5 Milliounen Euro, mir haten awer den 11. Dezember 2015 déi verschidde Positiounen am Budget stoen, wat den Eclairage ugeet, wat d'Antenn ugeet, wat d'Waasser ugeet, wat de Kanal ugeet a wann een déi verschidde Positiounen zesummerechent, da kënnt een op déi ronn 6 Milliounen Euro.

Et war also engersäits am Budget Dezember 2015 am Kader vum Budget 2016 a mir haten ufanks 2016 den Devis estimatif eleng nëmme wéinst dem Reamenagement. Sou datt mer awer richtig leien.

Voilà, dat gesot komme mir eriwuer op d'Verkéiersreglementer.



2. VERKÉIERSREGLEMENTER

2.1. Confirmatioun vun engem dréngenden temporäre Verkéiersreglement während den Aarbechten an der Rue Jean Jaurès

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Ech mengen, do ass alles gesot ginn an och alles kommentéiert ginn, just well virdru vum Parking geschwat ginn ass, ass ze bemierken, dass während dem Chantier de Parking Wolter, deen tëschent der Rue de l'Etang ass an der Jean Wolter Strooss, deen ass fort, do gëtt d'Chantiersinstallatioun gemaach, fir dat nach eemol ze bemierken.

Zum Bus bleift ze bemierken, dass dee fiert wéi en och déi leschte Kéier gefuer ass, duerch d'Rue de l'Etang, do gëtt et elo näischt méi dozou ze soen, just wa grouse Maart ass, da muss en dee groussen Tour fueren, mä do ännert och näischt par rapport zu der éischter Kéier.

Ech mengen, si sinn dann op déi zwee Zeenarien agaangen, déi sech ëmmer erëm e bësse widderhuelen, dofir wëll ech dozou näischt méi soe well soss widderhuelen ech si.

Zu de Livraisounszonen ass och alles gesot ginn, Dir hutt och d'Froe scho gestallt, sou dass vu menger Säit näischt Besonnesches méi wier wat net scho gesot gouf. An et huet jo schonn eng Partei ugekënnegt, wéi se zum Verkéiersreglement steet. Mir mussen et awer trotzdeem nach eng Kéier ofstëmmen.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Merci Claudia Dall'Agnol, ginn et Froen dozou? Da stëmme mir of, wien ass mat dem Règlement temporaire averstanen?

Dat ass Stëmme vun LSAP, CSV, an den onofhängege Member Vic Haas.

Wien enthält sech? Dat ass Déi Gréng an Déi Lénk.

Villmools Merci, da gi mir op d'Approbatoun vum Taxereglement, dass mir eng hallef Stonn gratis maachen, wien ass mat deem Règlement averstanen? Dat ass dann déi gewinnten Unanimitéit. Merci fir déi Zoustëmmung. Här Gangler?

Jean-Paul Gangler (CSV): Entschëllegt, dat war mir e bësse séier gaangen, ech hat gemengt, dass mir nach iwwer déi Taxe géife separat schwätzen.

Ech hat do konkret eng Fro: Elo maache mir jo déi éischt hallef Stonn gratis. Gëllt dat elo fir dee ganzen Taxendeel vun Diddeleng, dat heescht bis an d'Zone résidentielle eran oder just fir den Zentrum?

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Alles. Also och de Parking souterrain. Mä dat steet am Règlement dran.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Domat hu mir dann deen Deel ronderëm de Shared Space vun der zweeter Phase ofgeschloss, ech soen lech Merci fir Är Präsenz, dem Bureau d'études Schroeder & Associés an dem Büro SteinmetzdeMeyer, wéi och de Gemeindebeamten an ech géif proposéieren, dass mir weiderfueren. Et sinn nach zwee aner Verkéiersreglementer, déi mir mussen huelen.

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schäffin): Dat eent ass de Punkt 2.1, do geet et ëm d'Rue Jean Jaurès, do geet et ëm d'Leeë vum Glasfaser. Vun der Poste gouf déi Strooss vun der Niddeschgaass aus bis bei dat aalt Postgebai an der Fuesvakanz gespaart, déi Stroosse huet misse gespaart gi well d'Schächt matten an der Strooss leien an d'Strooss esou enk ass, dass et net duer gaange wier fir nëmmen een Deel vun der Strooss ze spären an d'Autoen do laanscht ze loossen, zemoools well de Bagger och nach iergendwou muss stoen. Den Entrepreneur ass awer leider net fäerdeg ginn.

Firwat war et eng Urgence, majo well dat doten nach muss gemaach ginn éier mir mam Chantier Shared Space ufänken, soss hätten se dat eréischt kéinte maache wann de Shared Space fäerdeg gewiescht wier, well jo d'Autoe während dem Chantier vum shared Space duerch d'Rue Jean Jaurès respektiv duerch d'Rue de l'Etang fueren, dofir musse mir dann dat Règlement d'urgence hei nach eng Kéier confirméieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Si Froen dozou? Dat ass net de Fall, kënne mer dann doriwwer ofstëmmen? Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.



2.2. Confirmatioun vun engem dréngenden temporäre Verkéiersreglement während den Aarbechten an der Rue du Parc

Claudia Dall'Agnol (LSAP – Schëffin): Dann de Punkt 2.2, do geet et ëm de Parc, do rappt den Entrepreneur fir d'Glasfaser ze leeën den Trëttoir beim Haus 104 an der Parkstrooss op an de Foussgängersträife virun der Metzlerie ass do blockéiert, sou datt mer fir d'Foussgänger sécher ëmzeleede, hun missen e provisoresche Foussgängersträife maachen a mer missten do och e Règlement d'urgence huele well kee Gemengerot war an dee gëllt et dann haut ze confirméieren.

Dan Biancalana (LSAP – Buergermeeschter): Ass de Gemengerot domadder averstanen? Dat ass **unanime**, Merci.

Da wollt ech awer nach zwou Saache soen, eppes betrëfft de Shared Space, ech war virun drop agaangen, dass déi siwe Beem ewech kommen an duerch 22 neier ersat ginn. Déi Beem ginn e Mëttwoch ewechgeholl well mir vum Ministère de l'Environnement aus musse virum 1. Mäerz déi ewech huelen.

Dann awer och nach eng Annonce par rapport zum Projet Lidl, well do war och déi Diskussioun ronderëm déi véier Beem, déi sollten ewech geholl ginn, do hate mir jo als Gemeng am Oktober e Recours gracieux gemaach, doropshin hate mir och eng Entrevue am Ëmweltministère, et war och eng Reunioun op der Plaz mam Ëmweltministère, an och mat Ponts et Chaussées well de Staat ass Propriétaire vun deene Beem, wou mer hinnen nach eng Kéier d'Situatioun erkläert hunn, an et ass och d'Decisioun komm vum Ëmweltministère, dass just zwee Beem ewechgeholl ginn, dat sinn déi an der direkter Entrée vum Lidl an dass déi aner zwee Beem elo mol stoe bleiwen.

Dat heescht, do ass dem Recours vun der Gemeng Rechnung gedroe ginn an et ass esou, dass um Site selwer vum Lidl alles wat am Domaine public ass, well do gëtt och eng Strooss gemaach, do kommen 12 Beem an am Domaine privé kommen 30 Beem hin.

Also 2, déi ewech kommen an 42, déi zousätzlech dohinner geplanz ginn, och dat virum 1. Mäerz.

Dat gëtt de 5. Mäerz um 19.00 Auer gemaach. Ech wollt dem Gemengerot dat net virenthale well mir och schonn hei doriwwer diskutéiert hunn, well et och an der Press war an all déi concernéiert Acteuren, Här Garcia, wësse scho Bescheid. Voilà, sou dass all Mënsch et weess.

Da soen ech dem Gemengerot villmools Merci an dann hätt mer alles duerch.



save the date

